n° 10 /2023









# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 24.11.2023

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Standart, Ville de Dudelange
n°10 / 2023 - Parution: Février 2023 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 4

**1. CORRESPONDANCE** 6

**2. VOTE SUR LA RÉSOLUTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI LÉNK »** 7
Résolution de solidarité avec les salarié.e.s chez Ampacet Luxembourg S.A.

**3. CIRCULATION** 7
Modification du règlement général de la circulation – règlementation de la place Thierry Van Werveke et du chemin mixte (piétons et cycles) entre le CNA/CCRD et Skatepark

**4. ACQUISITION D'UNE EMPRISE** 9
Approbation d'un acte de vente avec les consorts Steinfort, Glodt et Thill au sujet d'une parcelle de terrain, emprise, sise rue de l'Indépendance

**5. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE DE DUDELANGE** 10
Approbation de l'organisation scolaire définitive de l'enseignement musical pour l'année scolaire 2023-2024

**6. FORÊTS COMMUNALES** 17
Approbation du plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2024

**7. MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI LÉNK »** 30
Augmentation de la visibilité des séances du conseil communal

**8. RÉSOLUTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI LÉNK »** 34
Résolution de solidarité avec les salarié.e.s chez Ampacet Luxembourg S.A.

**9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 37

# RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 5 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Alain Clement ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp (à l'exception du point numéro 5 de l'ordre du jour) ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

**1 – Correspondance**
Monsieur René Manderscheid, échevin, informe que lors de la remise internationale de l'European Energy Award à Lörrach en date des 16 et 17 novembre 2023, le prix Or de l'énergie a été décerné à la Ville de Dudelange pour ses efforts pour la protection du climat, pour l'efficacité énergétique et les énergies renouvelables.

Monsieur l'échevin remercie à cet effet tous les services communaux, tous les agents communaux, le conseil communal, le collège des bourgmestre et échevins, l'équipe climat et tous les citoyens de la Ville, ayant contribué à ce que la Ville soit récompensée par cette distinction.

Monsieur Dan Biancalana rend ensuite hommage à Monsieur Armand Strainchamps, artiste dudelangeois et national qui est décédé récemment et exprime, au nom du conseil communal de la Ville de Dudelange, les plus sincères condoléances à la famille du défunt. Armand Strainchamps est l'auteur de l'œuvre d'art installée dans le Centre sportif René Hartmann dans le cadre des prestations « Kunst am Bau » mais aussi de l'œuvre « Mam Velo op d'Schaff », visible sur le parvis de l'Hôtel de Ville de Dudelange. L'artiste est aussi connu pour ses nombreuses expositions dans les galeries d'art de la Ville de Dudelange. En 2011, il avait reçu le Prix culturel de la Ville de Dudelange.

Monsieur le bourgmestre poursuit avec l'information que les services communaux procèderont entre le 27 et le 30 novembre 2023 au remplacement d'un arbre situé sur la place Frantz Kinnen. L'arbre de l'espèce « ailante » (Ailanthus altissima) ne donnant plus de signes de vie, il peut constituer un risque à la sécurité. Il sera immédiatement remplacé par un érable (Acer platanoiddes « Clevefand »), étant donné que l'ailante fait partie d'une espèce exotique invasive.

**2 – Vote sur la résolution soumise par la fraction « Déi Lénk »**
Madame Carole Thoma, conseillère communale de la fraction « Déi Lénk », a soumis à l'assentiment du conseil communal une résolution de solidarité avec les salarié.e.s chez Ampacet Luxembourg S.A.. Après discussion, le conseil communal marque unanimement son accord pour porter ladite résolution à l'ordre du jour de la présente séance.

**3 – Circulation**
Avec 12 voix et 7 abstentions est approuvée la modification du règlement général de la circulation pour la règlementation du chemin mixte (piétons et cycles) entre le CNA/CCRD et Skatepark en tant que « zone de rencontre ». Le parking attenant à la brasserie, les places de stationnement réservées aux personnes handicapées ainsi que la place Thierry Van Werveke comme zone piétonne, livraison sont réglementés de même.

**4 – Acquisition d'une emprise**
D'un commun accord est approuvé l'acte de vente pardevant Maître Laurent Metzler, notaire de résidence à Differdange, aux termes duquel les consorts Steinfort, Glodt et Thill vendent à l'administration communale de la Ville de Dudelange une parcelle de terrain, emprise, sise rue de l'Indépendance faisant 2 centiares au prix de 50,- €.

**5 – Ecole régionale de musique de Dudelange**
Unanimement est approuvée l'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2023/2024 de l'école régionale de musique de Dudelange. Ci-après les chiffres clefs : 1'272 élèves inscrits dans des cours individuels, 1'256 élèves inscrits dans des cours collectifs, 312 cours de musique de chambre et ensembles, 67 enseignants. Les cours sont dispensés à Dudelange, Bettembourg, Roeser, Weiler-la-Tour et Kayl/Tétange.

**6 – Forêts communales**
A l'unanimité, est approuvé le plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2024, présenté par l'Administration de la nature et des forêts et résumé comme suit :

| | Investissements (EUR) | | | Revenus (EUR) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 64 600,00 | 108 600,00 | 173 200,00 | | 28 000,00 | 28 000,00 |
| Protection de la nature | 6 500,00 | 4 750,00 | 11 250,00 | | | |
| Sensibilisation | 62 000,00 | 45 000,00 | 107 000,00 | | | |
| Ressources cynégétiques | 1 300,00 | 500,00 | 1 800,00 | | 3 000,00 | 3 000,00 |
| Surveillance et Police | | | | | | |
| Logistique et personnel | 75 500,00 | 50 500,00 | 126 000,00 | | | |
| Grand total : | 209 900,00 | 209 350,00 | 419 250,00 | | 31 000,00 | 31 000,00 |

| Synthèse des récoltes de bois | Vol sur écorce en m³ | | |
|---|---|---|---|
| | Grume | Trituration | Total |
| Hêtres | 8,00 | 40,00 | 48,00 |
| Autres feuil. | | 95,00 | 95,00 |
| Epicéas | | 35,00 | 35,00 |
| - | 30,00 | 205,00 | 235,00 |
| Inconnu | 10,00 | 20,00 | 30,00 |
| | 48,00 | 395,00 | 443,00 |

**7 – Motion soumise par la fraction « Déi Lénk » : Augmentation de la visibilité des séances du conseil communal**
La fraction « Déi Lénk » a soumis une motion ayant pour but d'augmenter la visibilité des séances du conseil communal. L'auteure, Madame Carole Thoma, expose la motion. Après discussion et après y avoir apporté des modifications mineures, le conseil communal l'approuve à l'unanimité. Ainsi, le conseil communal invite le collège des bourgmestre et échevins, à publier la partie publique de l'ordre du jour avec toutes les pièces à l'appui sur le site internet de la Ville en amont des réunions du conseil communal ; de procéder de nouveau à l'enregistrement audiovisuel des séances du conseil communal et de publier les enregistrements, le cas échéant après un éventuel traitement technique, rapidement sur le site internet de la Ville ; à analyser le travail supplémentaire revenant au personnel communal par la reprise des enregistrements audiovisuels des séances du conseil communal et de procéder le cas échéant aux adaptations nécessaires du personnel ; d'analyser l'opportunité de retransmettre les séances du conseil communal en temps réel et de procéder le cas échéant à la réservation de crédits afférents et à l'adaptation nécessaire du personnel communal.

**8 – Résolution soumise par la fraction « Déi Lénk » – Résolution de solidarité avec les salarié.e.s chez Ampacet Luxembourg S.A.**
Madame Carole Thoma, conseillère communale de la fraction « Déi Lénk », expose la résolution par lui soumise. Les négociations pour une nouvelle convention collective entre les salarié.e.s et la direction de l'entreprise Ampacet Luxembourg S.A., implantée dans la zone d'activités Wolser à Dudelange, ont duré plus qu'une année jusqu'à la dénonciation de la convention collective de la part de la Direction. Le décret de non-conciliation de la part de la Direction du 8 novembre 2023 a eu pour conséquence directe que les salarié.e.s d'Ampacet Luxembourg S.A. ne sont dès lors plus couverts par une convention collective et se voient d'ores et déjà retirés de droits acquis. Dès lors , les salarié.e.s d'Ampacet Luxembourg S.A. ont annoncé vouloir lancer la grève dans ces prochains jours. Le conseil communal, après discussion, exprime, à l'unanimité son entière solidarité envers les salarié.e.s chez Ampacet Luxembourg S.A..

**9 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**
Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « Déi Gréng » au sujet du parking souterrain « Am Duerf », plus précisément en ce qui concerne sa gestion suite à une cyberattaque. La fraction « Déi Lénk » a remis des questions au collège des bourgmestre et échevins en ce qui concerne la situation de stationnement dans la rue du stade John F. Kennedy et au sujet de l'application du nouveau règlement-taxe sur les déchets. Il est répondu aux questions séance tenante. La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Des décisions relatives à la composition des commissions consultatives et au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. Fin de la séance vers 12.15 heures. •



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 24. NOVEMBER 2023

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An ech géif do kucken hei bei de Kolleeginnen a Kolleegen, ob se Punkten ënner der Korrespondenz hunn. Dat sin de René Manderscheid an ech selwer.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech si ganz frou an houfreg, als Ëmweltschäffen haut kënnen Iech matdeelen ze kënnen, dass mer als Gemeng Diddeleng de leschten Donneschden, de 17. November 2023 zu Lörrach als Gemeng geéiert gi si mam European Energy Award mat Gold. Dass dat en Zil, op dat mer laang schonn hischaffen, mir waren als Delegatioun do vertrueden, mam Cathy Mambourg, dem Claude Leners, dem Pit Demuth, dem Daniel Hurt an eisem Energieberoder, dem Thomas Rünnenburger. Mir sinn do geéiert ginn, wéi gesot, mat 80,9 Prozent vun eise Punkten.

Dir wësst, deen heite Präis, dee kritt een net geschenkt. Do muss een dee Moossnamekatalog relativ prezis ëmsetzen. An der wësst och, dass dee Moossnamekatalog, dat sinn iwwer 80 Punkten, deen ass ënnerdeelt a Kapitelen, wéi zum Beispill Mobilitéit, Offall, Energie an esou weider, deen erëm ënnerdeelt ass a konkret Mesuren, an ech wëll hei vun dëser Plaz dann awer un eis Leit Merci soen, déi op deem Theema geschafft hunn. Et sinn dat all eis Salariéen, Beamten a Fonctionnairen hei am Haus, déi do matgemaach hunn ënnert der Regie vun eisem Klimaberoder, den Thomas Rünnenburger, all eis Chef-de-servicen, déi déi Moossname mat him zesumme gekuckt hunn an och effektiv dann um Terrain ëmgesat hunn. Ech soen awer och dem Gemengerot Merci. Jo, de Gemengerot huet och eng ganz Rei Deliberatiounen unanime gestëmmt, fir kënnen op dee Wee hei op d'Goldmedaille ze goen. Och de Schäfferot huet eng Rei Deliberatioune missen huelen, fir kënnen op dee Wee hei ze goen. An och eist Klimateam, eist aalt an eist neit Klimateam hunn hiert dozou bäigedroen an natierlech och eis Biergerinnen a Bierger dobaussen.

Als Beispill, wa mer eis Offallproblematik uginn, mat eiser Mülltrennung, ass et och un eise Bierger, do matzemaachen. Alles dat gi Punkten an deem Katalog an duerfir, wéi gesot, alleguerten deenen Acteure villmools Merci fir dat Engagement an ech liesen Iech dann och den Diplom vir. "Der Gemeinde Düdelingen wird nach eingehender Prüfung und offizieller Auditierung der European Energy Award Gold für den Zeitraum November 2023 bis November 2027 verliehen. Düdelingen erhält diese Auszeichnung für die nachweisbaren und vorbildlichen Resultate in der kommunalen Energiepolitik." Dat do ass en Usporn fir eis, och an Zukunft esou weiderzemaachen, wéi mer ugefaangen hunn, an dat wäerte mer och hei zu Diddeleng maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, René Manderscheid. Elo huet d'Stad Diddeleng dann och endlech e Goldbarren an ass stolze Proprietär dovunner. Merci René Manderscheid, fir déi doten Ausféierungen an déi Prezisioun an, wéi s Du datt richteg gesot hues, ass dat natierlech en Usporn, dat weiderzeféieren.

Dann hätt ech nach zwee Punkten ënnert Korrespondenz, respektiv Kommunikatioun. Eng méi traureg Noriicht, déi eis gëschter erreecht huet, ass datt en Diddelenger Kënschtler, deen eng staark Verbonnenheet hat mat Diddeleng, och wa mer en ausgeléint hunn an d'Stad, wou en eng ganz Rei Jore gelieft huet, mee en Diddelenger Kënschtler an och grousse Lëtzebuerger Kënschtler, den Armand Strainchamps, deen huet eis verlooss an ech mengen, och d'Stad Diddeleng huet och vis-à-vis vum Armand Strainchamps eng ganz Rei Moossname geholl, fir en a sengem kënschtleresche Wierken ze ënnerstëtzen. Konschtwierker, déi och e bleiwende Charakter hunn, wann der bedenkt, an der neier Sportshal, am Centre sportif René Hartmann, wou mer effektiv och do schonn als Gemeng Virreider ware beim Kunst am Bau, wou mer an ëffentlech Gebaier och Konschtwierker hunn, do hu mer den Armand mat sengem Konschtwierk veréiwegt, mam Turnschong a verschiddene Faarwen, awer och méi rezent hei op der Gemengeplaz mat Wierk "Mam Vëlo op d'Schaff", e bëssen ee Clin d'oeil un d'Schmelzaarbechter hei vun der ARBED an awer och déi sëllegen Ausstellungen, déi hien awer och iwwer all déi Jore konnt hunn am Centre d'Art Dominique Lang, respektiv och 2011, wou hien och de Konschtpräis respektiv dann de Prix culturel vun der Stad Diddeleng kritt huet. Also, den Armand Strainchamps war ganz staark verbonne mat der Stad Diddeleng a mir drécke vun dëser Plaz aus senger ganzer Famill am Numm vun eis alleguerten eis opriichtegt Bäileed fir de Verloscht, och fir d'Famill respektiv awer och fir d'Lëtzebuerger Konschtzeen.

An dann nach en anere Punkt: Ënnert Korrespondenz hate mer virun zwee Deeg och d'Kommunikatioun weiderginn un d'Press. Mir wollten awer och dann d'Geleeënheet hei notzen, dësem Gemengerot matzedeelen, dass festgestallt gouf, dass op der Frantz Kinnen-Plaz de Götterbam, deen do steet, kee Lieweszeeche méi gëtt an am Fong iwwert dee Wee eraus och e Sécherheetsrisiko duerstellt an och deementspriechend ersat muss ginn an dass mer am Fong hei duerch och d'Geneemegung vun der Natur- a Forstverwaltung, deen ewechhuelen. Dat geschitt tëschent dem 27. an 30. November, dat och natierlech op Empfeelung hin, vun der Forstverwaltung an, laut de leschten EU-Direktiven, ass de Götterbam, deen do ass, och eng invasiv exotesch Aart a gëtt dann och hei ersat duerch en Ahorn

mat engem Duerchmiesser vun drësseg Zentimeter a fënnef Meter Héicht. Et ass wichteg, dass mer dat maachen, well och jo de Chrëschtmaart virun der Dier steet an och op der Frantz Kinnen Plaz en Deel vum Chrëschtmaart wäert stattfannen. Ech wëll awer och hei de Gemengerot informéieren, dass mer kee richteg soe kann, wéi et dozou komm ass well och mer begleet goufe vun enger Expertin, der Madamm Engels, enger Bam-Expertin, wärend dem ganze Chantier goufen effektiv do déi Beem selon les règles de l'art geschützt esou wéi dat och am Bordereau dra war. Do goufen och, wéi gesot, déi néideg Virkéierunge geholl, dat gouf suivéiert. Et goufen och wärend dem Chantier keng Problemer un de Wuerzele festgestallt. Wéi gesot, och eis Gäertner hunn dat suivéiert.

Et huet sech awer effektiv am Laf vum dësem Joer erausgestallt, dass de Bam net méi richteg ukomm ass. Et ass gewosst, dass natierlech och de Götterbam e Spätzünder vun der Espèce ka sinn, dofir muss och en Traitement nach weider gemeet ginn op Empfeelung och vun der Madamm Engels, wat eis Zerwisser och gemeet hunn, fir him eng nei Chance ze ginn. Dat huet sech awer erausgestallt, dass dat eeben net de Fall war, dass en net méi ukomm ass an, an dunn no enger weiderer Analys festgestallt gouf, dass en net méi ukënnt an do op Empfeelung natierlech vun der Forstverwaltung gesot gouf, dass mer e sollen ewechhuelen an duerch en neien ersetzen. Wéi gesot, dat fënnt tëschent dem 27. an dem 30. November statt, ass also eminent. Ech wollt dem Gemengerot dann dës Informatioun awer net virenthalen, wann e bësse méi lass ass op der Plaz Frantz Kinnen. Dat zu deenen dote Punkten.

## 2. VOTE IWWERT D'RESOLUTIOUN VUN DER FRAKTIOUN VUN „DÉI LENK"

**Solidaritéitsresolutioun mat de Salariéeë vun Ampacet Luxembourg S.A**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da muss ech nach hei och de Gemengerot saiséieren, fir awer - éier mer op den nächste Punkt iwwerginn - e Vott ze huelen, well der hutt gesinn, mir hunn zu spéider Stonn gëschter Owend eng Resolutioun geschéckt kritt vun der Madamm Thoma iwwer den ugedeite Streik bei Ampacet a vu, dass hei d'Urgence evokéiert gëtt, also wéi och effektiv d'Gemengegesetz virgesäit, muss de Gemengerot driwwer ofstëmmen, ob mer déi Resolutioun hei unhuelen, d'Urgence engersäits unerkennen an da formal gesinn och op den Ordre du jour mat ophuelen. Dofir froen ech hei, ass de Gemengerot mat där Urgence, déi hei invokéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime***, dann huele mer se mat op den Ordre du jour an da kann een och driwwer diskutéieren. Villmools Merci.



## 3. CIRCULATIOUN

**Ännerung vum Allgemenge Verkéiersreglement - Reegelung vun der Thierry Van Werveke-Plaz an dem Chemin mixte (Foussgänger a Vëloen) tëschent CNA/ CCRD a Skatepark**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, der kënnt lech erënneren, datt mer den 19. September hei op dëser Plaz Konventioune mam Fonds de logement guttgeheescht hunn an eng vun deene Konventioune behandelt och eis nei Plaz Thierry Van Werveke mat dem Wee fir dohinner, dat heescht, vum Skatepark a vum Centre culturel. A wéi der wësst, hu mer elo deen neien Accès beim Skatepark nieft der Plaz Thierry Van Werveke an d'Sécherheetsmesuren op där Plaz amenagéiert a fir dass mer am Fall vun enger Kontroll an no deenen Interventiounen, déi mer hei schonn am Gemengerot haten, och eng Handhab hunn an intervenéiere kënnen, musse mer dat Ganzt natierlech mat engem Verkéiersreglement am Gemengerot beleeën. A fir unzefänken, kéim d'Plaz Thierry Van Werveke dann emol an dat generellt Verkéiersreglement drastoen.

De Wee tëschent dem Centre culturel an dem Skatepark kritt méi e konformen Numm, well den Numm Vëlospist krute mer vun der staatlecher Verkéierskommissioun verworf. Elo ass et e Chemin mixte, deen also op ass fir Foussgänger a Vëlo a Liwwerungen. D'Plaz Thierry Van Werveke gëtt eng Foussgängerzon, wou de Vëlo awer kann driwwerfueren, domadder ass et dann offiziell, dass och keng Autoen däerfen do stoen an d'Liwwerungen si wärend den normalen Zäite virgesinn, dat heescht vun hallwer aacht bis hallwer zwielef. De Parking nieft der Plaz gëtt reglementéiert dann natierlech als Parking a wéi ech hei schonns den 19. September am Gemengerot gesot hunn, ass e fir de Moment och mol gratis. Sollte mer awer an Zukunft - dat hunn ech d'lescht Kéier och gesot -, sollte mer Abuse feststellen, datt sech do Leit annisten, déi mer als Laangzäitparker kënnen ausweisen, da komme mer natierlech direkt zeréck an de Gemengerot, fir deem Abus Astand ze ginn a mir beleeën et mat engem anere Verkéiersreglement. Dee Parking, dee kritt dann och dräi PMR-Plazen. Den Accès vum Skatepark soll eng Zone de rencontre ginn, domat kënnen d'Automobiliste maximal mat 20 Kilometer an der Stonn fueren. D'Fuerbunn gëtt och gedeelt zwëschent dem motoriséierten Traffik, dem Vëlosfuerer an dem Foussgänger an et wäerten och Mesurë getraff ginn, fir datt net ze séier gefuer gëtt.

A mat dëser Reglementatioun ass dann och verbueden, sech op deem Wee ze parken, an dat wäerten dann och eis Agenten, esou bal dat heiten a Kraaft ass, kontrolléieren, Voilà, fir all aner Froen ass eise Service Circulation an och de Micael Da Silva hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir dës Presentatioun an dës Explikatiounen an d'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech wollt just froen, ech verstinn elo net richteg, et ass also tëscht dem Skatepark an dem CNA, wou kee méi däerf fueren, ausser d'Liwwerungen. Dat heescht, et kann een och elo net méi mam Auto op dee Parking fueren nieft der Kantin, deen awer interessant ass, och well e Behënnerteplaze huet. Ech verstinn net richteg, vu wou bis wou dass et geet, wann een do vläit e Schema hätt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Gangler, sinn nach weider Remarken oder Froen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert, ma mir si scho mol frou, dass Diddeleng eng nach méi laang Foussgängerzon awer kritt huet dann, fir et dann emol positiv ze gesinn. Eng Fro, déi mer haten, wier eigentlech, wann een deen Deel hëlt vum CNA bis bei d'Plaz Thierry Van Werveke, do ass jo dann déi Foussgängerzon, wou d'Liwwerunge kënne vu siwen Auer drësseg bis eelef Auer drësseg stattfannen. Do op deem Zousazschëld stoungen aner Zäiten. Mir sinn der vun ausgaangen, dass dat war, well déi Piktogrammer einfach net do waren. OK. Déi aner Fro ass: Fannen d'Liwwerungen och iwwer déi dote Säit statt an der Praxis oder ass dat awer vun där Säit Skatepark bis d'Place Thierry Van Werveke, dat jo souwisou Zone de rencontre ass, wou souwisou méi motoriséierte Verkéier ze erwaarden ass. Dat wier esou eis Haaptfro zu de Verkéiersschëlder an zu de Reglementatiounen. Allgemeng wollte mer awer och nach soen, dass dee Parking mat senge fofzeg Emplacementer, natierlech ass et flott, dass direkt un dräi Parkplaze geduecht ginn ass fir d'Personnes à mobilité réduite.

D'Fro ass eebe just, e gratis Parking vu fofzeg Parkplazen huet soss kee Restaurant a Commerçant hei an Diddeleng viru senger Hausdier. Huet de Schäfferot dru geduet... huet d'Verkéiersabteilung dru geduet, do eventuell och ze froe bei deenen aneren Restauranten, respektiv Commerçanten, ob dat iergendwéi net awer onfair kéint sinn, dass d'Leit dann éischter d'Tendenz hätten, an eng Kantin iessen ze goe wéi an en anere Restaurant? Wann ech mech net ieren, am Park Le'h ass et och net gratis, do kann een dräi Stonne stoe gratis mat engem Ticket, dat ass awer reglementéiert. Ech mengen, de Geschäftsverband ass jo reegelméisseg hei och gefrot, wann et iergendwéi ëm Reglementéierunge geet an der Mobilitéit. Ass do heirunner geduet ginn? Voilà, dat war d'Fro. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Sinn nach weider Stellungnamen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, also ganz kuerz, ech mengen zwëschent zwielef a véierzéng Auer ass et iwwerall gratis an ab uechtzéng Auer och. Vun dohier ass et keng Concurrence déloyale a wann s de en Ticket fir dräi Stonne gratis kanns huelen an der Mëttesstonn, dann hues de scho laang giess an och gedronk, géif ech mengen. An dat anert ass zu de Piktogrammer. Ech huelen un, datt de Pit Demuth dozou nach eppes wëllt soen, dat kënnt ëmmer erëm op, och den Här Gangler huet dat schonn e puer Mol opgeworf gehat, déi Piktogrammer. Déi hunn eigentlech keen, wéi soll ech soen, kee rechtleche Wäert. Mir maachen déi ëmmer dobäi, fir datt d'Leit am Gemengerot och besser verstinn, ëm wat et geet, datt et méi illustrativ ass, et ass u sech eng Hëllefstellung, wou mir ginn, eigentlech misste mer dat net maachen. An déi Piktogrammer, wann een déi wëllt änneren, den Här Steffen sot et, déi sinn esou virgefäerdegt, wa mir déi wëllen ännere mat den Zäiten, dann ass dat e bëssen eng Sisyphus-Aarbecht, do muss een dann dra piddele goen. A vu datt se kee reglementäre Wäert hunn, maache mer dat praktesch net méi, well et einfach ze vill Zäit an Usproch hëlt. Mee ech mengen, wann ech elo nach eppes vergiess hunn, da kann de Pit Demuth dat soen a fir déi aner Froen, déi méi technesch sinn, ginn ech him souwisou direkt d'Wuert.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Merci fir d'Wuert, ech fänken da vir u beim Här Gangler. D'Fro war jo, vu wou aus ass dann den Accès nach accessibel? Also, haut kënnt een nëmmen nach bei d'Place Thierry Van Werveke iwwert de Skatepark eran, iwwert deen neie Wee, dee mer amenagéiert hunn. Dee Wee zwëschent dem Centre culturel CNA an der Place Thierry Van Werveke bleift just nach fir de Foussgänger an de Vëlofuerer. D'Liwwerunge ginn och aus Richtung Skatepark gemaach, dat heescht, déi mussen ugemellt ginn am Centre Culturel oder beim CNA an dann ass do e Portier, deen hinnen dann de Wee opméícht, fir dass se kënne mam Camion iwwer d'Plaz Thierry Van Werveke fueren, well dee fiert da warscheinlech bis bei d'Pomhouse oder bei de Waassertuerm, mee dee kënnt net vum Centre culturel iwwert de Parking do bäi, dofir mussen se ëmmer vum Skatepark aus hierfueren. An dofir steet och am Reglement dran, dass mer Livraisounen erlaben, well soss kéinte mer d'Pomhouse net méi beliwweren. Dat mat de Piktogrammer ass wéi d'Claudia Dall'Agnol scho gesot huet, mir gräifen op eng Datebank zeréck, do ass leider net all Cas de figure dran an duerfir musse mer eis op dat baséieren, wat do ass. Et ass och richteg, et huet keng legal Basis, et ass just eng Erklärung, fir ze hëllefen d'Reglement besser ze verstoen. An dann, dat mam gratis Parking, dat ass jo dann och scho gesot ginn. Domat misst ech op all Fro geäntwert hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Demuth.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt awer nach eng Kéier nohaken, ech sinn och do ganz bei deene Grénge mat, dass mer sollten awer dee Parking reglementéieren, well mir haten déi grouss Diskussioun deemools jo beim CNA, wou mer de Parking amenagéiert hunn, do mer och ge-

sot, et ass net nëmmen d'Restauratioun, et sinn och Leit, déi an der Museksschoul hir Kanner hunn oder déi an de Kino ginn oder esou an dat war eng grouss Diskussioun deemools ginn an ech fannen hei einfach, fofzeg Plazen, dat sinn der effektiv vill an et ass eeben och, zu Recht, déi Fro, déi déi aner Leit sech da stellen: Firwat kënnt do ee gratis Parking bei eng Aktivitéit, och kulturell? De VeWa mécht jo och Activité-culturellen a Restauratiounen an dofir verstinn ech net, firwat mer dat net direkt an engems maachen. Nach eng Kéier déi Fro, ech widderhuelen nach eng Kéier d'Fro vum Här Steffen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, genau, also Merci scho mol fir déi doten Erklärungen. Effektiv, de Message, deen déi meescht och e bësse schwiereg fannen, dat ass: Kommt mam Auto an eng Brauerei gefuer, et ass gratis Parking virun der Dier. Et ass schonn net de Wonsch, dass mer esou vill Parkraum bei enger Brauerei kreéieren, wou den Haaptbut jo awer trotzdeem d'Braue vu Béier ass, vun Alkohol, wou een sech net sollt hannert d'Steier setzen. Dat heescht, mir hu Parkplazen, versigelt Plazen, op Foussdistanz hannert dem CNA, méi wéi genuch. Wann et mol net duergeet, ass jo nach ëmmer eventuell vläit d'Méiglechkeet unzedenken, hannen déi Barrière opzemaachen, well do ass e risege Parking, wann elo zum Beispill esou zu Spëtzestonnen, wann an der Kantin eventuell en Event wier. An ech verstinn et vun dohier och wierklech net, dass ee schonn ufänkt, Reflexer iergendwéi bei de Leit ausléist an engem Quartier, dee soll à mobilité réduite, à mobilité douce, funktionéieren an do elo de Message einfach gëtt, 50 Parkplaze sinn hei gratis, kommt heihinner. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, gutt, d'Madamm Kayser huet d'Fro widderholl, ech widderhuelen da meng Äntwert. Ech mengen, ech hunn et gesot, et ass keng Concurrence déloyale, well fir de Rescht vun de Leit ass et déi Zäit, wou d'Leit iesse ginn, och gratis. Da misste mer et do eigentlech och payant maachen. Wéi gesot, mir kucken, wéi sech dat doten entwéckelt. Ech garantéieren Iech, wa mer bis feststellen, datt do Abus gedriwwe gëtt, da si mer méi schnell hei am Gemengerot wéi der mengt. Dat anert wat ech muss soen … an och dat hunn ech schonn hei am Gemengerot gesot … ech hunn hei zwar d'Impressioun, hei géif mer net nogelauschtert ginn oder et wier net gewollt, ze verstoen. Ech hunn eng Kéier hei gesot, datt dee Restaurant oder de VeWa oder alles, wat do uewe stattfënnt, muss accessibel si fir jiddereen. Et ass net fir näischt, datt mer och do elo och dräi PMR-Parkplazen nach bäimaachen. Der wësst, datt dee Quartier net grad extreem accessibel momentan ass.

Wann de Quartier Neischmelz, wéi den Här Steffen et richteg sot, wann dee bis fäerdeg ass a wann dat e Quartier à mobilité réduite ass, da wësst der genau esou gutt wéi ech, datt do wäert e Bus duerchfueren, datt eng aner Situatioun mam Zuch wäert do sinn, dann ass dee Quartier effektiv - esou wéi mir et och gären hätten - accessibel fir jiddereen, dee schlecht zu Fouss ass, fir eeler Leit, fir Leit mat enger Kutsch, a fir jiddereen. An dee Moment ass eng ganz aner Situatioun do. An dann, Här Steffen, da stellt sech effektiv déi Fro, ob mer iwwerhaapt nach dee Parking vu fofzeg Autoen do brauchen oder ob mer net sollen d'Leit sensibiliséieren, effektiv, wéi der sot, mam ëffentlechen Transport dohinnerzekommen. Mee esou wäit si mer awer nach net, dat ass awer nach e bëssen an der Zukunft. A wa mer awer gär hätten, datt jidderee ka vun deenen Aktivitéiten op dëser Plaz profitéieren - an ech mengen dat wëlle mer jo, mir wëlle jo awer hei keen ausschléissen - och dat hunn ech schonn eng Kéier an engem viregte Gemengerot gesot, ech mengen et war am September, da musse mer momentan deen dote Wee goen.

A wéi gesot, wa mer gesinn, datt do Abus gedriwwe gëtt, da maache mer dat selbstverständlech, da musse mer just nach diskutéieren, wéi beleeë mer et, der hat richteg gesot, an der Le'h mat engem Ticket fir dräi Stonne gratis oder maache mer et payant an an der Mëttesstonn fräi, dat musse mer dann nach eng Kéier diskutéieren, mee kommt mir probéieren elo mol ze kucken, wéi et leeft an da komme mer zeréck an de Gemengerot, wa mer wierklech feststellen, datt sech Problemer do stellen. Et ass jo séier geschitt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir nach eng Kéier déi dote Prezisiounen. Dann ass d'Diskussioun och schonn ofgeschloss. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

***Wien ass mat där Modifikatioun an där neier Reglementatioun hei averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, DP, ADR. Wien ass net domat averstanen? Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng, d'CSV an déi Lénk.***

Merci villmools. Ech soen och dem Pit Demuth an dem Micael Da Silva Merci fir hir Presenz.

# 4. APPROBATIOUN VUN ENGEM VERKAFSVERTRAG

**Approbatioun vun engem Verkafsvertrag mat de Konsorten Steinfort, Glodt an Thill iwwer eng Parzell Grundbesëtz an der Rue de l'Indépendance**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass en Acte de vente tëschent de Konsorte Steinfort, Glodt Ginette, Glodt Brigitte, Glodt Patrice, Steinfort Amelie, Thill Christian, déi verkafen der Stad Diddeleng an der Rue de l'Indépendance eng Parzell vun zwee Zentiar, fir eng Valeur vu 50 Euro an dat ass d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. Ass de Gemengerot mat deem Akt averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An da komme mer op deen nächste Punkt.



# 5. MUSEKSSCHOUL

**Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun vum Museksunterrecht fir d'Schouljoer 2023-2024**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt geet et ëm d'Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun, wat eis regional Museksschoul ugeet an do begréissen ech hei an eiser Ronn den Direkter vun der Museksschoul, de Bob Mohar, a säin Adjoint, de Laurent Felten. An ech ginn hei och direkt dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert, fir d'Presentatioun ze maachen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci fir d'Wuert. D'Diddelenger Museksschoul wäert och dëst Joer weiderhin op Konstanz, Qualitéit, Vernetzung an och Innovatioun setzen, esou wéi mer dat schonn eng Partie Jore maachen. De leschten 10. Juni hat d'Museksschoul - an do waren der eng Partie vun Iech och dobäi - hir Journée porte ouverte, wou traditionell dann och ëmmer déi éischt nei Inscriptioune fir d'Schouljoer gemeet ginn. D'Rentrée war och dëst Joer fir d'Schouljoer 2023-2024 eng ganz gutt mat enger Gesamtschülerunzuel vun 1 543 Persounen, dat ass déi Zuel, déi den 13. November festgehale ginn ass, an domat si mer och weiderhin déi gréisst regional Museksschoul hei am Land. Mir hunn och nach ëmmer méi weiblech Schüler wéi männlecher, nämlech 404 méi Meedercher wéi Jongen, dat sinn der eng ganz Partie. Falls der also Jonge kennt, déi wëlle Musek maachen, da maacht nach e bësse Publicitéit.
Aktuell hu mer siwenafofzeg regulär Enseignanten an zéng Remplaçanten, dat sinn der eng Rei méi wéi d'lescht Joer, wat haaptsächlech doduerch bedéngt ass, datt mer aktuell awer e puer Congé-de-maternitéen, respektiv Congé-parentallen ze ersetzen hunn.
Zwee Enseignanten hu ganz kuerzfristeg demissionéiert, soudass mer eng Partie Leit temporär hu mussen astellen, fir eebe kënnen dës fräi Tâchen ze iwwerhuelen an och eeben ze garantéieren, datt mer eis Coursë kënnen assuréieren.

Vläicht e puer Remarken zu der Presentatioun, wéi der se an Ärem Dossier virleien hutt an och de Verglach mat der éischter Deliberatioun vun der Schoulorganisatioun, déi mer jo am virleschte Gemengerot hei um Ordre du jour haten. Et ass Iech vläicht opgefall, datt d'Form vun der Schoulorganisatioun zanter zwee Joer eng ganz nei ass an nieft dem Resumé vun de Chifferen hänkt och elo de ganzen Detail ëmmer mat hannendrun. D'Schülerzuel war och liicht méi héich wéi bei der éischter Deliberatioun vun der Schoulorganisatioun an d'Zuel vun de Coursen ass an d'Luucht gaange vun 2 508 op 2 840 Coursen. Engersäits sinn zënter eeben där éischter Deliberatioun, déi mer hei hu missten huelen, nach Schüler ageschriwwe ginn, anersäits profitéieren zënter dass mer eeben och déi Offer an deem Danzberäich hunn, ëmmer méi Kanner a Jugendlecher vu Coursen an eeben eisen zwee Departementer.

Voilà, ech hunn elo probéiert, net an all Detail ze goen, well der d'Detailer, wéi gesot, zënter zwee Joer all an Ärem Dossier hat, wou der gesitt och, datt mer um richtege Wee sinn, respektiv datt d'Museksschoul um richtege Wee ass. Mir haten och eng Museksschoulkommissioun am Virfeld, wou dat doten alles awer eng Kéier presentéiert ginn ass an natierlech, wéi gesot, sinn eis zwee Direkteren, de Bob Morhard an de Laurent Felten, och hei fir op all aner Fro wat d'Museksschoul ubelaangt, ze äntweren an si kënnen och sécherlech nach méi an den Detail goen oder Saachen erklären a mech completéieren, falls dat sollt gewollt sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir dës Presentatioun. Da ginn ech d'Wuert weider un de Bob Morhard oder de Laurent Felten, falls se nach Saache bäifüge wëllen. Dat ass de Moment net de Fall, da maachen ech d'Diskussioun op fir Stellungnamen ze ginn. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och fir déi flott Presentatioun. Och Felicitatiounen der Museksschoul, Är Zuele ginn Iech jo recht, et ass eng Museksschoul mat vill Succès. Ech mengen, wat och flott ass, dass mer jo och déi Kollaboratioun mat deenen anere Gemengen hunn, et huet een och gesinn, déi Concerten, déi der och an deenen anere Gemengen hat, fir d'Museksschoul virzestellen, ech mengen, dat ass eppes, wat virun allem d'Elteren och ganz vill appreciéieren, dass se hir Kanner dann och op der Bün gesinn an dat ass natierlech och fir déi kleng Museker an déi kleng Dänzer en Usporn. An, wéi gesot, mir stinn do ganz gutt an eis Museksschoul huet jo eng gutt Renommée, dat ass jo och gutt esou.
Ech hu just eng konkreet Fro. Éischtens emol, déi enorm Zuel vu Schüler, also elo si mer iwwer fofzénghonnert, ech mengen d'Museksschoul, wéi ugefaangen huet do uewen an den CNA ze goen, ech weess net, wéi vill Schüler hat der do, wësst der dat nach vläicht zoufälleg? Dat ass vläit interessant ze kucken. Ech huelen un, dass do awer d'Gebai esou lues aus allen Néit platzt a Felicitatiounen, dass der dat esou kënnt koordinéieren, dass awer nach jiddwereen do seng Plaz fënnt.

Eng Fro ass just natierlech, duerch déi gratis Offer, déi elo existéiert, dass d'Leit eeben näischt méi brauchen ze bezuelen, wann se hir Kanner an d'Museksschoul aschreiwen, dat ass an den allgemengen Trend, an elo hunn ech héieren och wéi an anere Museksschoulen, dass d'Leit hir Kanner oft aschreiwen an dann awer och op eng Kéier dann einfach net méi kommen, esou no deem Motto, et kascht jo näischt, dann ass et jo wurscht, ob mer ginn oder net. Wéi sinn do Är Erfarunge bis elo? Ech mengen, do ass jo och e grousse Problem, dass wann der am Ufank esou vill Schüler hutt, da muss der jo esou vill Enseignanten astellen. A wann

da vill Kanner fortginn, bon, mir kënne jo keen entloossen. Ech huelen un, d'Aarbecht ass do, der kritt déi Leit nach verdeelt, mee wéi sinn do Är Erfarungen an oder Är Ängschten. Wéi gesitt der dat an ass dat eng gutt Iddi mat där gratis Offer, fir dat bäizebehalen? Oder wéi kéint een d'Leit dozou beweegen, dass d'Kanner awer kontinuéierlech an hire Cours kommen? Wéi ass et insgesamt mam Abandon?

Dann ass mer eppes opgefall, wéi ech dee Listing gekuckt hunn: der hat elo gesot gehat, mir hu siwenafofzeg fix Enseignanten an zéng Remplaçanten an du hat ech da gekuckt an deem Listing vum Contrat à durée indéterminée, do hu mer der fofzeg an siwwenzéng hunn en CDD. Sinn dat déi Remplaçanten? An dann, wie sinn déi aner siwen, also zéng Remplaçanten, hu mer gesot, an déi aner siwen, an hutt der d'Erfarung gemaach, dass mer oft mussen dann en CDD verlängeren? An, ech mengen, et ass jo wéi iwwerall warscheinlech, Du däerfe deen zwee Mol verlängeren an da gëtt et automatesch e Contrat à durée indéterminée. Wéi sinn do Är Erfarungen? An dann, wat mer net ganz kloer ass bei den Enseignanten, déi eng sinn am Statut vum Employé communal, dat sinn der zwanzeg, a siwenavéierzeg Leit sinn am Statut Salarié. A wéi ech dunn herno de Listing e bësse gekuckt hunn, do ass mer net ganz kloer ginn, ab wéini a wie kënnt an den Statut vum Employé communal, well et ass net ab enger gewëssener Zuel Stonnen, et ass och net eng Altersgeschicht, et ass och net, ob een Diplômé ass mat engem Master, also do ass mer net ganz kloer, wie kritt do dee Statut vum Employé communal, wéi leeft dat? Voilà, dat waren e puer konkret Froen. Wéi gesot, soss Felicitatiounen un Iech, huelt déi mat un Är Enseignanten. Mir si ganz stolz op eis Museksschoul, ech mengen alleguerten heibannen an, weiderhi  bonne chance fir d'Zukunft.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Sinn nach weider Stellungnamen? Ech géif als éischt der Madamm Thoma d'Wuert ginn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci fir d'Wuert an ech enchaînéieren dann do, wou d'Madamm Kayser opgehalen huet, nämlech och bei de Felicitatiounen a bei engem grousse Merci fir d'Ekipp. Fir mech ass dat heite ganz opreegend, well als al Ex-Schülerin war ech laangjäreg an der Museksschoul. Ech mengen, ech hunn e bëssen alles duerchgemaach, ënner anerem Coursë beim Bob Morhard a beim Laurent Felten. Dat war ganz flott an ech weess eeben och, dass déi vill Aktivitéiten an déi vill Concerten, déi organiséiert gi sinn, dass ëmmer immens vill Schüler och mat ganz vill Begeeschterung dobäi sinn. Mäi leschte Concert wou ech elo kucke koum, dat war den Drumming, dat ass ëmmer e ganz groussen Event, wou et dann effektiv och fir d'Elteren ëmmer ganz flott ass, wann se déi vill Kanner op der Bün gesinn. Ech hunn och just e puer Froen a Remarken. Dat éischt ass, et gouf jo effektiv d'lescht Woch eng Kommissioun, wou d'Schoulorganisatioun diskutéiert a virgestallt gouf. Leider louch d'Schoulorganisatioun anscheinend net vir an dat ass natierlech e bëssen ongléckelech. Also, ech krut gesot, déi hätt net virgeleeën an der Kommissioun, dann ass et natierlech e bësse schwéier, iwwer d'Schoulorganisatioun ze diskutéieren, wann se net virläit a wann een da just iwwerlaf gëtt mat Informatiounen. Da sinn ech awer ganz frou, dass elo de Rapport dës Woch nach vun der Schoulorganisatioun koum, well do waren e bësse méi Informatiounen nach dran, déi an der ursprünglecher Organisatioun gefeelt hunn, notamment d'Informatiounen zu der Unzuel vun de Schüler an e bëssen den Detail, dee war nämlech net an der éischter Schoulorganisatioun, déi mer kritt hunn an ech mengen, dat ass awer ganz interessant.

D'Madamm Kayser ass schonn drop agaangen, mir sinn elo bei iwwer fofzénghonnert Schüler. Mir hunn der nach siwenanzwanzeg op der Liste d'attente stoen. Dat sinn 110 Schüler méi wéi d'lescht Joer do waren an d'lescht Joer waren awer och 110 Schüler op der Liste d'attente, dat heescht, ech weess net, ob een dat esou ka vergläichen, mee dat heescht, déi gouf quasi ganz ofgeschafft, déi Liste d'attente. Ech mengen, dat ass ganz positiv, wéi et och elo scho gesot gouf. d'Museksschoul huet vill Erfolleg. D'Fro ass eeben effektiv, wat ass de Plang? Gëtt et iergendwou eng Limitt mam Wuessen? Well dat eent ass effektiv d'Fro mam Gebai, do kann ech mer och virstellen, dass dat esou lues e bëssen enk gëtt. Déi aner Fro ass natierlech, bleiwen een net ab enger gewëssener Gréisst iergendwann déi intern Relatiounen e bëssen op der Streck, wann een ze grouss ass? Ech weess net, ob een sech do Gedanke gemaach huet, wéi wäit een nach wëll wuessen? An natierlech muss een awer kucken, also ech mengen, et ass och flott, dass all déi Kanner, déi wëlle Musek maachen oder danzen, dass si dat och kënne maachen, mee ech froe mech, ob een do schonn sech déi Froe gestallt huet.

Dann ass et jo och esou, dass säit e puer Joer de Transport vun de Maison Relaisen organiséiert gëtt, wat mengen ech, an den haitegen Zäite ganz wichteg ass an du wollt ech einfach eng Kéier froen, ob dat nach gutt klappt a wéi grouss den Interêt do ass. Da kënnt dann elo d'Ex-Schülerin a mer eraus, wou ech effektiv e puer Froen hunn, zu e puer Coursen, wou ech net verstanen hunn, wat et ass. Dat eent, dat ass déi Formation libre, déi op null Stonnen ass, sinn dat, d'Adulten, déi keng Exame maachen oder wat ass dat? D'selwecht fir de Solfège moyen spécialisé 1, dat wosst ech och net, wat et wier, an d'Formation musicale accélérée, dat hunn ech och nach ni héieren. Vläicht kann een dat just kuerz erklären. An dann hätt ech och nach e puer Froen zum Personal, déi sinn elo gréisstendeels vun der Madamm Kayser scho gestallt ginn. Mir ass och opgefall, dass mer awer relativ vill CDDen hunn, ech hu mer soe gelooss, dass dat normalerweis esou wier, dass een déi quasi als Proufzäit benotzt, dass een zwee CDDë vun engem Joer mécht, fir einfach ze kucken, ob dat funktionéiert. Dat erschéngt mer scho logesch. Ech hu mech just gefrot, ob et do net theoreetesch géing duergoen, wann ee just op ee Joer géing en CDD maachen, dann huet ee jo schonn no engem Joer gesinn, normalerweis, ob dat funktionéiert. Ech verstinn awer, dass een domadder wëll eng Kéier ee Joer duerchgoen, fir ze kucke wierklech, op ee Joer ob dat da funktionéiert.

Dann hat ech déi selwecht Fro wéi d'Madamm Kayser, och wat d'Konditioune sinn, fir Employé communal ze ginn. Do hunn ech nämlech och keng Logik dra fonnt. An dann hunn ech gesinn, dass nach ganz vill déi

“al E-Karriären” do dra sinn, do kennen ech mech elo wierklech guer net aus, mee ech hu mer soe gelooss, dass anscheinend säit Juli en neit Gesetz ass, nodeems sollen d'Enseignanten an hir Karriäre reklasséiert ginn an dass dat och an anere Schoule scho gemaach gouf an dass dat hei zu Diddeleng anscheinend nach net gemaach gouf. Do wollt ech just eng Kéier froen, firwat dat nach net gemaach gouf, ob dat esou ass, ob et do vläicht nach Onkloerheete gëtt, an an der Kommissioun gouf gesot - dat stoung zwar net am Rapport vun der Kommissioun - mee dass déi nei Enseignante misste Formatioune maachen ausserhalb vun hirer Aarbechtszäit, do wollt ech och just froen, ob dat esou ass a firwat dass dat esou ass. An eng leschte Fro: Anscheinend seet och dat neit Gesetz, dass d'Sproochekonditiounen elo mussen direkt erfëllt gi vun den Enseignanten. Dat stellen ech mer a verschidde Fäll vläicht e bësse schwiereg fir, do wollt ech just eng Kéier froen, wou mer do dru sinn, wéi dat ausgesäit? Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, fir déi dote Stellungnam a fir déi ganz Batterie vu Froen. Nach weider Stellungnamen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci der d'Wuert. Et wier elo méi einfach gewiescht, ech hätt mech de Felicitatiounen hei kënnen uschléissen, wéi un der Madamm Thoma hir Panoplie u Froen, well do war effektiv och alles vu Froen der bäi, wat mer eis esou erausgeschriwwen hu bei deenen zwee, dofir widderhuelen ech dat elo net. D'Felicitatiounen an och de Merci un all déi involvéiert Leit géing ech awer ganz gäre widderhuelen, well effektiv, dat ass de Retour, dee mir och bei eis am Fong kritt hunn, dat ass, dass dat relativ flott ass alles dat wat stattfënnt, dass d'Leit ganz begeeschtert sinn, déi dohinner ginn an d'Musekschoul an dass ëmmer eng lass ass. Wat virun allem och bei eis - also ech widderhuelen elo net alles, wat meng Virriedner gesot hunn, dofir maachen ech et kuerz - wat virun allem och nach bei eis gefall ass, dat sinn och déi flott Stagen, déi reegelméisseg organiséiert ginn, wou elo rezent nach ee war a wou een och de groussen Engagement vun deene Leit gesäit, déi do am Coup mat dra sinn a wou d'Kanner an d'Elteren awer och gesinn, wat mir do fir eng Chance hunn, fir esou ekipéiert ze si mat esou enger Museksschoul. Déi méi Abandonen an deenen éischte Wochen hunn eis och e bëssen esou stutzeg gemaach. Ech mengen, dat stoung am Rapport vun där leschter Kommissiounssëtzung. Mir hunn eis dat elo esou erkläert, dass dat vläit och Leit sinn, déi einfach vun der Geleeënheet wëlle profitéieren, mol en éischte Kontakt mat där Museksschoul ze huelen an einfach eng Kéier ze kucken, ob dat eppes fir se ass oder ob et näischt fir se ass.

Natierlech mécht dat eng Organisatioun schwiereg. Et bitt awer vläit deene Jonken oder deene manner Jonken dann awer d'Geleeënheet, ze soen, dass se sech an d'Musek vläit lancéieren. Dann hu mer nach zwou Klengegkeeten, déi mer réckgemellt kritt hunn, wou mer wollte froen, ob et do effektiv e bësse méi schwiereg bei Iech ass. Dat ass engersäits d'Réckmeldung, dass am Sekretariat relativ vill Duercherneen ass, dass et heiansdo schwiereg ass, well ee mat verschiddene Leit ze dinn huet. Dat war an der Zäit mol - éier eng wäertgeschätzte Kolleegin do an d'Pensioun gaangen ass - war dat vill méi organiséiert a vill méi strukturéiert. An dat anert, dat ass de Retour vum Internetsite. Den Internetsite ass, wéi et schéngt, och net esou, dass d'Leit séier d'Informatioune géinge fannen an do gouf de Wonsch am Fong geäussert, fir dee vläit à jour ze setzen, well et net ëmmer evident ass, tëschent Agenda a Kalenner do en Ënnerscheed ze maachen, wat wou steet. Sou, dat sinn déi Retouren, déi mir kritt hunn, wou mer gefrot hunn. Perséinlech sinn ech net dee Musikaleschsten. Ech hu mer fest virgeholl, mech an deen Dossier méi eranzeknéien. Vläicht huet et och dru geleeën, dass deemools keng gratis Musekscoursë waren an ech net konnt schnuppere goen. Mee voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, den Här Clement huet d'Wuert.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hunn elo keng Fro, déi ech do kann enchaînéieren. Ech hu just och ëmmer dat grousst Gléck oder wéi soll ech dat bezeechnen, dass ech däerf zur Museksschoul schwätzen. Ech selwer war och Schüler do, ech hunn elo mol eng Kéier kuerz am Kapp ausgerechent, ech mengen ech hu scho mat dräi Joer ugefaang, also ëm déi Zäit ass dat nach iergendwou gaangen. Ech weess net, ob et elo haut nach geet, also souz ech schonn do bei de Proffen, ech mengen, deemools war den Här Schons Direkter, an dat war och eng, wéi soll ech soen, eng Institutioun deemools. Mir Kanner hunn deen och net gefaart. Ech denken, der sidd och net ze fäerten. Do war et esou, wann een ee schlecht gespillt huet an et huet een der bäi geziddert, dat huet dem Direkter esou leed gedoen deemools, dass een awer net esou schlecht da finalement krut. Ech ka mech un déi Zäiten erënneren, wéi d'Museksschoul eng Ecole régionale ginn ass, ech mengen, dat huet deemools de Buergermeeschter Louis Rech nach verkündet. Haut, wann ech déi Zuele kucken, 1 537 Schüler, bon, ech weess net, wou mer se deemools higesat hätten, haut schéngt et jo ze klappen. Där laacht alleguer, d'Gebai huet nach keng Räss. Dat ass jo haaptsächlech am Éveil musical an am Danz, wou déi Schüler bäikommen an ech fannen, grad op deene Klassen ass et flott, dat kritt een a mengen Ae gutt geréiert. Et ass jo och net esou, dass aus deene Schüler alleguerte musse professionell Museker ginn, mee ech denken, d'Madamm Kayser gëtt mer Recht, dass Musek fir d'Entwéckelung vun de Gehierer extreem wichteg ass a weesentlech méi wichteg wéi en Handysspill, wat gutt ass fir d'Motorik vun deenen zwee Daumen.

Also, hei gi mer mat der Musek weesentlech méi wäit. Et huet eng ganz staark sozial Komponent. An deen Erfolleg, dee mer hunn, ass jo net nëmmen op d'Gratuitéit zeréckzeféieren, der sidd och gewuess all Joer, weess ech, wéi dat nach net war. Ech mengen, dat ass wierklech och op de Merite hinzeféiere vun Ärem Engagement, vum Engagement vun deenen zwee Direkteren, vum Enseignement och. Ech mengen, dat muss een esou feststellen, soss wier dat do esou net ze stemmen. Dat eenzegt, wou ech mech ëmmer driwwer wonneren, et ass elo einfach ee Beispill, wat déi Gréng elo bruecht hunn. Déi soen, anscheinend ass hinnen zu

Ouere komm, ass den Internetsite net gutt accessibel. Also, ech kann Iech eent soen: Wann ech hei am Gemengerot optrieden, dann hunn ech dat iwwerpréift, wat ee mir zoukomme gelooss huet, da kënnt dat net zu esou enger Ausso. Well dat muss een iwwerpréiwen, éier een dat an d'Ronn seet, well do kann een sech och mol eng Kéier ferm blaméiere mat där Ausso. Dat war alles, wat ech wollt dozou soen. Ech hat nach e puer Saachen, mee loossen dat elo sinn. Ech wëll den Direktere Merci soen, den Enseignantë Merci soen. der hutt eng topp Aarbecht geleescht a wa vläicht och ee klenge Punkt um Internetsite wier, ech mengen, der sidd an der Entwécklung, mir sinn ëmmer an der Entwécklung. A wa kleng Saachen do sinn, gi se och weider erausentwéckelt. An ech denken, wann se engem wierklech bekannt sinn, da sinn se Iech bekannt an ech denken och, dass der permanent u deene Saache schafft. Ech soen Iech Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech wollt als éischt nach eng Kéier froen, ech hu gesinn, beim Piano sinn 231 Leit ageschriwwen, wat deen am beschte besichte Cours individuel ass, wann ech dat richteg gesinn hunn. An an deem Kader wollt ech froen, der hat gesot, et wiere Leit op der Liste d'attente, sinn déi am Piano op der Liste d'attente oder a wéi engem Beräich sinn déi op der Liste d'attente, wannechgelift? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp.

MARC MEYER (DP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hunn eng kleng Fro: Mir sinn eng vun deene gréisste Museksschoulen an deen nächste Step ass e Conservatoire. Fir e Conservatoire mussen natierlech och d'Proffen alleguerten e gewëssenen Diplom hunn. A wann ech richteg informéiert sinn, hunn iwwert d'Hallschent vun deenen aktuelle Proffen deen net.
Meng Fro ass: Huet d'Gemeng Diddeleng d'Bestriewen, fir aus der Museksschoul e Conservatoire ze maachen? Dann, déi Kanner, déi ofsprangen, do ginn ech dann dovunner aus, dass dat och gewëssermoossen dru läit, dass eis Museksschoul – also, ech wëll net d'Scoute schlecht maachen, mee wann een an d'Scoute geet, geet een einfach dohinner spillen, mee hei muss ee schaffen - ech war och an der Museksschoul dräi Joer - an dat ass natierlech och dann net jidderengem seng Saach. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech soen net nach eng Kéier Merci, well der sidd wierklech gelueft ginn an dat mat Recht. Par contre wollt ech just eng Kéier kuerz reagéieren zum Internetsite. Also, ob een dat iwwerpréift oder net. Also ech ka mech duerchklicken, den Här Steffen kann sech och duerchklicken a mir gi vläit ganz gutt eens, mee wa verschidde Leit net eens ginn an si eis dat soen, dann ass dat objektiv fir si a subjektiv fir eis an dofir ass hei fir ze soen, datt mer dat net iwwerpréift hunn, wierklech net déi richteg Approche. Mir huelen dat just mat op de Wee a mir wëllen Iech dat och just mat op de Wee ginn. Wat mer och wëlle soen, vläit eis Conclusioun vun deem Ganzen ass, datt et wichteg ass, datt mer eis déi néideg an déi richteg Moyene ginn, fir datt déi Schoul weiderhin ënnerstëtzt gëtt, fir datt déi Schoul weiderhin sech kann entwéckelen, an do gehéiert dozou, déi néideg Ressourcen opzegräifen an sech natierlech déi richteg an déi adequat Raimlechkeeten ze ginn, well, ech hu mech e bësse renseignéiert, ech sinn effektiv och net esou musikalesch, éischter kënschtleresch, mee net musikalesch, dat verbessert anscheinend immens vill den emotionalen Zoustand vun de jonke Kanner, dat stimuléiert och d'Gehier an dat verbessert och déi kognitiv Kompetenzen, wat wierklech eppes ganz Wichteges wier.

An, fir eis ass et och immens interessant a wichteg a mir ënnerstëtzen natierlech alles, wat dat soziaalt Liewen ass an dat kulturellt Liewen an dat verbessert och an engems déi sozial Kompetenzen, well d'Schüler mussen do kollaborativ schaffen. Et léiert een, an engem Team ze schaffen. An et dréit natierlech och dozou bäi, sech ze integréieren. An dofir ass de gratis Facteur immens wichteg a mir ënnerstëtzen dat voll a ganz, well dat hëlleft deene Leit, wéi gesot, och vu verschidde Kulturen, sech ze integréieren, mee et léiert een och duerch d'Musek aner Kulture kennen an dat favoriséiert natierlech d'Diversitéit an d'Inclusioun an eiser Gesellschaft. An zu gudder Lescht - als Schlusswuert - ass et wichteg, déi Museksschoul ze hunn, fir déi Musek bäi ze vehiculéieren, well dat reduzéiert einfach de Stress an dat dréit zum Bien-être vun eise jonke Leit bäi an der Gesellschaft.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Ahmedova.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, ech hänke just eng ganz kuerz Fro drun, déi net esou prezis gestallt gouf an zwar hu mir eppes net verstane gehat, wou mer gëschter driwwer diskutéiert hunn, dat ass, wann s de d'Schüler am Ufank aschreifs, ugeholl, et sinn der fofzénghonnert ageschriwwen an dann halen der zweehonnert op, wéi gëtt dat da berechent a facturéiert a wéi leeft dat mat der Facturatioun? Well du muss däi Personal jo awer bezuelen, wat do schafft, an dat war eis net ganz kloer, wéi dat leeft. A wann der eis dozou eng Erklärung kéint ginn, respektiv bis wéini beschloss gëtt, wéi vill Suen eis Museksschoul kritt, ob et do esou en Zäitraum gëtt, wéi eng Testphas do ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Martini.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll nach just trotzdeem awer elo eng Kéier der Madamm Ahmedova widderspriechen, well esou wéi si dat elo duergestallt huet, wann een dobaussen eppes héiert a wann een sech da selwer eng Meenung mécht, dann ass dat eebe just net objektiv, mee dann ass dat subjektiv. A wann een dann déi subjektiv Meenung hei mat hi bréngt an de Gemengerot, da fannen ech dat geféierlech an och ganz einfach net fair. Wann dat net iwwerpréift ass an eeben net objektiv ass, da gehéiert dat anzwousch anescht hin um kuerze Wee an da mécht een sech mol schlau an da mécht ee Gespréicher, dann huet een nach ëmmer d'Kommissioun, da kann ee mol an de Service goen, fir

dat z'iwwerpréiwen. Op alle Fall gehéiert dat definitiv menger Meenung no an ech mengen, do si mer eis zum groussen Deel heibannen eens, net heihinner. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Stellungnam, den Här Steffen freet d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, déi Iwwerpréiwung vun deem Internetsite huet stattfonnt an dat, wat d'Madamm Ahmedova mengt, dat ass, dass wa mir zwee domat eens ginn, a mir kréie vun de Leit gesot, et ass awer relativ komplizéiert, op deem Site do eens ze ginn, da bréngе mär dat als Doleance vun de Leit mat. Déi Leit hunn eis gewielt, hunn eis e Mandat ginn an déi hu gesot, voilà, hei bréngt eis Suerge mat an de Gemengerot. Dofir fannen ech et elo awer trotzdeem e bësse laangotmech, wéi mer elo hei iwwert dat doten diskutéieren. Ech mengen, dee Punkt huet d'Madamm Ahmedova, war jo hei relativ kloer gemaach, mir sollten och elo ophalen, an deem dote Sënn de Mann spillen an einfach ze kucken, ëm wat geet et. Do si Leit, déi ginn net immens gutt eens mat deem Internetsite. Dat ass, net subjektiv duergeluecht ginn, mee objektiv duergeluecht ginn an et ass eng ganz konstruktiv Approche gewiescht, wou mer dat heite gesot hunn, wou mer gesot hunn, déi Museksschoul ass tipptopp, hei sinn zwee kleng Bemollen, wou mir erakritt hunn, wou vläit iergendwou Verbesserungsbedarf do wier an ech mengen, dat gehéiert jo zur Diskussioun, dass een net onbedéngt muss der Majoritéit, wéi Där et sot, vun Iech d'Meenung hei soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Da gi mer eriwwer op effektiv d'Äntwerten. D'Claudia Dall'Agnol an d'Kolleegen aus der Direktioun. Bob Morhard a Laurent Felten, der fänkt un.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER MUSEKSSCHOUL): Bon, ech probéieren dann op déi vill Froen anzegoen. Fir d'éischt e grousse Merci un de Gemengerot fir seng léif Wierder, seng konstruktiv Kritik an och fir d'Ressourcen, déi mer zur Verfügung gestallt kréien. Mir sinn an deem Domaine gutt opgestallt. E grousse Merci zum Gemengerot dowéinst. Ech fänke bei der CSV un. D'Conseils d'automne si wierklech effektiv e wichtege Moment am Joer, haaptsächlech fir ons Partnergemengen. Mir sinn d'Diddelenger Museksschoul, mee mir sinn awer och konventionéiert mat onse Partnergemengen. Et ass e wichtegen Acte de présence an e wichtege Vertrauensbeweis, dass mer déi Concerten op deene verschidde Gemenge maachen, wou mer och gutt Retoure kréien. Eng gutt Fro. Zu wéi vill ware mer 2007, wou mer geplënnert sinn? Ech mengen, mir wären zu ënner dausend gewiescht, ënner dausend Schüler, largement ënner dausend. Mee d'Fro ass einfach d'Saach vun der Orientatioun vun der Schoul. Mäi Virgänger 2007 huet am Fong probéiert, all Coursen, déi dezentral waren, an dat Haaptgebai um CNA ze kréien, an Opderschmelz ze kréien an iergendwéi, d'Approche entretemps ass, d'Coursen do ofzehalen, wou d'Kanner sinn, dat heescht kuerz Weeër. Jiddwereen, dee schonn um sechs Auer vum Beetebuerg op Diddeleng komm ass oder vu Réiser oder vu Käl oder vu Weiler, weess, dat ka spannend si wéinst der Verkéierssituatioun.

Dat heescht, ons Approche ass, dass mer am Fong probéieren, de Gros vin de Coursen do ofzehalen, wou d'Kanner sinn, dat heescht, an onse Partnergemengen, an dowéinst ass d'Gebai, ech géing net mengen ze grouss, et kéint ee sécher eng Kéier nodenken iwwert eng Extensioun, mee aktuell ass dat ganz OK, well mer am Fong probéiert hunn, de Gros vun onse Coursen do ofzehalen, wou d'Kanner sinn, an dat fonctionéiert am Fong am Moment zimmlech gutt. Abandon, Liste d'attente, Gratuitéit, einfach als Sujet. De Gros vun onse Coursen, mir sinn eng Museksschoul, mir sinn aktuell kee Conservatoire, dat heescht, mir konzentréieren ons Aktivitéiten op den Accès zur Musek fir jonk Schüler, dat heescht, dat si Gruppecoursen, dat heescht, wann do Abandone sinn, ass dat keng riseg Katastroph, well am Fong dat ëmmer op fofzéng Schüler berechent gëtt. Wann der dann eng Kéier an enger Klass net méi fofzéng sinn, mee zwielef, ass dat aner eng anerer Geschicht, wéi wann e Schüler, deen an enger Division supérieure ass, deen eng an eng hallef Stonn hätt vu Stonne fir een Enseignant, géing ophalen, dat wier finanziell eng anerer Geschicht. Mee a Gruppecoursen ass dat am Prinzip keng Katastroph.

Mir hunn eng Liste d'attente, do kommen ech drop zeréck, déi dann och déi Schüler opfänkt. Ech probéieren, e bëssen interfraktionell ze äntweren, fir d'Sujeten e bëssen ze regruppéieren. Op jiddwer Fall, mir hunn eng Liste d'attente, haaptsächlech am Piano an an der Gittar, och am Chant moderne, dat sinn déi Fächer, déi am Moment e bësse gehypt sinn, wou mer dann awer erfahrungsgeméiss iwwert d'Joren ëmmer Schüler hunn, déi noréckelen, déi eng halen op, déi aner fänken un, dat klappt am Fong zimmlech gutt. Op där anerer Säit hu mer och Schüler, haaptsächlech am Danzen, déi elo neierdéngs um ënneschten Niveau vun der Liste d'attente sinn, wéi sote verschidde Leit haut, dat ass eng Saach vu Schnupperen. Déi eng schnupperen, déi soen, dat ass fir mech, déi aner schnuppere bei de Scouten, déi gi bei d'Scouten, déi aner schnupperen am F91 an dat dréint e bëssen, dat heescht, am Fong, déi, déi op der Lëscht si fir ze schnupperen, déi fannen dono hir richteg Plaz op enger anerer Plaz an dat klappt am Fong zimmlech gutt. Déi Schüler, déi nokommen, déi kënne mer finanziell gesinn ersetze bis de 15. November. Dat heescht, mir hunn de Schüler A, dee fänkt un, seet sech den 1. Oktober, ech ginn awer léiwer an den T71, fir elo en anere Veräin ze nennen, da kënnt ee vum F91 bei ons fir déi Plaz ze huelen, dat heescht, mir kréien déi Plaz vum Ministère finanziell ersat. Dat ass e bëssen de Fonctionnement vun der ganzer Geschicht, wat am Moment och gutt fonctionéiert.

Wat hat mer nach? Concours d'entrée, dat heescht, zu den CDDen, zu den CDIen. Also, mir hunn eng Partie Enseignanten, déi si fest ugestallt bei ons, déi maachen e Concours d'entrée virun engem externe Jury. Dat si Leit, déi am Fong wierklech zum Personal vun der Museksschoul gehéieren. Déi kréien zwee Joer laang e CDD, wou mer hinne bis elo d'Méiglechkeet ginn, sech en règle ze setzen, wéi och gesot gëtt, haaptsächlech vun de Sproochen hier, an no zwee Joer evaluéiere mer dat Ganzt eng Kéier an dat si Leit, déi da bei ons eng fest Plaz kréien. Dat sinn déi Leit, déi entretemps am CDI sinn, plus déi puer Leit, déi am CDD sinn, dat si

Leit, déi zwee Joer do schaffen. De Rescht si Remplaçanten. Ech muss dat leider hei soe, mee mir hunn ee grousse Konkurrent, dat ass d'Educatioun nationale. Dat heescht, mir fëschen alleguer am selwechte Baseng. Dat heescht, Leit, déi d'Maison Relais betreien, Leit, déi d'Educatioun nationale betreien, dat ass ee Baseng vu Leit, déi sech dozou beruff fillen, an do si mer a Konkurrenz mam Staat. Dat heescht, mir hunn elo eng Persoun, déi wierklech de 15. August demissionéiert huet, dat ass eng Katastroph fir ons. Dat heescht, en plus eng Persoun, déi Gruppecoursen hält, wou mer dann déi Persoun duerch sechs Leit ersetzen. Dat heescht, mir sichen dann de 15. August eng Persoun, déi zweeanzwanzeg Stonnen op d'ganz Woch verdeelt. Déi Madamm wunnt méi nërdlech, huet eng Plaz an engem neie Lycée krut, dee grad opgaangen ass, dat arrangéiert se méi vum Trajet hier, mee fir ons ass dat eng Katastroph. Mir fanne keng Leit de 15. August. Mir rekrutéiere prinzipiell am Mee a wann dann de 15. August eng Demissioun kënnt, dat ass fir ons immens schwéier. Dat heescht, doduerch entsteet déi grouss Zuel vu CDDen, déi am Fong awer just Remplaçantë sinn.

De Statut vum Employé communal hu mer 2007 definéiert. Den Här Buergermeeschter war deemools Ressortschäffen nach. Deen hu mer u gewësse Konditioune gebonne, fir d'Attraktivitéit vun der Diddelenger Museksschoul ze erhéijen. Mir sinn eng vun den eenzege Schoulen, déi dat, mengen ech, ganz transparent a ganz attraktiv fir d'Enseignantë mécht. De Statut kritt een no zéng Joer. Et ass awer u gewësse Konditioune gebonnen. Eng vun deene Konditiounen ass e Minimum vun enger hallwer Tâche bei ons. Dat Ganzt kann een eng Kéier ganz gär revidéieren, well mer en neit Gesetz hunn zanter dem 26. Juli 2023, wat d'Kaarten nei mëscht, mee am Prinzip ass dat am Moment eng interessant Geschicht. Wann der méi prezis Froen dozou hutt an zum Reklassement, ginn ech Iech ganz gär op den Här Nosbusch verweisen, deen duerno kënnt, dee wierklech en Expert ass an deene Fächer. De Laurent spillt ganz gutt Uergel, ech spille ganz gutt Tromm, mee fir de Rescht si mer keng Experten. Ech war leider bei der leschter - fir op d'Fro vun der Madamm Thoma ze äntweren - bei der leschter Iwwerwaachungskommissioun net dobäi. Ech mengen awer, dass d'Organisation scolaire dem Gemengerot virlouch, vläicht net an der Iwwerwaachungskommissioun, mee ech mengen, d'Dokumenter waren awer bekannt.

Mir probéieren, esou spéit wéi méiglech d'Organisation scolaire ofzeschléissen an dem Ministère se matzeginn, fir dass d'Gemeng Diddeleng finanziell esou gutt wéi méiglech ewechkënnt. Ech hat virdrun den Datum vum 15. November genannt, dat heescht, wa mir e Schüler A hunn, dee vun de Scoute bei d'Museksschoul kënnt, wa mer dee kënnen op de Relevé schreiwen, kréie mer dee refinanzéiert. Dat heescht, mir probéiere wierklech esou spéit wéi méiglech - de Laurent Felten mécht dat am Alldag - op de Knäppchen ze drécken, fir dass am Fong de Finanzement esou gutt wéi méiglech geet, dat heescht, dat Dokument esou spéit wéi méiglech ofzeschléissen, fir am Fong den Subsid esou héich wéi méiglech ze halen. D'Fro zur Administratioun, dat ass och e bëssen interfraktionell, d'Fro zur Administratioun an ob mer wuessen, ze schnell wuessen. Ganz kloer, wa mer 500 Schüler hunn a mir hunn eng Persoun an der Administratioun, dann ass de Kontakt méi perséinlech, mee dat ass, mengen ech, an all Verwaltung esou. D'Fro, wéi vill Leit hunn am État civil geschafft virun zwanzeg Joer a wéi vill Leit schaffen haut do, ech mengen, dat ass déi selwecht Diskussioun. Mir probéieren awer, dat Ganzt ze strukturéieren. Also, virun zwanzeg Joer, war eng Persoun an der Administratioun, déi jo nach entre guillemets och nach d'Funktioun e bësse vum Adjoint geholl huet, well am Fong just zwee Leit do waren, dat heescht, mäi Virgänger an d'Virgängerin an der Administratioun. Entre-temps ass dat net méi méiglech. Bei 1 500 Schüler musse mer d'Kompetenzen opdeelen. Mir hunn do eng ganz kloer Struktur: Wie mécht de Personaldossier, wie mécht Kontakt, wie mécht Front Office, wie mécht éischter Back Office, dat ass sécher - wéi Villes - nach ze verbesseren, mee mir sinn do um gudde Wee, mengen ech.

D'Kollaboratioun mat der Maison Relais klappt gutt, dat hu mer och scho viru méi wéi fofzéng Joer - do war de Loris Spina, mengen ech, Ressortschäffen - an d'Weeër geleet, an dat ass ee vun de Point-forte vun der Museksschoul Diddeleng, dass mer hei an der Gemeng Diddeleng eng super Kollaboratioun mat der Maison Relais hunn. Déi kommen zweemol d'Woch bei ons fir d'Kanner. Am Fong, eis Philosophie ass, dass mer den Eltere wëllen ee vun deenen zwee Weeër ofhuelen, dat heescht, dass ee zumindest fir de Gruppecours kann op den Transport vun der Maison Relais zeréckgräifen. Mir wëllen datt d'Elteren awer och responsabiliséieren. Wann ee seet, mäi Kand soll Musek maachen, wëll Musek maachen, da soll dee wannechgelift tëschent méindes, 16.00 Auer a samschdes 18.00 Auer eng hallef Stonn fannen, wou deen sech och d'Zäit hëlt fir säi Kand ze bréngen. Mee fir zumindest ee vun deenen zwee Coursen, Eveil musical oder Formation musicale, bidde mer effektiv e Service un, dee super fonctionéiert, deen och an de Partnergemenge fonctionéiert. Natierlech, an enger Gemeng Weiler fonctionéiert et aneschters wéi an enger Gemeng Diddeleng, einfach vun der Gréisst hier, mee dat hu mer awer och flächendeckend en place.

Formation libre-Coursen, dat si Coursen, déi net subventionéiert sinn. Där hu mer effektiv keng. Zwee Fäll, mengen ech, dat si Schüler, déi ganz laang bei ons sinn, déi am Fong duerch de Raster géinge falen, déi mer elo nach verlängert hunn, mee dat sinn awer Modeller, déi mer net méi weider wäerte féieren. Mir hunn awer dat selwecht, dat wäert och iergend eng Kéier, wann de Ministère bis säi Big Brother nach e bëssen ausweit och op deem Relevé erauskommen, Orchesteren a Chéier a Kannerchéier an all méiglech Ensembelaarbecht gëtt deelweis net subventionéiert, dat ass awer schonn zënter fofzéng oder drësseg Joer esou, et ass just dass et elo, wann der d'nächst Joer déi Formation libre gesitt, dass do 10 Schüler stinn, dat si Schüler, déi mer nach ëmmer betreit hunn, déi just elo op deem Fichier vläicht méi kloer erauskommen.

Soirée spécialisée ass e Fach, wat et zanter engem Joer gëtt, wou mer déi dräi eenzeg Klassen am Land hunn, dat heescht, et gëtt eng am Stater Conservatoire, et gëtt eng am Conservatoire du Nord an et gëtt

eng zu Diddeleng, déi wäert et ni méi ginn, zu Diddeleng, dat ass elo eng Konstellatioun - mir brauche laut dem Ministère aacht Schüler pro Joer, fir dass mer eng Klass autoriséiert kréien, bis virun de Lycée, fir eng A-Sektioun, fir eng G-Sektioun opzemaachen, eng E-Sektioun, dat heescht mir hunn dëst Joer déi enorm Chance, dass do Leit benzeg op Solfège sinn, wat, mengen ech, net méi wäerte passéieren. Mir hunn der aacht fonnt, mir maachen dat dëst Joer, schreiwen eis dat op de Fändel an dann hu mer déi Case ofgehaakt. Et ass e ganz speziellt Fach, wat am Fong nach fir ganz douéiert Schüler a mir si stolz drop, datt dëst Joer ze hunn. Solfège accéléré ass éischter eng Hëllef fir Schüler, déi wëllen dee Wee aschloen, fir professionell ze ginn oder déi wëlle op engem héijen Niveau sech weiderbilden, wou mer hinnen hëllefen, fir op deen Niveau ze kommen. Dat ass eng Aart Nohëllef, déi mer ubidden. Op d'CDDe war ech schonns agaangen. Op dat neit Gesetz och.

Wat d'Sproochentester ubelaangt, dat ass e risege Problem um nationalen Niveau. Ech ginn hei net an all d'Detailer, der kënnt mech gär kontaktéieren. Dat neit Gesetz, also net dat Gesetz, wat den Enseignement musical regléiert, mee dat neit Gesetz vum Interieur, wat ons alles seet, wat d'Personal ubelaangt, ass spannend. Dat heescht, am Fong misst all Persoun, déi an d'Zukunft agestallt ginn, all d'Konditiounen erfëllen, dat heescht souwuel d'Sproochentester, souwuel eng Reconnaissance de diplôme, dat ass alles kee Problem fir een, deen an onsem System war, deen de Stater Conservatoire gemaach huet, duerno zu Bréissel studéiere war oder zu Saarbrécken oder zu Paräis. Mir hunn awer an onsem Secteur e Manktum u Personal um Marché a verschiddene Branchen. Am Piano fanne mer der 2 000 do, mee alles wat eeben Eveil musical, Formation musicale, Danzen ass, dat sinn oft Leit, déi hiert Fach gutt beherrschen, déi och pädagogesch ausgebilt sinn, mee wou iergendee Pabeier net korrekt ass oder feelt, an do musse mer wierklech an d'Zukunft - Jo, dat ass e spannende Sujet, wou mer mat Hänn, mat deenen zwou Hänn, mat deenen zwee Féiss kämpfen, fir der duerch ze kommen. Dat heescht, mir incitéiere Leit, déi mer kennen, wannechgelift kuck, datt s de dech en règle setz éier s de dech mells, an dat sinn alles Sujeten, déi iwwerhaapt ganz akut sinn am Moment. Dat ass wierklech e Sujet – dat ass kee Sujet fir dëse Gremium - mee dat ass e Sujet, dee kënnt der gär mathuelen an Äre Gremien.

Wat hunn ech vergiess? Ma, da kommen ech nach eng Kéier op d'Administratioun zeréck. Mir zwee sinn allen zwee scho fënnefanzwanzeg Joer hei am Gebai vun der Museksschoul, mir schaffen als Enseignant a mir kennen déi zwou Säiten. D'Administratioun ass gewuess, mir schaffen drun. E Sujet, deen e bëssen interessant ass, ass den Internetsite, wou mer net méi spéit wéi de leschte Freiden e Rendez-vous mat engem neie Prestataire haten, fir dat deelweis ze verbesseren. A mengen Aen, ech schwätzen do a mengem perséinlechen Numm, fannen ech dee Site ganz OK, mee en ass awer verbesserungswierdeg. A mir sinn amgaang, am Kader vun onser Non-Print-Strategie ëmmer manner op Pabeier ze goen, an dowéinst gëtt ons digital Presenz méi wichteg, dowéinst si mer op der Sich no engem neie Prestataire, fir dat Ganzt ze reforméieren an all Iddie si wëllkomm. Op bob.morhard@dudelange.lu kënnt der mir all Är Iddie matdeelen. Dann hunn ech nach eppes opgeschriwwen. Wann ech sollt eppes vergiess hunn, kënnt der mer dat ganz gär soen. Am neie Gesetz ass virgesinn, dass just dräi Conservatoiren am Land virgesi sinn, mee souguer wa mer wéilten, ass dat net méi méiglech. Dat heescht, mir sinn eng regional Museksschoul, mir sinn eng gutt opgestallte Museksschoul, mee Conservatoire ass laut dem Gesetz keng Optioun. Sou, dat wier et vu mir. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci, just ganz kuerz, wou ech elo keng Äntwert krut, mee ech weess och net, ob déi elo éischter bei der Direktioun läit oder vläicht éischter beim Schäfferot. Dat ass d'Fro einfach op et e Plang gëtt mat der Strategie, wéi wäit een nach wëll wuessen, ob een sech déi Fro schonn eng Kéier gestallt huet? An dann déi Saach mat de Formatiounen ausserhalb vun der Aarbechtszäit, do krut ech keng Äntwert an ech hu elo matkritt, dass d'Direktioun elo net wollt op déi Personalfroen, virun allem mam Reklassement vun de Karriären, agoen an dowéinst stellen ech d'Fro dann awer eng Kéier vläicht un de Schäfferot, wéi et domadder ausgesäit, well ech mengen, fir d'Personal ass dat awer eng wichteg Fro. Merci.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER MUSEKSSCHOUL): Also, de Reklassement ass prinzipiell geplangt fir Enn dëst Joer, dat heescht, d'Formatioun ausserhalb vun der Aarbechtszäit, ech mengen, dass dat - wann ech et richteg verstanen hunn - wéi gesot, et ass net mäi Spezialgebitt - wann ech d'Gesetz richteg liesen, gëtt dat als Aarbechtszäit consideréiert. Dat heescht, et gëtt eng Formation spéciale, dat ass eng Informatioun, déi ech vu gëschter hunn an, also, mir sinn do och ganz schlecht informéiert. Also, et ass esou, dass säitens vun onse Partner, vum Staat hier, och d'Kommunikatioun net genial ass. Dat heescht, mir si gëschter gewuer ginn, ech hat gëschter Commission nationale, wou dann all d'Schoule vertruede sinn, plus den Educatiounsministère, dass eng Formatioun geplangt ass vu Januar bis Mäerz. Et ginn nach keng Datumer, et gëtt nach kee Contenu, et konnt nach kee sech umellen. An dat heescht, dat ass mäin aktuelle Stand.

Strategie. Also ech hat jo am Ufank geäntwert, dass mer am Fong déi Strategie, déi mer haten 2007, fir alles ze zentraliséieren, dat mer am Fong dorop erauskommen. Vu datt mer de Moment ganz vill outsourcen un déi Partnergemengen an datt och déi Partnergemengen hiren Deel vun deene Schüler bezuelen, mengen ech, dass all Kand wat kann an de Genoss vun engem Museksunterrecht kommen, soll - wann et nëmme méiglech ass - dat maachen. Natierlech si mer hei zu Diddeleng, mir kënnen net nach 2 000 Schüler méi an dat Haaptgebai kréien, mee wann d'Gemeng Beetebuerg an d'Gemeng Käl ons d'Infrastruktur zur Verfügung stellt an dee finanziellen Deel dovunner iwwerhëlt, fannen ech dat eng gutt Saach. Woubäi, an domat schléissen ech meng Stellungnam of, mir hunn och gerechent de Prozentsaz vu Schüler, déi an deene verschiddene Ge-

mengen do sinn, do ginn et riseg Ënnerscheeder tëscht enger Gemeng Weiler-la-Tour an enger Gemeng Käl, zum Beispill, Diddeleng läit do an enger gesonder Mëtt, dass déi Kanner, déi musikaliséiert ginn duerch ons, dass dat wierklech ganz ofhänkt vun de Gemengen an dass mer probéieren, esou vill wéi méiglech Kanner an dee Programm ze kréien, soulaang d'Moyenen ons et erlaben.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Bob Morhard, fir nach eng Kéier déi dote Prezisiounen. D'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, just ganz kuerz, ech mengen eraushéieren ze hunn, datt een och eppes iwwert d'Form vun der Deliberatioun wollt wëssen, also zu der Organisatioun. Dat ass eis virginn, déi erfanne mir net, déi ass eeben esou, wéi se ass. Déi kéint besser sinn, déi kéint méi schlecht sinn, mee se ass eeben zanter zwee Joer festgeluecht an esou leeë mir se och an den Dossier. Dann, wa bei der Schoulkommissioun déi Organisatioun soll gefeelt hunn, bon, mir ass dat natierlech net opgefall, well ech se hat, mee dann ass et un Äre Memberen oder iergendengem Member aus där Schoulkommissioun, dat och esou ze mellen, an ech ka mech net erënneren, de Laurent Felten an ech, mir war jo do, ech ka mech elo wierklech net erënneren, datt een do gesot huet, hei d'Dokument feelt, well dann hätt en et natierlech direkt kritt. Also, dat ass keen Theema, dat ass jo en ëffentlecht Dokument, wat zwee Deeg drop de Gemengerot huet, et ass jo net, datt mer dat musse verstoppen. Voilà, dat war dat dann.

Den Här Steffen sot, et wier Duercherneen am Sekretariat. Ech ënnerstellen Iech elo kee schlechte Wëllen, ech denke vläicht, datt d'Wuert Duercherneen schlecht gewielt war. Kommt mir soen et mol esou. Et ass natierlech, wann s du eng Persoun do hues, déi drësseg Joer do geschafft huet a jiddereen un déi Persoun gewinnt ass, dat ass e bëssen esou wéi an all Betrib, da bass de un déi Persoun gewinnt, du weess, wéi déi schafft, du weess, wéi s de déi unzepaken hues, du weess, wéini s de se erreechs. De Bob Morhard huet richteg gesot, mir sinn awer gewuess an et geet net méi duer mat enger Persoun an et ginn och mol Leit an d'Pensioun. Wann s de eng grouss Museksschoul hues, da muss de méi Leit do hunn, well mer eebe, wéi gesot, méi grouss gi sinn. A wann s de méi Leit hues, dann huet jiddwereen natierlech seng Art a Weis fir ze schaffen, dat ass esou.

De Bob Morhard huet virdru gesot, am État civil has de fréier och just ee Mënsch, elo hues de der dräi an och an deene Servicer oder an der Populatioun huet jidderee seng Aart a Weis fir ze schaffen, an du gëss vläicht mat deem enge besser eens wéi mat deem aneren, mee da kann een awer net behaapten, et wier Duercherneen.
Also, do stelle mir eis awer als Schäfferot virun d'Personal. Absolut. Natierlech hues du vläicht léiwer, du geréits ëmmer un deen Nämmlechten, mee dann hues de e Mond, fir ze schwätzen, an da kanns de jo nach soen, hei, ech wëll gär mat der Persoun X schwätzen, well déi huet mäin Dossier bis elo behandelt. Ech géif dat zumindest esou maachen, dee Courage hunn ech. Dat anert war, da kommen ech nach eng Kéier op den Internetsite zeréck. Also, ech menge wierklech, datt de Gemengerot hei dee falschen Uert ass, fir iwwert en Internetsite ze schwätzen. Deen Internetsite, deen ass och ëmmer Thema an der Kommissioun gewiescht, well deen een da gesot huet, ech fannen dat net erëm an ech fannen dat net erëm, an dann hunn de Bob Morhard an de Laurent Felten hunn sech dat allkéiers opgeschriwwen an dann hu mer probéiert do Remedur ze schafen, well e Site ass ni perfekt an der wësst genau esou gutt wéi ech, deen ee gëtt besser domadder eens wéi deen aneren an du hues Leit, déi kënne mat deem perfekteste Site näischt ufänken a fannen näischt erëm an huelen dofir vläicht léiwer den Telefon.

Mee ech mengen net, datt mer hei wierklech sollen eng hallef Stonn iwwert den Internetsite diskutéieren. Huelt mer et net iwwel, mee ech mengen, mir sinn ëmmer drun, net nëmme bei deem dote Site, mee bei all Site, fir dee Site ze verbesseren. Wann d'nächst Kéier esou eppes un Iech erugedroe gëtt, datt iergendeen iergendeppes net fënnt, huelt den Telefon am Sekretariat, respektiv an d'Direktioun, maacht e Mail, mat och eng Foto vun der Säit an da probéiere mir dat direkt ze léisen, wann et nëmme méiglech ass, an der hutt jo elo héieren, datt Site an der nächster Zäit erëm eng Kéier méi modern wäert ginn, mee ech soen Iech awer an der nächster Kommissioun, wann e bis online ass, wäerte mer doudsécher erëm een hunn, dee seet, ech fannen awer dat dote elo net zeréck, do géif ech eng Wett mat Iech maachen an ech mengen, dann hätt ech op alles geäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Claudia Dall'Agnol. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der definitiver Schoulorganisatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci, dem Bob Morhard an dem Laurent Felten och Merci fir hir Presenz an hir Erklärungen. An da géife mer op deen nächste Punkt goen.

# 6. GEMENGEBËSCHER

**Approbatioun vum järleche Forstplang fir d'Joer 2024.**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass d'Presentatioun an och d'Approbatioun vum Forstplang vum Joer 2024. An do begréissen ech natierlech och eise Fierschter, de Guy Rassel, a ginn awer och direkt d'Wuert weider hei un eisen Ëmweltschäffe René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech begréissen, wéi gesot, och eise Fierschter, de Guy Rassel, deen sech och d'Zäit geholl huet, de Muere fir eis de Forstplang e bësse méi no ze bréngen. Dir wësst alleguerten, an ech soen dat ëmmer erëm, esou wéi der et och an Ärem Dossier virleien hutt, schwaarz op wäiss, mat Zuelen a mat Buschtawen, ass dee relativ schwéier verdaulech fir Leit, déi net vum Terrain sinn, duerfir sinn ech ëmmer frou, dass de Fierschter sech spontan bereet erkläert huet, eis dann hei déi néideg Erklärun-

gen zu deem Forstplang ze ginn. Ech wëll awer nach ervirsträichen, dass mer och dëst Joer, wéi ëmmer, mat der Ëmweltkommissioun eng Visite des lieux gemeet hu vum Thilleweier, wou mer dann do op déi Problematik do agaange sinn a mir hunn awer och eng Visite des lieux gemeet vum fréiere Site vun der Affilux. Déi d'Leit hei am Schäfferot, déi net méi wëssen, wat dat war, dat war deemools an den Achtzeger Joren eng Aluminiumsfabrik, déi do Aluminium verschafft huet, dat war am Fong geholl, wann een dat haut kuckt, eng ekologesch Drecksschleider, wann een esou brutal dat mol ausdrécke wëll, an do ass och den Terrain ganz sanéiert ginn, an dohinner kënnt dem Fierschter seng nei Hal, wou e kann an noer Zukunft säin Holz verschaffen awer och säin Atelier ass an och hir Vestiäre sinn, esou dass si dann do hir nei Heemecht wäerte fannen. Mer wollten der Ëmweltkommissioun dat mol weisen, wéi dat virdrun ausgesinn huet a wéi et dann herno wäert ausgesinn, wann et fäerdeg ass. An deem Sënn géif ech da proposéieren, dass ech virdrun dem Fierschter d'Wuert ginn an da kënnt e dono gär Är Froe stellen.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Moien, schéine gudde Moien. Merci, datt ech ka laanscht kommen, fir de Forstplang ze presentéieren. Hei geet et jo dann ëm d'Joer 2024. E puer Erklärungen och dann zu den Aarbechten, déi mer gemeet hunn 2023. Wat elo nei ass dëst Joer, ab Mee ass nach eng Zone protégée bäikomm hei zu Diddeleng an zwar am Wal. Dat heescht, et ass elo esou, vun deenen 306 Hektar Bësch, wou d'Gemeng Diddeleng huet, sinn 278 Hektar Schutzgebitt. Dat si souwuel europäesch Schutzgebidder, d'Natura2000, wéi och, zwou Reserve-naturellen, eng mat deenen éischten d'Haard an dann ass elo den Daerebësch, Wal, Hellenger Bësch mat 105 Hektar bäikomm. Dat ass scho spezifesch. Ech mengen net, datt vill Gemenge sinn, wou elo quasi d'Integralitéit vun der Proprietéit an de Schutzgebidder leien.

Ëm wat geet et am Joer 2024? Bon, mir sinn e bësse betraff vun deene leschte véier, fënnef Joer, wou d'Klima awer e bësse gewiesselt huet, wou et méi dréche ginn ass, virun allem am Fréijoer, wou de Reen oft gefeelt huet. Mir wëllen awer trotzdeem Holz notzen, well wa mer hei keen Holz notzen, da kënnt et vu méi wäit hier. Dat heescht, et geet drëms, Holz ze notzen aus deem komplexen Ekosystem, awer fir ze kucke fir esou mann wéi méiglech ze stéieren. Wéi maache mer dat? Andeems mer - et fält schonns w gewëssen Deel vun Holz un souwisou duerch d'Sécurisatioun, wou d'Beem einfach futti ginn, notamment laanscht d'Weeër - probéieren, de Krounendaach zouzehalen, datt d'Fiischtegkeet am Bësch bleift, datt se net verdonst, a wa mer mol méi déck Stämm notzen, da maache mer dat eenzel, eng Eenzelstammnotzung, dat heescht iwwert d'ganz Surface gi mer eenzel Beem sichen, net méi wéi fréier, datt mer soen, mir hunn elo eng Parzell a mir duerchforsten an dat verjéngt dat sech. Mir probéieren elo méi, iwwert déi ganz Surface dann ze schaffen. Esou behale mer och de Krounendaach éischter zou.

Da muss ee kucken, fir de Bësch nohalteg fit ze maache fir déi kommend Generatiounen, do ass et notamment bei deene jonke Bestänn, wou mer e bëssen en Afloss hunn, do kënne mer d'Bamaarte-Reguléierung maachen, datt mer déi seelen Aarten effektiv favoriséieren. der hutt hei d'Chance op deene Biedem, wou mer hei hunn, notamment ronderëm de Sender, datt mer eng grouss Unzuel vu verschiddene Bamaarten hunn, esou hëllefe mer dann deenen, wou manner Chancen elo hätten. Dann déi jonk Bestänn eeben do dragoen, datt een déi vital kritt, datt een do hinnen e bësse Plaz misst, datt se kënnt d'Kroune gutt developpéieren an esou méi resistent si géint de Klimawandel. An dann d'Planzung vermeide mer, ausser et geet wierklech net, wéi op Fläche, wou Fichte stoungen, déi da mer mussen ewechhuelen, wou futti sinn. Heiansdo kënnt d'Verjéngung vu baussen eran, mee wann net, da géife mer do planzen, mee et ass awer ëmmer esou, datt mer d'Verjéngung favoriséieren. Wéi scho gesot, Är Proprietéit ass 306 Hektar. Wann ee elo de Park Le'h, deen e bësse spezifesch ass, méi rekreativ, eraushëlt, da si mer op 283 Hektar Bësch, wou een Holz kann erausshuelen. Op där Surface wiisst 1900 Meterkibb bäi, dat ass zwar eng Zuel, eng technesch Zuel, do kommen d'nächst Joer och nei Wäerter, well e Bësch, deen huet ëmmer en Zéngjoresplang an en Inventaire, deen et iwwert zéng Joer gëtt, dee gëtt am Moment nei gemeet a fréier si mer mat 6 Meterkibb den Hektar gefuer, wou mer dovun ausginn, datt nowiisst.

Mëttlerweil hu mer dat net méi, duerch d'Wieder, do si mer éischter bei warscheinlech 4 Meterkibb. Mee egal wéi, et ass eng Kéier fir ze demonstréieren, hei ass dat, wat mer geplangt hunn, d'Stämm ongeféier 50 Meterkibb a 400 Meterkibb Laangholz, dat geet quasi integral hei zu Diddeleng an d'Brennholz, well do eng immens grouss Demande ass. Fir Iech awer ze weisen, do ass d'Brennholz wat d'lescht Joer verkaf gouf an 2022, dëst Joer si mer ongeféier d'selwecht, méi kënne mer net liwweren. Mir ginn elo net nach Beem haen, fir dann nach Brennholz ze produzéieren. Dat maache mer net, mee dat, wat ufält, liwwere mer awer gären de Leit.

Dann, am Thilleweier dëst Joer, wéi schonn ugeschwat, ech ginn herno nach eng Kéier an den Detail, do sinn d'Pëppelen ewechgeholl ginn, fir eng Forêt alluviale ze kreéieren. Dat sinn dann och 150 Meterkibb. Do hu mer keng Verwäertung, déi ginn da verkaf, u Burgo Ardennes, dat ass eng Pabeierholzfabrik, a fir de Rescht kucke mer, datt mer eist Holz och hei selwer notzen. Am Ganze ginn dann ongeféier 550 Meterkibb gehaen a wiisst laut Berechnungen eeben 200 Meterkibb no, woubäi e kann 1300 Meterkibb notzen, dat heescht, mir si méi wéi nohalteg, also et kéint ee quasi dat Duebelt erausshuelen, mee dann hu mer erëm de Problem, datt mer de Krounendaach opräissen an d'Fiichtegkeet fortgeet. Voilà, e groussen Deel, wéi scho gesot, geet an d'Brennholz. Do hu mer elo kee Changement gehat, mir mussen eis just iwwerleeën, ob mer elo - well d'Demande war dëst Joer grouss, innerhalb vun dräi Woche, mengen ech, hate mer alles verkaf. Et ass op véier Stär, do ware mer schonn erofgaange vu sechs op véier Stär. Et muss een elo nach eng Kéier kucken, ob een net op zwee Stär erofgeet an da méi Leit beliwwert kritt, mee dat ass da politesch, oder ob mer op deene véier Stär bleiwen, dat sinn zwou Kouerten an dann eeben déi Unzuel, wéi mer elo ongeféier leie vun der Bevëlkerung beliwwert kritt. Et gëtt just nach hei zu Diddeleng geliwwert, näischt ausserhalb, et ass just fir déi Leit, déi hei

wunnen. Och d'Meterstécker, déi probéiere mer vläicht ewechzehuelen, well dat awer méi e groussen Opwand ass, mir hunn eng Maschinn, wou maschinell de Stamm vir erageet an hanne kleng erauskënnt a Stécker an d'Meterstécker, déi musse mer dann ëmmer manuell maachen. Dat hëlt eis awer immens vill Zäit ewech, et ass ugeduecht fir dat eventuell ze suppriméieren.

Dann de Rescht vum Holz, wat ufält vu Stammholz, do ass et och elo esou, datt, bis elo hu mer ëmmer eng Scierie mobile geléint, fir Brieder ze schneiden. Do hu mer e gewëssene Stock schonns, wou mer geschnidden hu fir d'Schräinerei vun Diddeleng, déi ass jo moderniséiert ginn. An hei ass dann, wat mer nach mam Bandholz maachen, dat heiten ass elo vu Fichten, wou mer als Bordür benotzen, Bänken, ënne riets fir de Chrëschtmaart elo Bänken. An et ass awer elo sou, datt d'Schräinerei elo och, also d'Gemeng eng mobil See kaf huet, esou si mer vill méi flexibel a mir kënnen au besoin dann dat schneiden, wat mer grad brauchen. A mir kucken och fir do eng Traçabilitéit ze behalen, datt mer - de Logo hu mer elo selwer gemeet, mee do kucke mer nach eng Kéier mat der Gemeng zesummen, mee datt drop schreiwen, wat ass, wéini geha ginn ass, an aus wéi enger Parzell, datt mer do gesinn, wann d'Schräiner et verbrauchen, vu wou dat Holz dann hierkoum.
Voilà, wéi scho gesot, d'Securisatioun, dat ass dee gréissten Deel, wat mer elo hunn, fréier war et jo ëmmer gesot, gi mer an d'Coupe, haut ass just nach Securisatioun, dat ass bedéngt duerch déi lescht Joren, wou et immens dréche war. D'lescht Joer hat ech lech schonn erkläert, datt ongeféier just nach fofzéng Prozent ganz gesond si vun de Beem, dat gesäit een och.

Déi éischt Foto lénks, dat ass zum Ginzebierg, do war en Aascht einfach erausgebrach, et war u sech e gesonde Bam, mee en ass uewen einfach ewechgebrach.
An der Mëtt, dat ass an der Le'h, do war eng Kéier e bësse Loft, do ass och e riseg décken Aascht erausgebrach, wou en an der Vegetatiounsperiod awer war. An dann d'Stroossebeem, dat gesitt der duerch ganz Diddeleng, do si plazeweis … also, dat ass scho remarkabel, dat hate mer déi Jore virdrun net. Mee do gëtt de Service Jardinage sech och immens vill Méi, mee et ass net einfach. An do an de Bëscher, déi véier grouss Bëschmassiver, wou der hei hutt, do kucke mer elo Panneauen opzehänken, fir d'Leit awer drop opmierksam ze maachen, datt am Moment méi en héije Risiko besteet, virun allem, wa Loft ass, an datt, wa Loft ass, datt se do awer op den Haaptweeër bleiwen, wou mer sécuriséieren, well all déi kleng Weeër kréie mer elo net all matenee sécuriséiert ëmmer. Mir wäerten dat dann an all Entrée vun deene Bëscher, also vum Wal, vum Ginzebierg, vum Gehaansbierg a vun der Le'h ophänken. Et ass awer elo net esou, datt ee muss fäerten, datt mer all Bam, esoubal en e bësse krank ass oder en Aascht erausgebrach ass, ewechhuelen. Hei ass zum Beispill ee beim Kierfecht, deen hu mer am An, deen ass net méi, gesäit net méi ganz gesond aus, mee mir ginn him nach eng Chance, éier mer en elo ewechhuelen. D'Zeederen hunn iergendwéi och e Problem vun engem Borkenkäfer, vun deem se befall ginn, an der ganzer Stad. Hei ginn se futti. An déi doten, bon, mir hunn do nach e bëssen Hoffnung.



Et ass och esou, datt all Bam op enger Place publique muss ugefrot ginn, dat heescht laanscht d'Stroossen d'Beem an an de Parken, do muss de Service Jardinage jo ëmmer eng Demande maachen an de Ministère autoriséiert dann, meeschtens ënner der Konditioun, datt op där Plaz selwer de Bam zeréckgesat gëtt an heiansdo eng Ausnam, datt ee kann e Bam op enger anerer Plaz, och op enger Place publique da ka kompenséieren. Voilà. Wa mer en Doute hunn, dat ass awer schéine Bam, do ass elo een an der Le'h, deen huet d'Kroun uewen, déi ass och futti gaangen, dat ass awer en immens schéine Bam, et ass och nach e Spill drop vum Kloterpark, do gi mer dann esou wäit an huelen den Expert mat bäi, do ass en Zuchversuch gemeet ginn, wéi wann e Stuerm wier vun ongeféier honnertfofzéng Kilometer. Do gëtt d'Madamm Engels eis dann en Diagramm an eng Bewäertung vum Bam. Wa mer déi Bewäertung dann hunn, dann decidéiere mer, ob en ewechgeholl gëtt oder net. Deen heite kënne mer elo nach stoe loossen an all zwee Joer oder dräi Joer maache mer dann eng Kéier eng Kontroll. Mee et geet wierklech drëms, fir och am Park Le'h, datt mer do déi al Beem och probéieren esou laang wéi méiglech ze halen, bis och eppes drënner erëm kënnt.

Da ginn ech eng Kéier op déi puer Massiver an, wat do vun Aarbechten usteet, hei ass de Gehaansbierg, dat gréngt, dat ass wat Är Proprietéit ass, dat anert, dat ass privat, also an der Mëtt, wou d'Buerg steet, ass privat an dann nach e klengen Eck do Richtung Käl. Do hu mer och de Borkenkäfer iwwerall. Do musse mer elo och eng Kéier déi ewechhuelen an da kucken, ob eppes vum selwe kënnt oder wann net, wäerte mer dann do uplanzen. De Bëschkierfecht, deen ass immens sollicitéiert, do hu mer elo e puer Beem missen nach der bäi markéieren, fir an d'Zukunft. An do wäerte mer dann och elo am Ufank vum nächste Joer de Wee maachen. Do gi mer net an de Buedem gruewen, well och do, wa mer elo e méi en héijen Opbau vum Wee maachen, da géife mer d'Wuerzelen zerstéieren, och well dee Wee relativ no laanscht déi Beem geet, wou d'Leit da begruewe sinn, an do maache mer just eng Bordür aus Holz an dann e bësse Concassé, fir datt d'Leit awer propper kënnen do goen, well do krute mer effektiv vill Reklamatiounen, och well dat an de Pente läit, wann et naass ass.

An dann hate mer elo nach kierzlech, do war e Privatbëschbesëtzer, deen huet och do geschafft, dunn ass deen awer do iwwert de Wee gefuer, wou en net hätt sollen, deen huet en eis relativ opgerappt do, dee Wee. Bon, do louch schonn eng Bullisschicht drop, mee dunn

huet dat natierlech ganz ellen ausgesinn, an nach kuerz virun Allerhellegen. Déi do Maschinn ass driwwer gefuer, u sech soll ee just fueren, wann et gefruer ass oder immens dréchen, deen do war awer elo gefuer, wou et zwou Woche gereent hat. Bon, mir hunn de Wee dunn ofgekraazt, mee mir kommen awer net der laanscht, elo eng nei Couche eng Kéier driwwer ze maachen. Am Moment geet et, mee esoubal et reent, huet een d'Schong voller Bulli. Do wäerte mer elo esou schnell wéi méiglech eng Interventioun maachen. De Betrib, deen de Schued gemeet huet, muss och en Deel do bezuelen.

Dann, am Park Le'h, wéi all Joer, dat ass déi Plaz, dee Bësch, wou am meeschten ass, wou d'Waldschoul ass, wou Spillplaze sinn, wou de Restaurant ass, wou d'Leit am meeschten hin drainéieren. Do hu mer d'Securisatioun, den Entretien vum Sentier pieds-nus, vun de Spillplazen, wéi üblech. Dann, de Kloterpark, dee securiséiere mer och elo, well dat Beem si vun der Gemeng. Da setze mer alt do méi grouss Beem, fir datt mer do e klenge Virsprong kréien. Wann een elo klenger setzt, mécht dat elo e bësse komesch do am Park. Mir probéieren awer och d'Naturverjéngung, mee béides, ergänzt sech do. Dann hu mer déi Galerie, do musse mer den Daach nei maachen, do sinn d'Holzwellen elo e bëssen ze faul vum Daach. Do musse mer dee ganze Buedem elo eng Kéier erofhuelen an dann eng Kéier nei maachen. Dann hu mer, do war eng Demande komm, fir vum Altersheim dee Wee, deen ass och ausgewäsch gi vum Reen, wann et esou effektiv vill mateneen, an dee gëtt och ëmmer rëm, well dee läit e bëssen an engem Lach, do kréie mer d'Waasser net richteg fort an do war d'Demande eebe vun der Gemeng, ob mer net déi kënnen am Stabiliser maachen, fir datt dat méi befestegt ass, trotzdeem drainant ass, an de Ministère huet eis dat och elo accordéiert, dat heescht, dat kann och dëst Joer dann ëmgesat ginn. Da kënnen déi Leit aus dem Altersheim mat engem Rollstull kommen, da kann een do awer méi propper op deem Circuit ronderëm goen.
Dann hu mer och nach d'Rigollen do, déi sinn net all mat deem Grill ausgestatt, do kucke mer elo, datt mer och deene Rigollen dann alleguerte e Passage maachen, fir datt een do mam Rollstull iwwert d'Weeër ka goen. Dann ass nach e Projet, deen ass zwar nach an d'Etüd, fir eventuell e Blockhaus ze baue fir d'Waldschoul mat eisem eegenen Holz. Dat do war elo den éischte Plang, wéi dat sollt ausgesinn, mee wéi gesot, do lafen nach Gespréicher mat de Service-technicken, dat ass dann net ganz an dréchenen Dicher, dat ass e bësse méi kompliziéiert, wéi ech mer et virgestallt hat, mee ech sinn awer zouversichtlech, datt dat vläit méiglech ass. Voilà, do waren elo puer Biller.

Dann, den Eecheprozessiounsspënner, do war en neie Moment dëst Joer. Mir hu misse elo, et ass elo obligatoresch, datt een am Virfeld e Monitoring mécht vun där Zon, wou ee wëll eng Interventioun maachen, fir ze kucken, wéi eng Populatioun vun Eecheprozessiounsspënner do ass. Dat ass e gudden Outil, wann een nach ni gesprëtzt huet am Virfeld. D'Le'h gëtt awer elo schonn, mengen ech, dräi Joer traitéiert, do gëtt eng Interventioun gemeet mat engem Biozid an elo ass dat net ganz representativ, well u sech d'Näschter gezielt ginn. Visuell ginn déi kontrolléiert, op engem Hektar muss een esou vill Beem kontrolléieren, ob Näschter drop sinn. Hei gesitt der , gréng ass näischt, giel ass ee bis véier Näschter an Tennisballgréisst, rout ass da méi décker. Jo, fir d'Le'h ass et dat elo net optimal, mee bon, mir mussen dat awer maachen. An do hu mer e Kompromëss fonnt, datt mer gesot hunn, da kommt, mir huelen déi Zonen, wou effektiv méi Aktivitéit ass, wéi d'Waldschoul, d'Spillplazen, ronderëm de Restaurant an de Kloterpark an esouguer Zonen, wou elo méi Befall war, hu mer och mol fale gelooss, well mer d'Impressioun haten, datt et e bësse manner wier iwwert déi Joren. A mir kruten och guer keng Reklamatiounen eran an domadder hu mer effektiv den Asaz vum Biozid ageschränkt, vun dräianzwanzeg Hektar, déi mer déi Jore virdru gesprëtzt hunn, si mer op aacht Hektar erofgaang. An trotzdeem hu mer weider keng Reklamatiounen erakritt. D'Leit hunn sech och dru gewinnt mëttlerweil, mee déi Zonen, wou elo effektiv exposéiert sinn, déi, hu mer gesot, maache mer awer preventiv, well wann een näischt mécht, dann ass et herno ze spéit. Jo, da muss een déi Zonen eventuell souguer spären.

Gläichzäiteg hu mer probéiert, net nëmmen dann dee mam Biozid, mee och op déi eng natierlech Aart a Weis, do war e Projet participatif vun der Gemeng lancéiert ginn an ee Projet war do zeréckbehal gi mat de Vullenhaisercher. Dat war e flotte Projet, deen hu mer mat Schoulklassen ëmgesat, mat méi Schoulklassen, do war eng, wou mer de Bam, dee futti ass an der Le'h, eng Wäissdänn, dann ëmgeseet hu mat hinnen. Si konnten do dem Aarbechter soen, hei elo ass d'Sécherheet ronderëm garantéiert, se kéinten deen ëmmaachen, d'Seelwann haten se, mam Funk, wou se konnte betätegen. Dono hu mer hinne gewisen, wéi aus dem Stamm da Brieder geschnidde ginn an du konnten se och selwer mat der Maschinn do fueren an herno hu mir am Atelier dann déi Brieder aus deem Bam, zesummegeschnidden an d'Schoulklassen erëm aus der Waldschoul an der Maison Relais do hunn se dann zesummegesat.
Ech mengen, insgesamt hu mer elo an déi siwwenzeg Vullenhaisercher opgehaang, dat ass och mat enger Ornithologin ofgeschwat ginn, wéi mer se ophänken a wouhinner a wéi vill, an der Hoffnung, datt dat och den Eecheprozessiounsspënner e bëssen andämmt.

Dann, deen aner Bëschmassiv, de Ginzebierg, Blo Klapp, Thilleweier, do dee Point de vue, dee stoung elo scho puer Joer, ech menge vu mengem Virgänger schonn am Plan de gestion. Déi Plaz, wou mer virhaten, ass effektiv net glécklech um alen Tipp vis-à-vis vun de Scouten, do ass esou zougewuess, datt ee guer näischt méi gesäit. Dann, deen Deel, wou gerutscht war ronderëm de Sender, dee Wee, deen ass net stabil, do kënne mer och näischt maachen, an dunn hu mer geduecht, hei vir am Frankräich, net wäit ewech, op 900 Meter, gëtt et e Point de vue, dee gëtt och opgehal, well dee gëtt benotzt vun de Paraglider, an do gëtt et och e klengen Trëppelwee, wonnerschéin, deen ass do, deen och genotzt gëtt, et gesäit een, datt e begaangen ass, mee et sinn e puer Beem, do muss ee securiséieren oder ewech maachen. An dann ass nach eng Plaz, wou relativ géi eropgeet, do siche mer elo d'Gespréich mat der Nopeschgemeng, de Pit Demuth huet de Kontakt hiergestallt, do gi mer elo eng Kéier dohinner froen, ob dat fir si an der Rei ass.  Ech mengen, si kënne jo dann och iwwert dee Wee, op de Circuit ronderëm de Sender

kommen, et wier och fir si attraktiv an dee Moment eventuell hinnen entgéintkommen, déi Plaz e bësse méi schéin ze gestalten, mat enger Bänk oder esou. Mee ech sinn awer zouversichtlech, datt dat realisabel ass an datt mer dann e Point de vue och hunn, deen ëmmer opbleift.

Dann, d'Ponderosa, do ënnen, wann der wësst, wou d'Ponderosa ass, beim Greisendall erop, do waren ëmmer esou Schrebergäert, déi waren awer ganz verloossen an do hunn sech dann eemol Leit do opgehalen, wou sech drogéiert hunn an esou. Mir waren e puer Mol dohinner, hunn awer keen ugetraff, dat ass Arcelor-Terrain, normalerweis gi mer net repressiv, net esou séier, mee hei hu mer hinnen dann eng, Verwarnung geschéckt, si hunn och direkt drop geäntwert, hunn eis op der Plaz gesinn an et ass juristesch, et huet laang gedauert, well si da mussen dee Proprietär, wou virdrun de Gaart hat, uschwätzen, uschreiwen an dräi Méint waarden an et ass awer elo alles gemaach, si hunn elo all déi Haisercher do ewechgeholl, d.h. do läit elo keen Dreck méi an do kann och elo keen sech méi ënnerdaach do setzen, do sinn se eis immens entgéintkomm. Mir kucke elo, mir hunn nach e puer där Flächen, datt mer eng Zon no déi aner maachen, all Joer eng Zon, fir si ass et och immens opwenneg mat hirem Mangel u Personal, mee dat schéngt awer ze klappen.

Dann, Thilleweier, dat gouf schonns ugeschwat, dat ass dëst Joer realiséiert ginn, do ass et drëms gaang, déi Baach, wou besteeënd ass, déi relativ gradlinneg ass, wou eng Kéier kënschtlech amenagéiert gouf, fir déi méi natierlech ze gestalten. Do ass d'Baachbett e bëssen ageschnidden, an de But war, dat aalt Baachbett e bëssen ze ënnerbriechen, e puer Weieren do der tëscht ze halen an eeben, wéi an der Natur, e bësse Meanderen dranzemaachen. Dat ass eis och relativ gutt gelongen.
Am Virfeld sinn déi Hybrid-Pëppelen ewechgeholl ginn, dat si keng eenheemesch, mir kucken, dass do en Auenwald entsteet an do ass d'Bamaart d'Elleren, déi sinn och schonn do an déi hu mer stoe gelooss, just eeben d'Pëppelen ewechgeholl, an do huet d'Gemeng d'Levée bezuelt an d'Realisatioun, well et an engem Natura3000-Gebitt ass, dat huet de Staat iwwert de Fong elo iwwerholl, deen ass eis och do entgéint komm. Do gesitt der elo, wou d'Aarbechte gemeet goufen, dee Baachlaf, do war e ganz am Ufank a mëttlerweil elo wou et méi gereent huet, dat gesäit elo ganz natierlech aus an et vernetzt och déi Fläsch méi an esou kann dann éischter en Auenwald entstoen. Do ass nach déi Baach do, déi leeft dann an den Thilleweier selwer.

Do war eng Interventioun vun der Verwaltung gemeet gi fir dee Myriophillum, dat ass eng invasiv Planzenaart, déi vun den Aquariume kënnt. Deen hat den Thilleweier hallef besiidelt, dee war mat der Hand erausgerappt ginn elo vun der ANF d'lescht Joer. Dëst Joer hu mer awer leider misse feststellen, datt et nach schlëmmer ginn ass, trotz Interventioun. U wat et richteg läit, wësse mer elo net. De Service Natur vun der Verwaltung kuckt sech dat elo un, wat een do ka maachen, well déi Baach leeft herno weider an d'Frankräich an déi Planzenaart, déi sidelt sech just un a steeënd Gewässer, net an der Baach, mee wann et da weiderleeft an erëm an e Weier kënnt, da kréien déi dat deemno wéi och. Dat heescht, do musse mer iergendeppes maachen. D'Verwaltung ass elo amgaang ze kucken. A wat mer festgestallt, well mer méi oft da elo do waren, datt mer och nach en Nutria do hunn, dat ass och eng invasiv Aart, awer dann eng Déierenaart. Do gëtt et e Plan d'action vun der Verwaltung. Am Prinzip ginn se gefaangen an dann erschoss. Am Moment ass een do, mir kucken elo mol, wéi d'Saach sech entwéckelt. Et ass e bësse méi grouss wéi eng Bisamrat. De Problem ass, si verdrängen déi aner Déieren. Si sinn eng riseg Konkurrenz vun der Narung hier. An hannen d'Berge ass effektiv och elo scho futti, vun deem kënschtlechen Thilleweier, ob dat elo duerch deen ass oder net, mee si gruewen sech an d'Bergen an a maachen déi da futti. Wann et elo Biber gewiescht wieren, wiere mer frou gewiescht, mee et war awer en Nutria.

Voilà, am Wal, deen anere Bëschmassiv, den Daerebësch, wou jo dann elo ab Mee och eng Réserve naturelle ass, do ass amgaang d'Wëldbréck gebaut ze ginn a vu datt den Amenagement elo nei gemeet gëtt, den Inventaire hu mer, do kënne mer déi Ilôts de vieillissement, dat sinn Ilôten, wou mer duerch d'Zertifikatioun och musse maachen, esou vill Prozent vun der Bëschfläch an do gëtt net méi dra geschafft. An do hu mer elo gesot, firwat leeë mer se net lénks a riets op d'Gemengeproprietéit vun der Wëldbréck, esou datt do guer keng Steierung méi dann ass, da gëtt keng Interventioun méi dra gemaach, fir am Bësch ze schaffen, da kënnen d'Déieren do a Rou vun där enger Säit op déi aner Säit eriwwergoen, wann se bis fäerdeg ass. An den Daerebësch, Wal, d'Haaptobjektiv do ass d'Eech ze verjéngen. Firwat d'Eech? Well am Wal och schonn eng héich Densitéit vu Fliedermais nogewisen ass, a verschidde Fliedermais sinn do un déi al Cavitéiten, déi al Eechen, déi Höhlen, ugewisen an do ass eeben de But, fir do ze kucken, datt mer déi Eech do iergendwéi verjéngt kréien. Voilà.
Dann d'Sensibilisation du public, wéi all Joer, also Visite-guidéeë sur demande, da wa Leit Uleies hunn, gi mer och mat deenen op den Terrain kucken, eemol d'Joer mat der Ëmweltkommissioun, da mat de Schoulen zesummen, do si mer ganz vill elo sollicitéiert. Dat huet ech elo ronedrëm geschwat fir verschidden Saachen do ze bastelen. Dat maache mer och gäre, mee mir hunn och nëmmen eng gewëssen Unzuel vun Aarbechter. Dofir hu elo eng Maschinn nach dragesat, dat ass esou eng Maschinn, do gi mer am Computer d'Donnéeën an déi kann dann d'Plack selwer gravéieren, wann ee elo, wéi een en Hues gravéiert oder sou, dat hëlt dem Aarbechter dann awer vill Zäit ewech a maschinell geet dat da méi séier.

Da mat der Waldschoul, do si mer ganz am Austausch och, si kommen eemol d'Joer op d'Affilux, do ass de Point départ fir dann d'Haard kucken ze goen a wärend dräi Woche mam ORT, mat der Wëlldéierestatioun. Well d'Klassen an de Bësch och ginn, mir sinn elo amgaang mat kucken, hei sinn elo Gebaier, wou do stinn dat een, dat éischt uewe lénks ass op der Haard uewen, wat elo quasi net méi benotzt gëtt, just eemol d'Joer vun de Jeeër. Dat anert ass en alt Polverhaus, och op der Haard, nach en Zäitzeien. Dat ass relativ gutt erhalen.
An ënnen, dat ass bei eis elo een Deel vum Atelier, wou mir elo am Moment hunn, mat engem Container virdrun,

deen elo net immens schéin ass, do sinn Iwwerleeunge wat mer kënne vläicht fir Kanner do amenagéieren, oder ob mer dee Container ewechhuelen, en Iwwerdaach aus Holz maachen. Si hu souwisou elo schonn, wann se bei eis fortginn, hu mer hinnen eng kleng Plaz amenagéiert, wou se da mëttes kënnen iessen. Do kucke mer elo, wat machbar ass, och vum Naturschutzgesetz hier, mat der Verwaltung. Maschinnen, dat ass déi do, dat ass déi Portalfräs fir dem Aarbechter e bëssen ze vereinfachen, fir deene Commandë vun de Schoulen nozekommen. An dann, well mir op der Affilux awer Maschinnen hunn, déi mer elo net kënnen op d'Tankstell fueren, am Moment maachen d'Aarbechter dat mat de Bidonen, dat ass e bëssen iwwerlieft, fir do eng mobil Tankstell ze maachen, do ginn dann zweehonnert Liter dran an da kann ee mat engem normale Fürerschäin och op d'Tankstell eriwwerfueren an d'Maschinn dann direkt betanken.

Voilà, wat heescht dat budgetär? Mir sinn do liicht méi héich am Verglach mat 2023 op 2024, 4 600 Euro bei de Salairen, dat sinn, wat d'Aarbechter kaschten, dat ass also ëmmer eng Estimatioun, am Endeffekt. Um Enn vum Joer gesi mer eréischt, deemno wéi eng Proprietéit se geschafft hunn, wéi vill et dann ausmécht, mee mir sëtze léiwer e bësse méi dran, fir awer net herno mussen nozestëmmen ze goen. Bei de Facturen, dat ass zum Deel bedéngt dann duerch de Monitoring, dee kascht och 12 000 Euro an d'Sécurisatioun, wou eebe mer oft mam Steiger schaffen oder Leit mussen huelen, déi an d'Beem klammen. Dat mécht e Gesamtbetrag vu 419 250 Euro, dat heescht 10 000 Euro méi wéi d'lescht Joer. An d'Recetten, déi kommen dann haaptsächlech duerch Brennholz, duerch d'Juegdgeld, dat beleeft sech op ongeféier 31 000 Euro, dat ass d'selwecht wéi d'Joer virdrun. Voilà, a ronderëm d'Affilux, de Stade Barozzi kennt der vläicht do oder d'Annex vum Lycée, do kréie mer jo dee neie Site, ënnen elo, dat ass dat lescht Gebai, dat nach behale gouf vun der Affilux selwer um Site, do kënnt d'Bürosgebai an d'Mëtt an uewen en Hangar fir all d'Maschinnen, dat gëtt vum Staat finanzéiert an do kommen och méi Fierschter hin, dee Käler, dee Beetebuerger, deen Diddelenger an dann de Jan Herr, de Manager vun den Tagebaugebidder an dann e Hangar fir d'Brennholz stockéieren a fir d'Bürosgebai ass d'Holz scho geschnidde ginn, do probéiert d'Verwaltung e bëssen innovativ ze si mat Bichenholz aus dem Gréngewald, dat si 500 Meterkibb, déi goufe geschnidden zu décke Brieder, zu Madrillen, déi leien do fir ze dréchnen an da kann d'nächst Joer normalerweis d'Gebai da gebaut ginn.

Dat soll ganz aus Bichenholz da mol eng Kéier gebaut ginn. Am Prinzip sinn déi Holzhaiser alt zu nonzeg Prozent aus, Nolenholz gebaut, well mir awer vill Bichen hei hunn, wollt d'Verwaltung do mat Bâtiments publics eng Kéier e Pilotprojet maachen. Dat gesäit am Moment och gutt aus an d'Holz ass scho gedréchent op 16 Prozent Fiichtegkeet, esou dat een et och ka leie loosse  bis d'nächst Joer, et ka sécher domat gebaut ginn. Voilà, dann, wat nach a Konstruktioun ass, dat zitt sech elo iwwer d'nächst Joer warscheinlech eriwwer. Bedéngt duerch de Reen, komme mer elo do net esou gutt weider, dat ass de Parking écologique, dat soll de Point d'accueil si fir d'Haard. Dat war bis elo ëmmer deen ale Parking am Makadamm, déi Aarbechte sinn elo amgaangen, do ginn nach Beem geplanzt, esou datt dat warscheinlech Enn Januar wäert fäerdeg sinn.
An uewe fir op d'Haard erop, och dee Wee, do parken d'Autoen och egal wéi an et stinn och Autoen do, déi scho ganz laang do stinn, do maache mer de Wee e bësse méi enk, et läit och alles am Naturschutzgebitt schonn, an, da kréien déi Leit och e propperen Accès fir bei hiert Haus ze fueren. Dat gëtt och iwwer den Staat finanzéiert. Voilà. Da soen Iech Merci. Wann nach Froe sinn, ganz gären. A Merci fir d'Ënnerstëtzung. Voilà.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Villmools Merci, Guy Rassel, fir déi vill an intressant Erklärungen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech fänken dann elo un. Ech hat mer e puer Saachen notéiert. Also, wat mer natierlech alles immens flott fannen, dat ass éischtens mol, wéi deen Site AfiLux do elo revaloriséiert gëtt, et ass eng flott Plaz fir ze schaffen, fir ze stockéieren. Et ass awer och eng flott Plaz, fir mat de Schoulklasse pedagogesch Aktivitéiten ze maachen. An ech fannen et ganz wichteg, dass deen esou ausgebaut gëtt, dass der do ideal kënnt schaffen. Ech hu mer bei der Visitt soe gelooss, dass der nach keng Toilette do uewen hutt ; vläit kann een dann dem Schäfferot dat mat op de Wee ginn, deen sech jo awer esou fir säi Personal asetzt, ob se do net vläicht eng Kéier kéinten och eng Toilette amenagéieren. An der Logistik, déi Maschinnen, déi do dra sinn, do hutt Dir der jo elo zwou, déi der kaaft hutt, déi eng fir dat klengt Brennholz ze maachen, déi aner fir déi grouss Stämm a grouss Brieder ze schneiden, an elo hunn ech verstanen, dass déi Maschinn fir d'Brieder ze schneiden, déi grouss, déi mobil See do, dass dat net eng ass vun Ärem Service, mee dass déi d'Schräinerei huet, d'Schräinerei huet déi kaaft. Ass déi dann och elo net hei an eisem Budget dran, dee mer hei elo hunn, ass dee vläicht am Budget vun der Gemeng vun der Schräinerei dran? Just fir ze wëssen, wou een déi da kann nosiche goen.

Wat natierlech eng ganz flott Approche ass, dat ass, dass manner Brennholz produzéiert gëtt, well och eebe probéiert gëtt, fir wéinst där Dréchent de Kalschlag ze vermeiden an och d'Bëscher net ze vill auszehielegen, dass se net nach méi verdréchnen. Well dee Reen, wou d'Leit sech elo dräi Woche laang beklot hunn, elo am November, dee geet ganz sécher net duer fir all dat ze kompenséieren, wat mer vun de leschte Jore manner hunn an et ass haaptsächlech de Reen am Januar, Februar, Mäerz, och am Dezember e bëssen, wann däers do esou vill kéim, dee kéint e bëssen hëllefen, déi Dréchent ze bekämpfen, mee do si mer nach ëmmer wäit hannendran. An dann ass et eebe wichteg drop ze pochen, dass mer e Gesetz hunn, wat déi invasiv Aarte soll reduzéieren, an duerfir sinn dann och Beem, déi mussen ewechfalen an och Déieren, wéi zum Beispill déi Bisamrat do.
Wat elo interessant ass, do steet awer an Ärem Budget och nach de Frelon asiatique, dat ass déi orange Wesp, déi och alles futti mécht. Wéi ass et mat där? Well ech hu fonnt, dass do am Fong am Budget net vill Ausgabe stinn. Do steet e Salaire vu 500 Euro an do steet awer herno bei der Rechnung null Euro. Heescht dat, dass do keng Efforte gemaach ginn oder heescht

dat vläicht, dass de Staat déi Saachen iwwerhëlt? Do hätt ech nach gären e bësse Kloerheet, also fir den Nutria a fir déi Wesp do. Déi Sensibilisatioun an Informatioun vum Public ass natierlech eng immens wichteg Saach mat deene Konstruktiounen, déi mer maachen, déi flott Bänken, déi de Marc Hoffmann mécht, wou mer och zum Beispill eng do uewen an deem Jardin pédagogique hunn, nieft dem Scoutshome vun de bloe Scouten - do gëtt net nëmme gespillt, Här Meyer - an dass d'Schoulklassen agebonne ginn, fir flott Saachen ze maachen, wou se déi Portalfräs kréien.

Do hu mer ganz flott Saache gesinn, déi der do uewen och op Ärem Site op der Affilux stoen hutt, an dat Blockhaus an der Waldschoul. Dat sinn alles flott Manifestatiounen, wou een och de Leit ka weisen, wat mat eisem Holz ka gemaach ginn, wann et eebe muss geschloe ginn, well et zum Beispill e Sécherheetsproblem duerstellt. A grad bei deem Sécherheetsproblem stellen ech mer d'Fro: Wéi geet dat, wéi gitt der gewuer, dass do Beem sinn, déi dat néideg hunn? Hutt der do een, deen den Tour mécht duerch ganz Diddeleng an d'Beem laanscht d'Weeër kuckt? Oder baséiert der lech eventuell op d'App Report it, déi d'Gemeng huet, wou d'Leit et kënnen eraginn? Well mir ass elo zougedroe ginn, dass zum Beispill op deem klenge Wee tëscht dem Kräiz an der Rue Fany Schumacher Eeche sinn, wou d'Äscht relativ wäit eriwwerhänken an déi awer net ganz gutt ausgesinn. Wie geet déi Saache kucken an op wie verloosst der lech do, wann der en Tipp kritt, wat der do misst vläit wéinst der Sécherheet un engem Bam maachen? Ech mengen, dat wier esouwäit alles, wat ech wollt froen, déi Bëschbegehung war wéi all Joer erëm ganz interessant. Obschonn ech net méi an der Ëmweltkommissioun sinn, hat ech d'Chance, well eent vun der CSV net konnt matgoen, dass ech dunn awer do amplaz konnt goen. Et ass ganz léierräich an et huet ee wierklech d'Gefill, dass an eise Bëscher eppes geschitt an dass déi Saach an enger ganz gudder Hand ass. An och wann d'Natur vläicht de Moment net esou gutt fir d'Bëscher schafft, an dach, dass déi Ekipp, déi do op der Affilux schafft, dass déi wierklech e Maximum mécht an e ganz gutt Resultat huet. Dofir soen ech lech villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler. Sinn nach weider Stellungnamen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, Merci fir d'Wuert. Also, ech géing mech deem uschléissen, ech si selwer an d'Semiray Ahmedova och net, mir sinn och net an der Ëmweltkommissioun, mir haten awer d'Chance, dass zwee vun eise Membere konnte mat der bäi sinn an se hunn déi Visitt immens flott fonnt souwuel dat op der Affilux, wéi och elo um Thilleweier, wat mer elo hei konnte gesinn, dat huet eis alleguerten immens gutt gefall. Och virun allem, dass d'Form, wéi renaturéiert gëtt an och wéi am Aklang mat der Ëmwelt awer do am Bësch geschafft gëtt, wéi e genotzt gëtt, dat gefält eis ganz gutt. Iwwer d'Wichtegkeet allgemeng vun eise Bëscher si mir als déi Gréng natierlech jo ganz vigilant drop, wéi et hinne geet. Et geet hinnen am Moment net gutt, ee Rekordsummer jot deen aneren, ech hat e bësse meng Recherchen do gemaach: Dee leschte Rekordsummer war 2019, elo ass dee leschten 2023 gewiescht, dat ass - wéi der och virdru gesot hutt - an deene leschte fënnef Joer ass et am Fong rapid d'Baach erofgaange mat de gudde Konditioune fir eis Bëscher an dofir ass et wichteg, dass mer duerno kucken.

Mir hunn eis verschidde Froen dozou gestallt gehat, ënner anerem, well dat jo och elo vill an der Press war mat der Juegd vun deenen eenzele Bëscher an och mam Planze vun neie Beem, déi dann oft Opfer gi vun deem héije Wëldbestand, dat mir an de Bëscher hunn. Gëtt et do iergendwéi eng Spezifizitéit fir Diddeleng, wéi domat ëmgaang gëtt? Sinn do relativ vill Wëldschied an eise Bëscher aktuell oder hält sech dat nach a Grenzen an deene Gebidder, déi mer hunn? Dat wier esou deen éischten Deel. Deen zweeten Deel mam Eecheprozessiounsspënner, do sidd der drop agaangen. Dat fanne mer och richteg flott, wéi do déi Biergeriddi konnt ëmgesat ginn, och mat de Kanner, dat ass eng immens flott Approche an esou soll et jo och sinn, dass natierlech Feinde fir déi Aart do einfach an de Bësch kommen, dass mer net méi musse sprëtzen, och wann Dir, wéi der hei erkläert hutt, dat awer relativ gutt mat natierleche Produiten dann hikritt. Zu den Opklärungscampagnë war och elo kuerz driwwer geschwat ginn, do huet sech eis d'Fro gestallt, wéi et mat den Zecken ass, déi jo och relativ heefeg well an deenen heite Wiederkonditioune virkommen an och krankheetsiwwerdroend sinn, respektiv méi schwéier Krankheete kënnen iwwerdroen. Ee leschte Punkt, dat wier am Fong, mir ware mat de Kolleege vun déi Lénk de Bamregëster eng Kéier kucken, wat mer alles an Diddeleng esou vu Beem stoen hunn, wéi al dass se sinn, wat et do alles u gëtt.

Si hunn eis genau dat selwecht gesot, wat der och sot, dass et de Beem - an ech mengen, mir hunn dat do virdrun an deem éischte Wuert vum Buergermeeschter héiere gehat - dass et de Beem awer e bësse scho schlëmm zousetzt an der Lescht, déi ganz Wiederkonditiounen, an dass d'Upassung, déi d'Gemeng Diddeleng mécht op méi heemesch Aarten a méi gemëschten Aarten, jo natierlech dozou bäidréit, dass Diddeleng méi gréng gëtt. Wéi steet et mat deene grénge Korridoren eventuell an Diddeleng, gëtt dat mat beduecht, ass et vläit eng Iddi, an Zukunft nach méi geziilt gréng Korridoren duerch Diddeleng ze begréngen, fir dass een déi eenzel Ekosystemer matenee verbonne kritt? Ech mengen d'Aartestierwen - der hutt virdru gesot, et si ganz vill invasiv Aarten, déi dann awer ëmmer méi opkommen - esou d'Aartestierwe vun eisen heemeschen Insekten ass e risegt Theema.

D'Theema Liichtverschmotzung hate mer jo och schonn eng Kéier ugeschwat, och dat dréit der zou bäi, dass déi Insekten net méi ginn, mee éischter manner ginn. Spillt dat an der Planung vun deenen eenzelen Ekosystemer mat, dass Diddeleng net als Trennung gesi gëtt, mee als Bréck fir se ze verbannen. Dat wier elo esou bëssen aus eiser Sicht. Dat Eenzegt, wou mer dann nach positiv wéilten ënnerstäichen, dat ass dass dat Gesetz vum Naturpakt nach duerch déi Gréng an der Regierung op d'Schinne konnt gesat ginn an do hu mer jo déi éischt Goldauszeechnung scho beim Klima kritt gehat. Vläit kënne mer jo an déi Richtung weiderschaffen, dass mer am Naturpakt och eng besser Auszeechnung kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech wollt eng Kéier op déi fofzéng Prozent ze schwätze kommen. Dir hutt gesot, just nach fofzéng Prozent vun eise Beem si ganz gesond. Well ech weess jo, dass de Fierschter keen Afloss op d'Wieder huet, mee ginn et do eventuell nach Saachen, déi ee kann ënnerhuelen, fir dee Prozentsaz e bëssen an d'Lucht ze drécken? Da wollt ech effektiv och eng Kéier op den Zeckeproblem ze schwätze kommen, deen den Här Steffen och ugeschwat huet. Zecke ginn et ëmmer méi, och deels wiederbedéngt, well eeben net méi déi Wanteren do sinn, déi mer fréier haten, wou déi Déieren dann deels och gestuerwe sinn. Ginn et do och scho Mesuren, déi een sech iwwerleet fir an Zukunft dat net ausaarten ze loossen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci, Här Buergermeeschter. Villmools merci och, Här Rassel, fir déi flott Presentatioun, well ech muss soen, et ass wierklech interessant, wann een do gesäit, wat alles och vu Projete gemaach gëtt. Och déi ganz Projete mam Cycle 1 mat de Kanner, mat der Waldschoul, ech mengen, dat ass och immens, immens wichteg an natierlech immens flott ze gesinn. Haut ass et effektiv - dat gouf elo scho gesot - méi wéi jee wichteg, dass mer an eis Bëscher wierklech investéieren, och wann een da reng comptabilitéitstechnesch am Budget dann natierlech rout Zuele schreift, mee ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, dass dat wierklech e ganz, ganz wichtegen Invest ass. Bon, mir wëssen, dass d'Bëscher am ganze Land an engem schlechten Zoustand sinn an ech wollt effektiv och froen, wéi héich den Taux ass? Dat hutt der eis elo gesot, bon, et gouf elo gesot, déi fofzéng Prozent si ganz gutt a ech hat mer elo net alles notéiert op Ärer Presentatioun, mee wann ech richteg verstane hunn, fofzeg Prozent si ganz schlecht bis dout, dat ass natierlech effektiv e ganz, ganz héijen Taux.

An an deem Kontext wollt ech och froen, wann Holz gehae gëtt, do gi jo da Beem gehaen, déi einfach bei Alter sinn, dat ass en natierleche Prozess, an ob der eis kënnt soen, wéi héich den Taux ass an ob een do vläicht eng Evolutioun gesäit och vun deene méi jonke Beem, déi wierklech einfach musse gehae ginn, well se et net iwwerliewen? Jo genau, do steet et, fofzeg bis véierafofzeg Prozent si wierklech "fortement endommagés ou des arbres morts". Dat ass wierklech e ganz héijen Taux. An da mussen natierlech déi Beem zum enge gehae ginn an se musse dann och ersat ginn. Ech ka mer virstellen, dass dat extreem vill Aarbecht ass an do wollt ech einfach wëssen, wéi der do opgestallt sidd, ob der dat och alles ëmmer hikritt, esou wéi der dat gär géingt maachen, ob der dat iwwerhaapt vun der Main d'oeuvre hier alles, wat esou méiglech ass, dat alles ëmzesetzen, wat een sech dann esou virhëlt?
An dann hunn ech mer nach eng lescht Fro gestallt. Ech weess elo mol net ob et en nationale Plang gëtt fir de Bësch un de Klimawandel unzepassen, mee ech mengen, egal wéi soll d'Gemeng do jo sech aktiv mat abréngen. An do hunn ech mech gefrot, ob et do zum Beispill och d'Méiglechkeet gëtt oder ob dat scho genotzt gëtt, fir Versichsparzellen ze maachen, fir eeben och ze kucken, wéi eng Beem an d'Zukunft eeben och d'Méiglechkeet hu fir ze iwwerliewen an e bëssen auszeprobéieren, wat do kéint funktionéieren a wat net. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Gëtt et nach weider Stellungnamen?

MARTINE KOHN (LSAP): Jo, Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, ech wëll hei just nach e puer Mercie lassginn an och vun der Säit vun der LASP. Natierlech ass dat hei dee ganzen Domaine, eppes, wat eis scho säit laangem natierlech um Häerz läit a wou ganz, ganz vill Efforte gemaach ginn. Vun eiser Fraktioun aus dofir och en décke Merci un Iech, un Är Leit um Terrain. Mir hunn hei e puer Saache gesinn, zum Beispill alleguer déi Initiativen zur Securisatioun, déi Weeër, déi an d'Rei gesat ginn, déi Projeten - ech weess de Gemengerot, dee war schonn e puer Joer hei befaasst a mat där ganzer Problematik ëm d'Eecheprozessiounsspënner - do hu mer eis schonn e puer Mol de Kapp zerbrach, wat dann déi beschten an déi duussten an déi ideaalste Method wier fir domadder ëmzegoen. An ech mengen, mir hätten elo nach e weidert Pëselstéck fonnt fir an deem Plang mat deem flotte Projet mat der Klass fir do och op déi natierlech Feinden ze setzen, déi dann esou en Insekt huet. Dann hate mer den Thilleweier gesinn, mat deem Auebësch, deen do soll ugeluecht ginn. Et ass immens beandrockend, wann een déi Biller gesäit, wéi elo deen natierleche Laf do erëm ass vun där Baach. Dann och dee ganze Projet Ausbau vun Ärer Statioun um Site vun der Affilux. Dat natierlech geet och nämmen, well déi Zesummenaarbecht tëschent Gemeng a Staat och exemplaresch ass, datt dat eeben esou flott do kann iwwert d'Bün goen an ech mengen, do ka ganz d'Gemeng dovunner profitéiere vu weiderhi flotte Projeten.

Dat Ganzt zitt sech ëmmer erëm wéi e roude Fuedem duerch Är Presentatioun hei, dat si Wierder a Wäerter wéi Nohaltegkeet, Responsabilitéit, Diversitéit an dann och, wéi mir drun eruginn och mam Holzverkaf, datt dat och soll hei an der Gemeng bleiwen, datt déi Diddelenger virun allem sollen der vu profitéieren an et gesäit ee jo och, dat huet ee grousse Succès an dat ass schonn eng gutt Saach. Natierlech maachen déi Zuelen engem Angscht, och wa mir elo eng vun deene Gemenge sinn, wéi, wéi der scho virdru gesot hat, praktesch d'Integralitéit elo an d'Schutzgebidder besteet, mee trotzdeem ass dat näischt, wat ee ka berouegen. Do ass einfach d'Natur, dat ass vill, vill méi staark wéi d'Mënschen sech dat virstellen, net nëmmen am gudde Sënn, mee och wann se bis krank ass, da gëtt se richteg krank an dann huet dat natierlech och en Impakt op eis. Dofir kënne mer nëmmen - an ech mengen, do ass keen Zweiwel hei och vun der Majoritéit - alleguer déi Initiativen ënnerstëtzen, déi an alle Beräicher, op allen Niveaue gemaach ginn, fir datt mer op eisem Terrain da wéinstens an eiser Gemeng, alles mënscheméiglecht maache fir datt dat an déi richteg Richtung geet an datt mer dat hu do kënnen ënnerstëtze bei deem schwéiere Kampf, deen de Moment do usteet.

Eng kleng Fro hat ech nach just well et war e klengen Opschrei wéi et hei ëm dat Déierche gaang ass zu deem Nutria, ob et dann net awer vläit eng Alternativ gëtt zu der Doudesstrof, ob een dann net kann esou eppes expatriéieren, soen ech elo mol, a carrement dohinner delokaliséieren, wou en heemesch ass. Mer hoffen da bis zum Schluss, op alle Fall, jo, et deet eis natierlech ëmmer Leed fir en Déier, wann esou Saache passéieren. An dann hätt mech einfach eppes intresséiert, wat net ganz hei an de Kontext passt, mee mir kennen alleguer den Impakt och vun der Landwirtschaft op alleguer déi Beräicher wéi d'Waasser, wéi de Bësch, dat ass e groussen Ekosystem, wéi mer do opgestallt sinn hei a wéi wäit do d'Forstwirtschaft oder wéi der do zesummeschafft mat anere Playeren am Naturschutzberäich a wéi mir do stinn, hei an der Gemeng. Dat géif mech einfach interesséieren. Merci. Also, en décke Merci nach eng Kéier vun der LSAP.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Merci, Madamm Kohn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, Merci, ech maachen et kuerz, well et ass wierklech villes gesot ginn. Ech wollt awer gäre froen, fir déi Visite-guidéeën, sinn déi vill sollicitéiert a virun allem vum pädagogeschen Sënn, der hat elo vun enger Klass geschwat, wier et vläicht interessant, fir un alleguerten d'Primärschoulen, soen ech elo mol, unzetrieden an si ze fuerderen, datt si do matmaachen, well schlussendlech ass et esou, datt duerch esou Visitte mir d'Natur méi no un d'Kanner bréngen an si léieren och, datt d'Holz aus dem Bësch kënnt an net vum IKEA. A lokal Produktioun, lokal Konstruktioun ass immens wichteg, einfach fir den État d'esprit scho bei de jonke Kanner mat anzebréngen. An direkt am Uschloss dann de Pilotprojet mat Bâtiments publics. Dat begréisse mer natierlech a mir si ganz gespaant an hoffentlech gëtt dat e super Succès, datt mer kënnen an déi Richtung an an deem Sënn och vläit weider Konstruktiounsbauten hei zu Diddeleng maachen.

Dat anert, wat ech wollt soen: Jo, mir däerfen net vergiessen, datt mir an enger Agglomeratioun sinn an datt et immens wichteg ass, datt eis Bëscher ronderëm déi Agglomeratioun erhale ginn, datt mer dran investéieren, wéi eis lénk Kolleegen dat gesot hunn, dat ass immens wichteg, well hautdesdaags hu mer wierklech en Dérèglement climatique an an engems dréit de Bësch dozou bäi, datt mer d'Temperatur reguléieren an an engems och natierlech d'Waasser opfänken, an do wier vläit eng Fro: Hutt der do eng Iddi, vläicht brauch der net direkt drop ze äntweren, mee wat ass de Buedem vun eise Bëscher ronderëm Diddeleng, well de Leem hëlt jo u sech Waasser ganz schwéier op an u sech soll de Bësch awer dozou bäidroen, eng Barrière ze sinn, eng natierlech Barrière ze sinn, bei vill Reen, datt Waasser net onbedéngt direkt an d'Agglomeratioun erafléisst. Mir haten awer virun e puer Joer hei de ganen Zentrum Diddeleng iwwerschwemmt, an do froen ech mech einfach, wéi de Stand vun eisem Buedem ass.

Dat anert ass, der hutt vum Brennholz geschwat. Et ass immens interessant, datt mer esou vill Prozent kënne wierklech lokal benotzen. Meng Fro wier just: Wien ass Demandeur a solle mer do och vläit méi Reklamm maachen an oder vläit net, ech gesinn d'Reaktioun, mee et ass wierklech en interessante Potenzial fir méi lokal ze sinn. Allgemeng als Conclusioun ass et immens wichteg, datt mer natierlech eise Bësch erëm ganz gesond kréien, well dozou droe mer bäi fir eng nohalteg an eng ëmweltgerecht, equilibréiert Entwécklung vun eiser Stad ze maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. Sinn nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech wollt just kuerz e puer Remarke maachen zum Eecheprozessiounsspënner. Effektiv huet ee gemierkt, ech a menger Praxis och dëst Joer konkret, et si vill vill manner Fäll, also bal keen, ech mengen een oder zwee Fäll vu Kanner, déi attackéiert gi sinn, souzesoen, vun eisen Eecheprozessiounsspënner, déi eng allergesch Reaktioun haten, dat war dëst Joer wierklech en immens groussen Ënnerscheed zu deene Jore virdrun an ech denken, d'Preventiounsaarbecht gesäit ee jo am beschten, och wann effektiv d'Resultat dann och gutt ass. Dann, zu den Zecke wollt ech och ganz kuerz soen, bon, dat ass en internationale Phenomeen, dass déi Zecken, déi mir jo elo bei eis nach hunn, déi iwwerdroen allerhéchstens d'Borrelios. Mir wëssen awer och, déi Zecken, déi FSME iwwerdroen, dat ass d'Encéphalomyélite myalgique, dat ass eng ganz geféierlech Krankheet, déi et haaptsächlech an Éisträich gëtt, a Slowenien, an den nordesche Länner, awer och a Bayern an am Schwarzwald an déi Zecken, déi déi Krankheet iwwerdroen - oder soe mer mol sou - déi beluede si mat där Krankheet, déi dat da weider kënne ginn un d'Mënschen, dat kënnt erop aus dem Süden an dat läit och un der klimatescher Verännerung.

Et ass virdru gesot ginn, d'Zecken, déi stierwen net aus, et ass net kal genuch, momentan - dat gëtt international iwwerwaacht - si mir elo nach keng Risikozon fir déi FSME-Krankheet, dat heescht d'Recommandatioun fir flächendeckend Impfungen ze maachen, wéi zum Beispill an Éisträich, déi hu mir elo hei zu Lëtzebuerg nach net, mee dat gëtt iwwerwaacht. An ech denken och, an e puer Joer komme mer do net der laanscht, dass mer wäerte méi där Déiercher och bei eis fannen, déi déi Krankheet iwwerdroen an da steet eng nei Impfung entre guillemets "Gottseidank" zur Verfügung, fir dat awer ze verhënneren, mee momentan si mer nach net esou wäit. D'Borrelios ass eng Krankheet, déi an nonzeg oder néngannonzeg Prozent gutt ausgeet, mee awer och ka Laangzäitproblemer maachen. Also, wéi gesot, Zecken ass schonns e grousse Problem. Ech mengen net, dass een do iergendwéi e Wonnermëttel fënnt, fir déi ze evitéieren. Ech mengen do ass et einfach och iwwert d'Opklärung, dass een zu de Leit seet, wann der mam Hond oder sou spadséiere gitt, kontrolléiert Ären Hond, kontrolléiert d'Kanner, kuckt, dass der Strëmp undot, déi iwwert d'Box ginn an esou weider. Ech mengen, do geschitt jo och op nationalem Plang eppes, och vun der Santé aus komme jo och do ëmmer Consignë, wéi een sech soll do verhalen. Voilà, dat war just zu deem medezinesche Volet.

Wat ech ganz flott fannen, dat ass effektiv dass et fir eis och esou wichteg ass, dass d'Kanner mat der Natur a Kontakt kommen. Vill flott Projeten, déi der hutt, déi begréisse mer explizitt, virun allem och de Projet Waldschoul an och d'Iddi, fir do e Blockhaus ze maachen, dat fanne mer och ganz flott, fir dat och e bëssen auszebauen. Mir hate jo och schonn ugeduecht, fir eng richteg Bëschcrèche och do ze maachen, dofir kënnt dann och elo nach eng Kéier meng Fro - mir hate schonn an der Schoulkommissioun doriwwer rieds - mir hu jo am Quartier Italien eng Crèche, déi wollten och am Fong eng Bëschcrèche sinn, mat eebe reegelméissege Sortien, wat awer schwiereg ass, well déi Leit ëmmer soen, dat ass eeben sou, déi bräichten e klengen Ënnerstand. An dann, mer wëssen, d'Haard ass jo awer och en Naturschutzgebitt, der hutt et unhand vun deenen dräi Gebaier, déi der do gewisen hutt, och nach eng Kéier erkläert. Meng Fro ass elo: Wien ass do zoustänneg fir zum Beispill éischtens emol déi Gebaier, déi do sinn, der hutt gesot, dat eent Gebaier ass relativ vétuste. Wéi ass do de Kontakt, wéi leeft dat do, wann der sot hei kommt, mir hätte gären, dass mer do eppes maachen oder mir hätten elo gären en Ënnerstand. Hutt der do eng Demande gemaach? Kritt der do eng Explikatioun firwat eppes machbar ass oder net machbar ass oder ass dat einfach rigid vum Gesetz esou festgehal? Ech mengen, et waren déi Diskussioune jo an anere Gemengen, déi Bëschcrèchen hunn, dass se do gesot huet, majo der däerft awer eng Roulotte dohinnerstellen, en Zirkuswon dohinnerstellen.
Wéi gesitt der do eng Méiglechkeet, dass mer op der Haard awer eppes kéinte maachen, fir zum Beispill, dass déi Crèche, déi mer am Ufank als Bëschcrèche ugeduecht hunn, dass mer déi och kënnen als telle quelle esou benotzen a wéi gesot, déi dräi Gebaier, wou der do gewisen hutt, wéi gesitt der do de Fortgang? Hutt der do e positive Feedback, dass och déi zoustänneg Verwaltungen, national Verwaltungen, hunn se Loscht, do eppes ze maachen oder loossen se dat einfach esou bëssen dahin dümpeln, wéi een esou seet?

Eng aner Fro ass mer awer och duerch de Kapp gaangen, der hat och vun der Ëmleedung oder vun der Renaturéierung vun der Baach geschwat. Mir haten och rieds gehat, wou mer elo beim Site vum CGDIS, deen elo soll bei d'Husky kommen, do soll och d'Baach ëmgeleet a renaturéiert ginn. Dat ass jo awer eng national Zon. Ech huelen un, dass dat just den Ëmweltministère ass, mee sidd der do och implizéiert mat äre Rotschléi oder mat Ären Experienzen, fir do Äre Feedback och oder Ären Input ze ginn a wéi wäit ass dee Projet weidergaangen? Well ech denken, et ass jo awer op Diddelenger Terrain nach, och wann et eng national Zon ass, vläicht kënne mer do och nach Explikatioun kréien an da war eis just e ganz klenge Kritikpunkt beim Budget opgefall: Am Poste véierzeg, do steet e Poste vun dräi GSMen an een Tablett fir 23 000 Euro. Dat hu mer e bësse staark fonnt. Do wollte mer mol Explikatioune kréien. Oder hutt do eng Null ze vill hi geschriwwen oder wat ass do de Problem? Voilà, dat ass eng Minikritik zu enger genial flotter Presentatioun an zu enger exzellenter Aarbecht a villmools Merci nach eng Kéier.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Bon, ech mengen, d'Martine Kohn huet schonn alles gesot, hatt huet och Merci gesot am Numm vun der LSAP-Fraktioun, mee ech wollt awer och nach a mengem Numm als ehemolege President vun der Familljekommissioun och nach eng Kéier en décke Merci soen. Mir hunn e puer Saache wärend deene sechs Joer realiséiert, sinn net grad um Enn vun där enger oder anerer Saach ukomm, mee awer, ech wollt nach eng Kéier op de Buerfousswee, de Lauschterwanderwee, de pädagogesche Bongert zu Butschebuerg an och elo d'Restauratioun vum Kannerwanderwee an der Le'h nach eng Kéier ganz kuerz zeréckkommen an dem Guy Rassel en décke Merci soe fir seng Interventiounen a fir seng Bereetschaft, ëmmer do ze sinn, mat Rot an Dot, an ech denken, dass mer am Fréijoer dann och do op d'Enn gesinn. De pädagogesche Bongert, dee kënne mer dann och definitiv ofschléissen. Guy, du waars ëmmer do fir Schoul a Maison Relais, fir Kanner a Personal, fir Aktiounen, fir Féierungen oder fir Material, wéi mer et elo gesinn hunn am Bild, ze preparéieren a respektiv dass d'Kanner konnten dru weiderschaffen.Ech mengen, dofir nach eng Kéier vu menger Säit aus och als President, als fréiere President vun der Familljekommissioun, en décke Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang. Ech kommen hei nach eng Kéier an d'Ronn. Da kënne mer hei d'Interventiounen zoumaachen an op d'Äntwerten eriwwer goen. Do ginn ech hei un eise Fierschter Guy Rassel d'Wuert weider an da vläicht nach un de René Manderscheid.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Villmools Merci fir de Luef. Ech ginn deen awer och immens gär un Iech zeréck, well mir ganz staark vun Iech ënnerstëtzt ginn als Gemeng. Ee Budget kënnt jo vum Staat, deen anere kënnt vun der Gemeng. Ouni d'Gemeng wär et effektiv schwéier machbar, also, op der Gemeng sinn d'Weeër méi kuerz, dofir vu menge Jongen a vu mir nach emol e grousse Merci. Fir elo deen éischte Kritikpunkt, dat ass de Punkt véier vum Plan de gestion, déi 23 000 Euro, dat ass déi dräi GSMen an den Tablet, do si mer eis ukucke gaang an d'Stad Lëtzebuerg, déi hunn e System, well mir vum Personal begrenzt sinn. De Fierschter ass eng One-Man-Show an dann hu mer nëmme siwen Aarbechter an déi deele mer dann op dee ganze Massif, plus nach mat Entreprisë schaffe mer jo an doduerch wäerte mer eis elo ekipéiere mat engem Programm eventuell, wéi si en och hunn, datt mer kënnen Aarbechtsopträg erausginn, wéi d'Gemeng och elo schonn huet, mee eeben dann am Beräich Bësch, deen iwwert de Report it vläit ka kuerzschléissen. An déi 23 000 Euro, dat ass awer net nëmme fir déi dräi GSMen an den Tablet, dat ass insgesamt, wat d'Aarbechter u Material brauchen, fir all d'Projeten ze maachen. Wann eng Buermaschinn ersat gëtt oder e Fräischneider, dat leeft alles iwwert dee Budget do.
Ech hätt dat kënne separat maache fir informatescht Material effektiv, mee am Budgetsartikel vun der Gemeng ass et separat herno, dat wäert ongeféier 2 000 Euro ausmaachen. Dann, d'Logistik, dee Posten uewendriwwer, déi Facture, déi 25 000 Euro, dat ass fir d'Gefierer ze flécken, fir Reparaturen. Voilà. Merci fir all d'Froen. Ech probéieren, op all Fro anzegoen. Wann ech

elo eng vergiessen, da sot mer et.
Mam CGDIS, ech fänken hannen un, do ware mir mat agebonnen eeben, well eng Naturschutz-Autorisatioun do gebraucht gëtt, virun allem, well do Biotoper stoungen, déi ginn zerstéiert an do ass dann eng Mesure compensatoire proposéiert gi vun engem Büro an déi ass och esou ugeholl ginn ass.

D'Renaturéierung, dat ass effektiv eng Kéier ëmgeännert ginn an do bleift den Accès fir hannendrun nach, hannert den CGDIS, an do si mer nach a Gespréicher, ob déi Renaturéierung, déi elo um Plang fest ass - an ech mengen esouguer accordéiert ass - datt déi soll weidergefouert ginn, och iwwert deen Accès eraus, do kënnt nach eng nei Bréck. Also do sti mer am Austausch souwuel de Fierschter, mäi Chef, den Arrondissementschef, plus de Service d'autorisatioun vun eiser Verwaltung mat hinnen, mat der Ekonomie, fir dat do ze verlängeren. Dat mécht absolut Sënn effektiv. Mee ech sinn awer zouversichtlech, datt deen Dossier elo gläich ofgeschloss ass. Ech mengen, wéi gesot, si hunn d'Autorisatioun vun eiser Säit zumindest scho kritt.

Mat de Gebaier, déi ech Iech presentéiert hunn, jo, ech loossen do am Drock net no, och bei eis an der Verwaltung. Effektiv si mer oft ofgeblockt ginn, d'Naturschutzgesetz ass och immens streng an där Hisiicht gemeet ginn, et muss een ëmmer vereinbaren deen Naturschutz-Volet mat dem Sozialen an eeben och der Notzung an, bon, ech sinn elo net een, dee seet nëmmen Naturschutz, dofir datt Soziaalt soll och am Vierdergrond stoen, mee et gëtt eng Méiglechkeet, datt d'Polverhaus zum Beispill, dem Gesetz no fält een do an e Beräich, wann een et géif schütze loossen iwwert Sites et Monuments, dann huet een do méi Méiglechkeeten. Et muss een natierlech kucken, wou et läit a wéi eng Déierenaarten nach do ronderëm sinn. Mir waren dat scho kucken, mam Här Jan Herr, déi puer Gebaier, et war elo op der Haart, uewen op der Kräizung, dat géif elo am beschte leien, et misst een dat e bëssen an d'Rei setzen. Et ass allerdéngs wäit ewech vun der Bëschcrèche, déi ënnen ass, ech war mat deenen och schonn eng Kéier op den Terrain, déi hätten am léifste gär eppes an engem relativ klengen Ëmkrees, do hu mer elo näischt direkt fonnt. Wann, da misst een eng nei Konstruktioun maachen an dat ass am Naturschutzgebitt do effektiv verbueden.

Bon, d'Naturschutzgesetz, et gouf elo eng Kéier gesot, et wier net verhältnisméisseg. Ech huelen un, datt do nach e puer Ännerunge kommen, deemno wéi dann och hoffentlech Ouverturen an där doten Hisiicht, notamment, wat d'Kanner do ugeet, fir mat de Kanner an de Bësch ze goen. Et geet jo net drëms, elo e Klassesall am Bësch opzeriichten, dat absolut net, mee einfach, wa schlecht Wieder ass, datt een en Ënnerdach huet oder datt een do e Repère huet, wou ee kann, wann een ënne fortgeet mam Bus, datt een do ukënnt, datt se sech do eng Kéier kënnen erhuelen. Also, ech gi mech do net, ech sinn awer zouversichtlech, datt mer eent vun deene Gebaier op alle Fall, wann et da muss sinn, op der Affilux, datt mer do eppes Klenges baue fir d'Kanner, et war elo net geduet, datt et e Centre d'accueil sollt ginn, mee et kann awer roueg eng Struktur ginn, wou mer ee Raum dann hunn, wou se da kënnen iessen an eeben op d'Toilette goe kënnen an esou weider.
Dann, fir nach mat Kanner méi op den Terrain ze goen, elo vum Fierschter aus, ass et schwiereg machbar, well mat all de Projeten a mat den Aarbechter a mat den Autorisatiounsdossieren sinn ech elo vum Quantum gesiedegt. Dofir sinn ech frou, datt dat vun der Waldschoul immens no vir gedriwwe gëtt, och datt si effektiv an d'Natur ginn, och eeben een Deel vun deene véier Visitte pro Klass pro Joer op der Haard maachen. Mir begleeden se do mat allem, wat se wëllen. Dofir hu mer hinnen och dee Site do amenagéiert. Si wollten nach eng Toilette, dofir fänken se elo mol bei der Affilux un. Mir hu keng Toilette do fir d'Kanner, fir d'Aktivitéiten huet d'Gemeng Dixie gelount. Eis Aarbechter, effektiv, si hu keng do, mee mir hunn nach den Atelier beim Schluechthaus, si ginn elo dohinner. Ech hoffen, datt se dat iwwerbréckt kréie bis dann an zwee, dräi Joer. Bis elo war keng richteg Demande do, mee et ass awer léif, datt der drun denkt. Ech hat mer och schonn iwwerluecht, mee vu datt si elo net direkt Demandeur waren, hunn ech et elo mol net ugeschwat.

Dann, mat den Zecken, do sinn ech frou, datt d'Madamm Kayser dann intervenéiert huet, well ech si keen Dokter. Et war mol eng Campagne gemeet, ginn. Am Moment hunn ech elo net gesinn, datt do eng grouss Campagne gestart gëtt, mee d'Zecken, effektiv, dat ass wiederbedéngt, a well kee Frascht ass, hu mer se iwwert d'ganzt Joer. Ech mengen, all Mënsch, deen en Hond huet, gesäit se d'ganzt Joer, mäin hate elo nach eng, där wäerten et net manner ginn. Et ass jo esou, datt an der Natur d'Populatioun normalerweis eng Kéier ganz eropgeet, dann erëm eng Kéier abrécht, mee am Moment sinn der nach vill ënnerwee.

Mat der Wëldbréck kréie mer dann och en Austausch, den Hirsch, dee wandert relativ wäit, deen huet och zum Beispill d'FSME. Am Ausland huet deen och relativ séier da weiderverbreet. Mir hoffen och duerch d'Wëldbréck, datt eventuell Hirschen erëm eriwwer kommen aus deem groussen Deel do vu Frankräich. Do sinn der hei vir. Mee elo, Zecken - wéi d'Madamm Kayser sot - déi schlëmm Krankheete sinn elo nach net hei zu Lëtzebuerg nogewisen. Nach en anere Punkt, mir hunn en neien Direkter kritt, deen ënnerstëtzt eis och an där Prozedur do fir d'Kanner, deen ass och ganz sensibel dorop, dee weess dat och. An da kucke mer elo mam neie Ministère, wat mer do kënne realiséieren a wat net. Dann, déi aner Froen.

Fir méi Gréngs, méi Korridoren am stättesche Kär, du si mir e bëssen eraus, wann do eng Kéier de PAJ neigemaach gëtt, da gëtt deen approuvéiert vum Ministère, mee de Rescht, dat ass dann effektiv d'Planung vun der Gemeng. Et gi Korridoren, wéi beim Greisendall erof, dat soll eng Verbindung sinn, fir dann déi aner Säit erëm, Richtung dann Affilux, Haard do iwwert Neischmelz an deen anere Bësch do, dat sinn esou Korridoren, d'Korridor vu Sauvage, déi sinn agezeechent um Geoportail, si sinn nach eng Kéier fixéiert ginn, mee mir fixéieren awer elo net de Gréngmantel duerch d'Stad. Dat eenzegt op dat mer oppassen, dat ass datt wa Beem ewechgeholl ginn, datt déi effektiv mussen ersat ginn an, wéi beim Projet Neischmelz, do ware mer dann effektiv och mat agebonne a punkto Mesure-compensa-

toiren, dat do e groussen Deel innerhalb vum Projet do gemeet gëtt. Voilà.

Dann de Problem mat deene fofzéng Prozent, wou nach gesond sinn, dat ass iwwert d'ganzt Land gekuckt, dat ass d'lescht Joer presentéiert ginn, et ass esou, Diddeleng bleift do trotzdeem nach e bësse verschount, trotz dem Report it, wou mer all Woch e puer mol mussen erausrécken, datt Beem ëmgefall sinn, bedéngt doduerch, datt Är Bëscher relativ héich leien, déi leien net elo direkt um Leem, uewen ass Minettsbuedem, dofir och esou räich u Bamaarten, an ech muss soen, souguer am héije Summer elo huet d'Dauwequell an déi aner Säit, iwwert dem Waasserbaseng, nach liicht Waasser bruet. Dat ass quasi onerklärlech, well esou grouss ass dee Bierg net, mee do ass nach ëmmer liicht Waasser komm, dat heescht, do gesäit een och, wann der elo méi op Réiser gitt, op Beetebuerg gitt, déi leide vill, vill méi, déi Beem, well déi um Leem sinn an de Leem naass ass, am Summer komplett ausdréchent, d'Wuerzelen net déif verankert sinn an doduerch hu mer dann dee risegen Ausfall vun de Buchen do.

Also, Diddeleng geet nach, wann een elo Diddeleng géing separat kucken, do wier dee Prozentsaz vu gesonde Beem nach méi héich, mee et gesäit een notamment bei de Stroossebeem, datt se eebe méi fragil sinn.
Wat maache mer awer do? Wéi ech eebe sot, de Krounendaach op guer kee Fall oprappen, dofir och manner haen, datt eis dat net geschitt, a wa mer planzen, da standortgerecht een Deel vun de Beem, dat gesitt der d'nächst Joer, do gëtt neien Amenagement gemeet, da kënnt och eng Kaart, wéi eng Beem net standortgerecht sinn, an do kucke mer eeben, fir déi ëmzewandelen, datt mer do op eng Bamaart erauskommen, déi standortgerecht ass an doduerch och méi resilient dann ass.

De Bësch selwer, menger Meenung no, muss een sech do keng Gedanke maachen, et wiisst vläicht net dat, wat mir wëllen, déi eeler, déi hunn et dach méi schwéier, mee déi jonk, déi kommen awer an d'Natur huet awer e Schutzmechanismus, dat heescht wann d'Beem ënner Stress sinn, da somen se vill méi an da kréien se méi klenger an, also, datt de Bësch elo ganz futti geet, dat gleewen ech elo net, et kënnt eebe just elo vum forsttechneschen hier vläicht net dat, wat een elo als Qualitéitsholz oder als Wäertholz wëll do stoen hunn, mee do si mer jo och schonn zanter Joren och dovunner ewech, datt éischter méi Naturschutz ass, rekreativ, an Holznotzung awer an engem räsonabele Moos.
Dann, d'Versuchsparzelle vum Klimawandelgehëlz, effektiv, gëtt et. Zu Déifferdeng ass do virun zwee Joer ugeplanzt ginn. Do ass och e Suivi. D'Resultater sinn awer elo nach net do. Verschidde Bamaarten, wou als klimaresistent gegollt hunn, fale schonn erëm ewech, wéi d'Wäissdänn, déi huet de Borkenkäfer hei, aner Bamaarten och, duerch Kränkten. Dofir, et ass fragil, ech mengen, am beschten - am Ausland soen se mëttlerweil – schafft mat deene Beem, déi der hutt, déi standortgerecht sinn. Genetesch gesinn hunn déi e risege Pool, vläicht net déi ganz riicht, mee déi déi ënnerdréckt waren, datt déi vläit herno méi vital ginn, well déi ëmmer hu misse mat manner ëmgoen, mat manner Närstoffer, datt déi vläit herno do d'Relève huelen. Also, d'Natur, wéi gesot, huet Schutzmechanismen och an deem heite Fall.

Dann, fir op d'Wëld ze schwätzen ze kommen, do begéine mer mëttlerweil och dann hei zu Diddeleng an an der Stad gëtt et dat mer scho méi laang, et gi mëttlerweil privat Gäert opgewullt vun de Schwäin, déi no sech bei den Haiser ophalen, de Schoulgaart war och elo betraff. Mir ginn de Jeeër dat weider, si hunn e Plan de tir ze erfëllen, si maachen dat och, bis elo hunn se dat ëmmer gemeet a mir schaffen do ganz gutt mat hinnen zesummen. Et si Beräicher, do dinn se sech schwéier, fir d'Schwäin do erauszekréien, well déi eeben an deenen Dickungen do leien an och souguer op der Juegd, kommen d'Kläpper net do doduerch oder d'Hënn och, dann dréien se eng Kéier ronderëm an da bleiwen se erëm do leien. A si hunn et net einfach, si hunn och mat den Ofschosszäiten an dem Material, mengen ech, muss do eng Kéier, si jo elo Ouverturen do annoncéiert ginn, fir hinnen och d'Méiglechkeet ze ginn, fir eng aner Bejoung dann och ze maachen. Et ass effektiv, mir hunn hei immens vill Schwäin an dann hu mer och awer vill Réi, dat gesi mer am Bësch duerch de Wëldverbass, do hu mer an der Léi och esou e Gatter gesat fir ze kucken - esouguer an der Léi ass Wëldverbass - fir ze kucken, wéi entwéckelen sech Beem an deem Gatter a wéi ass et ausserhalb. Bon, am Gatter ass null Wëld, dat ass och net natierlech, mee do gesäit een dann eng Kéier, ob den Drock grouss ass oder net, op enger Basis, wou en da ka mam Jeeër kucken an net soen, ech soen, et ass vill, an de Jeeër seet, et ass net vill, dann huet een eng Basis, wou en do ka virdrun dat neutral kucken.

Mat dem Brennholz méi Reklamm géif ech elo net uroden, et nëtzt och näischt, well mir innerhalb vun dräi Wochen hate mer esou vill Commanden erakritt, datt d'Gemeng huet misse soen, hei, méi kënne mer net acceptéieren, well mer net an de Bëscht elo ginn extra Holz maache just fir Brennholz. Mir huelen dat, wat ufält. An, wéi gesot, dat eenzegt wat ee kéint maachen, wär vu véier Stär op zwee Stär erofgoen, fir méi Leit do dann ze beliwweren.

Den Naturpark, jo, do am Bëschberäich sti mer relativ gutt do, déi Punkten, wou mer nach kënne verbesseren, do si mer am Austausch mam Service écologique, do hu mer reegelméisseg Reuniounen. Déi invasiv Aarten, do gëtt et eeben de Plan d'action vun der Verwaltung, souwuel fir den Nutria, fir de Frelon asiatique, d'asiatesch Horniss, wéi och souguer fir de Myriophillum. Bon, beim Nutria ass dat do eeben zeréckgehal ginn, datt déi gefaange ginn an dann effektiv dann erschoss ginn. Firwat? Well deen sech onheemlech séier weider reproduzéiert an eeben eng Konkurrenzaart ass zu deenen aneren Déieren. Mir hunn am Moment just een, also d'Verwaltung huet och elo nach näischt do gemeet, dat leeft och iwwert de Verwaltungskredit. Och beim Frelon asiatique, do hu mer 500 Euro dra gesat, mir ginn dohinner, mir späre mat of, mee mir ruffen dann e spezielle Service bei eis am Service Nature, do ass een, dee mécht just dat, dee kënnt mat esou enger Lanz, dat si riseg Näschter, wéi Hornissennäschter, an do gëtt e Gëft dra gesprutzt, datt se da futti ginn. Also, wann der esou Näschter gesitt, da mellt dat, de Staat geet déi da selwer ewechmaachen.

Déi mobil See op der Affilux, wéi gesot, do si mer immens frou datt d'Schräinerei déi am Budget hat, si haten sech och mat eis ofgeschwat, wéi ee Modell mer huelen, deen ass awer iwwert de Budget effektiv vun der Schräinerei kaf ginn, dofir figuréiert deen net hei dran. Deen ass esouguer dann, géif ech mengen, iwwert dëse Budget kaf ginn, well d'See ass jo elo Enn Summer do ukomm, dofir wäert deen och net elo am nächste Budget dra sinn. Do si mer immens frou driwwer, dräi Leit vun hinne kënnen drop schaffen, dräi Leit vun eis, an do ergänze mer eis.

Bei de Sécherheetskontrollen, wéi maache mer dat? No all Loft, gréisser Loft oder Stuerm, ginn d'Jonge moies eng Kéier alleguerten d'Weeër offueren. Et sinn och Leit, ëmmer déi selwecht, déi si schonn éischter am Bësch, déi mellen eis da schonn, do kréie mer WhatsAppen oder anerwäerts kritt d'Gemeng et op de Report it, dat kréie mer da weidergeleet a ginn dat da kucken an dann intervenéiere mer esou séier wéi méiglech mat eisem Material a mat eise Jongen. An da maache mir selwer, ech och, fueren d'Weeër, wann elo wierklech Stuerm ass, fuere mer selwer eng Kéier of an, wéi gesot, et gëtt net direkt ënnen de Bam ewech gemeet wa mer e kënnen erhalen, do wou d'Leit vill ronderëm ginn, fir eeben dat Bëschbild och ze halen, kucke mer dann, datt d'Leit draklammen an dann deen Aascht, deen dann ofgebaut ass, ofschneiden oder sou.

Mat der Landwirtschaft nach, wat kann een do maachen, mat de Baueren? Ech mengen, esouvill Baueren hu mer net méi hei zu Diddeleng a mat deem gi mer ganz gutt eens, mir hunn awer op der Haard zum Beispill de Schratt gemeet, fir de Buedem do ze schützen, déi Surfacen, wou elo een ophält. Den Här Wegener ass jo leider verstuerwen an deen hat och Surfacen op der Haard, do ass eng Ausschreiwung gemeet ginn an do steet dran, datt da kee Beezmëttel dierf geholl ginn, keng Pestiziden dierfe geholl ginn. De Staat huet do e Cahier de charges, dat ganz streng ass an de Bauer, deen dann do matmécht, dee muss sech dann eeben dorunner halen. Dat kann een als Proprietaire maachen, ech weess awer net, wéi vill Proprietéit do d'Gemeng huet, mee de Staat huet sech dat elo mol ginn, well dat och an den Naturschutzgebidder läit, an du mer eigentlech e flotte Projet mat deem Bauer aus der Nopeschgemeng, wou och méi innovativ ass. Dee sëtzt elo Quinoa do uewen, also d'lescht Joer ass schonn do gesat ginn, dat ass eng Planz, déi net vill Waasser brauch, déi gëtt eigentlech net gesprëtzt, si gëtt just eng Kéier gestrigelt an op där dote Plaz ass dat schonn optimal dann. Wann ech elo sollt eppes vergiess hunn? Ah jo, dat beim Kräiz bei der Rue Fany Schumacher, ech ginn dat kucke mat der Securisatioun do, da géinge mer dat och maachen. Wéi gesot, wann ech eppes sollt vergiess hunn, da sot mer et nach eng Kéier, dann äntweren ech dorobber.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech soen dem Guy Rassel villmools Merci fir seng Erklärungen a fir seng Ausféierungen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Et ka sinn, dass ech elo do net matkritt hunn, mee hat der op meng Fro geäntwert? Also, ech hat gefrot, ob der et personaltechnesch an esou matkritt, alles dat ze haen an ze ersetzen, wat der lech esou virgeholl hutt. Sidd der do bäi, kritt der dat hin oder éischter net?

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Richteg, déi Fro war déi, wéi mer et maachen am Bësch, wann elo futti geet.
Am Prinzip sëtze mer d'Naturverjéngung, dat heescht op de Som vun de Beem, esou datt mer net musse planzen, well allkéiers wa mer planzen, éischtens am Fréijoer kënne mer guer net méi planzen, wéinst de Summeren, déi mer elo hunn, do verdréchnen eis d'Planzen a mir ginn awer net mat Drénkwaasser nätzen, dat maache mer net, obschonns Diddeleng elo d'Chance, eng Quell ze hunn, déi net agespeist gëtt an d'Drénkwaassernetz, wou ee kéint huelen, mee maache mer awer net.
Wann, da planze mer am Hierscht, a wéi gesot, mir prioriséieren do d'Naturverjéngung, um natierleche Wee, well déi Planzen och vun der Verwuerzelung hier vill besser sinn. Déi keimen, maachen hir Wuerzelen direkt, verankeren sech méi. An eng Planz, do gëtt heiansdo bei der Planzung, fir datt dat séier geet, ass d'Wuerzel scho gebéit, da muss déi fir d'éischt eropwuessen, dann nees erof, dann ass se a puncto Wand herno vill méi onstabil an et ginn zwar Zertifikater bei de Planzen der bäi, mee oft kommen déi net vun hei. Mir hunn eng Bamschoul hei am Land, déi hei produzéiert vum Staat, da ginn et nach e puer Privater, mee esou vill Planze wéi gebraucht ginn am Privatbësch, och elo am Norden, wou d'Fichte futti ginn, sinn der ganz vill, déi aus dem Ausland kommen. A wann dat elo net déi selwecht Héicht ass, dat selwecht Klima, dann hunn déi Planze schonn eng aner Genetik an dann ass dat hei immens schwéier, fir si, unzekommen. Dofir, esou wäit et geet, d'Villercher bréngen zum Beispill d'Kiischt an déi kënnt immens séier, dat heescht, déi fält riich erof, den Ahorn gëtt mam Wand, also do ass schonn, an op eise Biedem, am Prinzip klappt et mat der Naturverjéngung selwer.
A personaltechnesch, wéi gesot, mir hu siwen Aarbechter, dat geet net duer, dofir ass eebe de Budget mat de Facturen och esou héich, datt mer dann eebe mat privaten Entreprisen schaffen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Dann hätt geholl alles beäntwert. Ech kucken hei nach op eisen Ëmweltschäffen, de René Manderscheid. Et gouf alles gesot. Tipptopp. Dann, mengen ech, kéinte mer op de Vott iwwergoe vum Forstplang vum Joer 2024. Wien ass mam Forstplang, esou wéi en hei presentéiert an diskutéiert gouf, averstanen. ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci. An och nach dem Guy Rassel, eisem Fierschter Merci fir seng Presenz a fir seng Erklärungen an och säin Engagement a säin Asaz. Dëst gesot, komme mer op den nächste Punkt.



## 7. MOTIOUN VUN DER FRAKTIOUN «DÉI LÉNK»

**Motioun vun der Fraktioun «Déi Lénk» fir d'Verstäerkung vun der Visibilitéit vun de Gemengerotssëtzungen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An ech géif do eng d'Motioun virhuelen, d'Motioun fir d'Visibilitéit vum Gemengerot ze erhéijen, déi eis vun déi Lénk erageschéckt gouf, an ech géif dann der Autrice vun der Motioun, der Madamm Thoma, ganz gär et d'Wuert ginn, fir op déi Motioun anzegoen, respektiv fir se dann ze presentéieren. Madamm Thoma, Dir hutt d'Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Ech mengen, ech kann dat och relativ kuerz maachen, well d'Motioun relativ kloer ass. Ech soe just kuerz, wourëms et geet. Also, et ass jo esou, dass d'Sëtzunge vum Gemengerot ëffentlech sinn an dass am Fong, an der Theorie, all Bierger och d'Méiglechkeet huet, sech heihinner ze sëtzen an nozelauschteren. Dat wëssen awer zum engen net ganz vill Leit, mengen ech, an ech mengen och, dass vill Leit net wëssen, wéini de Gemengerot zesummekënnt a wat debattéiert gëtt. An deen anere Problem ass natierlech och, dass mir elo freides moies um aacht Auer ufänken a meeschtens geet et da bis an d'Mëttestonn, dat heescht do, wou dann déi meeschte Leit och einfach selwer schaffen an dann net d'Méiglechkeet hunn, hei nolauschteren ze kommen. Et ass esou, dass d'Gemeng op hirem Site, esou wéi dat och am Gesetz virgesinn ass, seet, voilà, eng Woch virdrun, mengen ech, dëse Freiden ass Gemengerot, hei ass den Ordre du jour. Dat begréisse mer selbstverständlech, mee mir froen eeben, ob et do net méiglech wär, esou wéi och aner Gemengen et maachen, de ganzen Dossier, natierlech den ëffentlechen Deel vum Dossier, online ze setzen, well heiansdo kann een sech ënner deene Punkten um Ordre du jour elo net immens vill virstellen an - also theoreetesch - wann d'Press hei sëtzt, huet si och d'Méiglechkeet, dee ganzen Dossier ze kréien an ech mengen, wéi dat elo technesch machbar ass, mee ech mengen, do gëtt et sécher Léisungen an dann hunn d'Leit wierklech d'Méiglechkeet, fir eeben ze kucken, wat mer wäerten debattéieren an dann och eeben ze kucken, ob se dann sech awer vläicht wëllen heihinner deplacéieren, fir einfach um courant ze sinn.

Dann ass et jo och esou, dass d'Sëtzungen opgeholl gi vum Gemengerot, déi goufen eng Zäitche gefilmt, dunn, mat der Covid-Pandemie war dat aus sech selwer erklärende Grënn net méi méiglech, well do jo och einfach d'Personal net sollt vill schaffen, net esou vill Leit am Raum sollte sinn, net esou vill Deplacementer sollte sinn, dat ass alles novollzéibar, mee ech mengen, dass mer awer elo aus de Mesurë vun der Covid-Pandemie alleguerten eraus sinn, mir kënne erëm hei sëtzen, esou dass mer dann eeben och froen, ob d'Sëtzungen erëm kënne gefilmt ginn, well ech mengen, dass dat awer och einfach méi agreabel ass ze kucken, wéi wann ee just eng Tounopnam lauschtert. An da froe mer och, ob et vläicht mëttelfristeg, respektiv, mir fuerderen de Schäfferot op, ob e kéint mëttelfristeg d'Opportunitéit vun engem Livestream préiwen. Mir hate scho mol d'Fro gestallt, mir krute gesot, dat wär relativ kompliziéiert. Ech mengen, dat hänkt ëmmer dovunner of, a wéi enger Form een dat wëll maachen. Vill Gemenge maachen dat och. Dat geet och vun engem ganz einfache Livestream op YouTube. Wann een dat e bësse wëll seriö maachen, dat verstinn ech natierlech, dann ass dat e bëssen Opwand, mee dat kéint awer och vläicht méi Leit interesséieren, en direct ze kucken, wat mer hei diskutéieren, wéi dann awer eng Woch dono, wa vläicht schonn e bësse Moutarde après dîner ass.

Selbstverständlech si mer eis och bewosst, dass déi ganz Op- an Nobereedung vun den Opnamen och Aarbecht fir d'Personal duerstellt. Dofir dann op dëser Plaz och nach eng Kéier villmools Merci fir d'Personal, dat déi Aarbecht ëmmer ganz gutt an esou séier wéi méiglech mécht. An dowéinst hu mer eeben och e Punkt an der Motioun, wou mer soen, ob de Schäfferot ka préiwen, a wéi wäit dat eng Méibelaaschtung wier an ob d'Personal effektiv dofir duergeet oder ob d'Personal do vläicht nach e bëssen Ënnerstëtzung brauch. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, fir effektiv déi doten Erklärungen? Wëllt nach soss een d'Wuert ergräifen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Et ass wierklech witzeg. Ech war ëm zwielef Auer amgaang eng Fro ze preparéieren an um eng Auer krut ech dem Carole Thoma säi Schreiwes genau zu deem selwechten Theema, well do hate mir och eis Gedanke gemaach gehat, well et ëmmer, well mer ëmmer déi Live-Iwwerdroungen a Bild an Toun haten, an do hat ech genau dat selwecht gefrot, fir wéini mer wëlles hätten, déi erëm opzehuelen.
Ech hat awer nach zwou aner Froe preparéiert, déi ech awer net erageschéckt hunn, déi wëll ech awer elo hei nach séier soen. Déi Iwwerdroung gouf ëmmer vun enger externer Firma duerchgefouert, an d'Audio-opnamen, déi si jo vun eisem Mataarbechter Georges gemaach, déi ginn do duerchgefouert an do war awer e Budget an dat war eben eng Fro, déi ech och nach hat: Am Budget 2022 hate mer 41 300 Euro agesat gehat an si sinn och am Rectifié fir 2022 esou dran, do hat eise Kolleeg Jean-Paul Gangler den Här Buergermeeschter gefrot, firwat dee Budget do soll sinn an du huet et geheescht, dass mer géifen op fest Material eriwwergoen, dat heescht net méi op mobilt Material an dass da géif eng Anlag hei opgeriicht ginn. Meng Fro war dann eeben och: Wéi ass et domadder? Well ech mengen, mer gesinn dat awer nach net, dass awer nach näischt esou do, ass dat ëmmer nach an der Planung, dass mer hei eng fest Installatioun hunn?

Da wollt ech awer och nach ausdrécklech drop hiweisen, dass mer déi schrëftlech Versioun vun deem Gemengeninfo awer och explizitt begréissen, déi ass jo souwuel a Pabeierform wéi awer och op eisem Internetsite nozeliesen. Ech mengen, do muss een och emol eng Kéier de Schäfferot och luewen, och schonn dee viregten. Ech mengen, dat ass schonn éiweg laang hier. Mir sinn eng vun deene wéinege Gemengen, dat kann een och emol eng Kéier soen, wou et en absolutte Verbatim gëtt, dat heescht eng Wuert-fir-Wuert- Dokumentatioun, wou d'Oppositioun genau esou zu Wuert kënnt an och eng Visibilitéit huet, wéi d'Majoritéit. Dat ass a ganz, ganz wéinege Gemengen, dat muss een och emol eng Kéier soen, an dat begréisse mer natierlech explizitt an dofir fanne mer et och ganz flott, dass mer och un deem Schrëftlechen awer festhalen. Natierlech ass et e bëssen ongléckech, entre guillemets, well et eréischt dräi, véier Méint no der Sitzung erauskënnt, wat eeben, wéi mer virdrun a wéi d'Carole Thoma och gesot huet, d'Beaarbechtung awer schwéier ass.

Mee, wéi gesot, mir sinn och absolut derfir, dass et awer erëm eng live Iwwerdroung gëtt. Well, wéi gesot, d'Leit eis och Saachen zoudroen, wéi elo zum Beispill déi Saach, wou déi Gréng opgeworf hunn, mam Internetsite, da gesäit een awer, hei, eis Vertrieder hunn sech awer agesat dofir an déi Diskussioune si esou gemaach ginn, an dat ass da méi à chaud, wou s de dann och denge Leit d'Informatioun kanns weiderginn, hei lauschtert, mir hunn Är Doleancë matgeholl an dann, wat och ganz wichteg ass, firwat hu mer esou an esou ofgestëmmt.
Ech mengen, mir kënnen elo nach op Facebook esou mini dräi Zeile maachen, mee et ass méi einfach, wann s de sees, hei kuckt einfach déi Live-Iwwerdroung, dat ass ganz, ganz wichteg. Wéi gesot, ech wollt awer och nach eng Kéier zu den schrëftlechen, zu der gedréckter Form vum Gemengeninfo, nach eng Kéier froen. Dee gëtt jo och verschéckt, wann een eng Demande mécht. D'Fro ass, wéi vill Leit hu mer nach, déi op déi gedréckte Form zeréckgräifen, déi dat sech zouschécke loossen? Gëtt et och eng Méiglechkeet, fir dat zum Beispill, déi Gemengeninfo hei an der Gemeng och ze kréien, hutt Dir do e klenge Stock vun Zäitschrëften, wou dann eeben de Verbatim dran ass.

An dann ass och d'Fro, déi mir eis nach gestallt hunn: Vu dass eis Populatioun ëmmer méi international gëtt, wa mer elo op de Wee géife goe vun enger Live-Iwwerdroung, bezéiungsweis ass och ugeduecht vläit e Soustitrage ze maachen, wat natierlech och erëm méi deier géif ginn, wat awer - denken ech - eiser Populatioun, déi mer hei zu Diddeleng hunn, vläicht awer och zegutt kéim. Wéi gesot, et war witzeg, ech hat mer dat alles genau esou preparéiert an du kënnt dem Carole Thoma seng Motioun. Ech fannen déi Interventioun ganz pertinent. Virun allem, ech mengen, Biergerbedeelegung an Transparenz, dat läit an eiser DNA vun eis alleguer heibannen. An dofir fanne mer dat ganz gutt, dass mer elo mol doriwwer schwätzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen zu der Motioun?

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter. In der Tat, ech fannen dat och ganz gutt, dass alles, wat hei gesot gëtt, schrëftlech niddergehale gëtt an et huet ee jo ëmmer d'Méiglechkeet, och sech dat hei ulauschteren ze kommen. Ech selwer war virun de Walen eng véier Mol hei, ech hunn den Datum kritt, ech krut esouguer Informatiounen, wat um Ordre du jour war, an esouguer déi eng Kéier, wou hei zou war wéinst engem Evenement, a mer am Kino souzen, krut ech och déi Informatioun mat. Ech muss natierlech och ëmmer feststellen, dass déi Still hei hannert de Kolleege vun der CSV zimmlech ëmmer eidel sinn, wat e bësse schued ass. Filmen, méi Transparenz mat Live-Iwwerdroung, mir haten dat an eisem Comité och beschwat. D'Meenunge war gedeelt, Verschiddener hunn et gutt fonnt, déi hunn awer natierlech och nach ni de Wee heihi fonnt. Anerer, déi eeben och emol hei sëtzen, sinn net onbedéngt esou dovu begeeschtert, wann déi ganzen Zäit eng Kamera op ee schéngt an dat herno live iwwerdroe gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Just ganz kuerz, also mir fannen dat och eng immens gutt Iddi. Mir waren schonn ëmmer dofir an et ass wichteg, datt d'Leit och d'Debate gesinn an esou ass et, mengen ech, och méi korrekt vis-à-vis vu verschidde Situatiounen, wou heiansdo engem awer d'Wuert am Mond verdréint gëtt an et ass och déi Traçabilitéit einfach an, wéi d'Michèle Kayser gesot huet virdrun, heiansdo fannen Debate statt, wou een eppes soi-disant gesot huet an et hat een eng ganz aner Meenung, enfin bref, et ass wierklech fir eng besser Visibilitéit a d'Kommunikatioun och vun den Oppositiounsparteien an dofir ënnerstëtze mir dat wierklech voll a ganz. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, dat wier net nëmme fir d'Oppositiounsparteien, mee fir de ganze Gemengerot. Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, da ginn ech op verschidde Punkten an. Virop emol Merci fir déi dote Motioun. Ech ka soen, dass ee prinzipiell, dat ka matdroen, och mat e puer Adaptatiounen, ech wäert herno nach drop agoen, elo nach net, mee ech wëll awer nach puer Ausféierungen awer genereller Natur ginn, déi d'Motioun betreffen an da ginn ech op deen oder anere Punkt an, deen ausserhalb vun der Motioun effektiv hei ugeschwat gouf, notamment vun der Madamm Kayser.
Also, et ass jo esou, dass mer legal gebonne sinn, effektiv jo déi Publicitéit ze maache vum Gemengerot, wat den Ordre du jour betrëfft. An dat maache mer jo och, dat setze mer ëmmer op den Internet a mir maache jo och - wat richtegerweis hei gesot ginn ass - e Verbatim, dat schonn iwwer zwanzeg Joer an ech mengen, dass dat och méi einfach ass an der Opbereedung an d'Retranskriptioun méi Aarbecht, mee reflektéiert awer dann och iwwer de Verbatim méi trei erëm, wat déi verschidden Interventioune sinn, sief et vun der Oppositioun wéi och vun der Majoritéit.

Mir sinn och ëmmer der Meenung, well déi Froe koumen och scho mol säitens vun deene viregte Vertrieder hei am Gemengerot, ob een net soll e Resumé maachen,

wat manner opwenneg ass, mee do ass et natierlech vill méi schwéier zu der Essenz ze kommen, respektiv awer och, der Majoritéit wéi och der Oppositioun eng Visibilitéit ze ginn. Dofir mengen ech, ass de Verbatim ëmmer en O-Ton eent zu eent, wat hei gesot gouf an, mengen ech, dass dat och eng gewëssen Opbereedung och brauch an natierlech jo och ëmmer all Gemengeconseillère an all Gemengeconseiller, esou wéi een hei sëtzt, jo och kritt, fir säin Deel ze kucken. Et däerf een natierlech - wat de Fong en tant que tel ugeet - keng Modifikatioun maachen, mee et däerf een hei emol wat d'Format ugeet, effektiv do déi eng oder déi aner Verbesserung erabréngen.

Dann effektiv ass jo dee Volet vum Audio, deen awer zimmlech schnell geet, ausser et si mol deen een oder aneren technesche Problemer, dat hate mer mol eng Kéier, mee innerhalb vun den nächste véier, fënnef Deeg no der Gemengerotssëtzung ass den Audio jo och um Internetsite, wou och dann alleguerten d'Biergerinnen an d'Bierger dat kënnen ulauschteren, dat wat se och deementspriechend wëllen. Dat ass e bësse generell, wéi mer de Moment funktionéieren an et ass richteg, dass mer déi lescht Gemengerotssëtzung, wou effektiv gefilmt gouf, dat war den 28. Februar 2020, dat ass effektiv ee vun de leschte Gemengeréit, wéi duerno de Covid-19 ausgebrach ass, wou mer och de PAG an d'Prozedur geschéckt hunn, dat war effektiv dee leschte Gemengerot an et ass jo och ëmmer esou, dass mer zu deem Zäitpunkt och ëmmer op eng Firma zeréckgegraff hunn, déi eis hei d'Saachen opbereet huet, installéiert huet, d'Kameraen an och gefilmt huet.

Ech mengen, déi Motioun stéisst oppen Dieren op, well mer och eis als Schäfferot Gedanke gemaach hunn, ob een dat sot erëm weiderféieren. Mir haten och scho mol deen oder deen aneren Devis erageholl, mir sinn awer nach net schlësseg, ob mer solle bei enger Approche bleiwen, wou allkéiers opgeriicht gëtt oder eng fest Installatioun, dat ass nach effektiv ze préiwen, wéi dat an dësem Sall hei och ka wou stattfannen. Eng fest Installatioun, dat bleift eng fest Installatioun, dat kann een net méi réckelen, wann een eng mobil Installatioun mécht, dat huet den Nodeel, dass dat ëmmer muss opgeriicht an ofgeriicht ginn an da muss een natierlech och kucken, wou een et halt hiplazéiert. Ech mengen, dat si Saachen, déi si mer amgaang ze kucken, an dat huet och mam Budget ze dinn.

Ech hunn awer och mech e bësse schlau gemaach, an och e bësse gekuckt, wéi aner Gemengen et handhaben, an dat ass och ganz ënnerschiddlech. Wann ech kucken, eng Stad Lëtzebuerg, wat jo awer dann d'Haaptstad ass an déi gréisste Gemeng, déi mécht effektiv, wat d'Dokumenter ugeet, eng Aart Resümmee a setzt dat op den Internetsite, a mécht e Livestream, Eng Stad Esch, déi mécht am Fong déi ganz Dokumenter public an effektiv och e Livestream. Déifferdéng mécht en Audio, esou wéi mir, an och just den Ordre du jour, Suessem d'selwecht a Péiteng och just den Ordre du jour an awer op där anerer Säit e Livestream. Also, et gesäit een, och innerhalb vun de Gemenge ginn et verschidden Approchen, mee am Fong dee Wee anzeschloen, fir dann déi Dokumentatioun, déi dem Gemengerot virläit, och de Biergerinnen a Bierger accessibel ze maachen, dee Wee kann ee roueg goen. Et muss e just dat awer nach e bëssen informatesch an technesch einfach opbereeden an ech mengen, dat ass dann un eise Gemengeservicer, respektiv dem Gemengesekretariat, respektiv awer och um Service Informatique ze kucken, dass dat en bonne et due forme a selon les règles de l'art och deementspriechend gemeet gëtt, deen Deel, wou public ass, respektiv, deen Deel, deen net public ass. Ech mengen, dat muss een dann och trennen. Mir kënnen awer an déi dote Richtung och goen.

Dann ass effektiv ze kucken, wat d'Videopnamen ugeet. Ech mengen, dat kann een, wéi gesot, maachen. Ech verstinn, do si verschidde Leit, déi sech wuel fillen, net wuel fillen, dat kann ech ganz gutt novollzéien, wann eng Kamera bis op ee geriicht ass. Ech muss Iech awer och soen, wann een dann e Schratt méi wäit geet, da mécht een och de Livestream. Also, ech hu mer e bëssen dann déi Gemengeréit ugekuckt, wou et dann e Livestream gëtt, an där sinn et der jo dann net vill, da misste mer awer och am Virfeld - wa mer eppes ophuelen - e puer Spillreegelen awer zesumme vläicht definéieren, well wann een esou Saache filmt, deen ee Volet ass, dass een sech net wuel fillt, wann ech awer verschidde Gemengeréit kucke, wou e Livestream ass, bon, déi ginn och net ëmmer e ganz positiivt Bild of als decisiivt Organ. Wann ech kucken, wéi chaotesch dat awer och heiansdo ass, ech wëll kengem ze no trieden, also e Va-et-vient, dat reflektéiert awer net, ech soe mol esou, déi Souveränitéit, déi a Gemengerot soll kënnen ausstralen. An ech mengen, bei engem Audio fält dat net op, an do gëtt dann en Audio vläicht e bessert Bild of, mee wann ee bis op e Video oder Livestream geet, da kënnt eng aner Konnotatioun och bäi an ech mengen, dass et awer och wichteg ass, wéi ee Bild wëll dëse Gremium ausstralen, wann een et ophëlt, respektiv Livestream mécht, ech mengen, dass een do sech awer vläit eng Rei Spillreegelen och dann zesumme sollt definéieren, fir dann och dat dann ëmzesetzen. Dat par rapport dozou.

Bon, d'Madamm Kayser, huet gesot, wa mer dat da maachen, Soustitrage, also, wann ech kucken eng Stad Lëtzebuerg, déi Livestream mécht, en déi hu bei Wäitem vill méi Awunner, déi Net-Lëtzebuerger sinn, ech hunn do kee Soustitrage gesinn. Mee ech soen einfach, ech weess, dass se eng Gebäerdesprooch hunn, déi hunn se, awer e Soustitrage hunn ech op alle Fall net gesinn. Wéi vill Leit de Verbatim kréien, kann ech Iech de Moment net soen, mee déi Informatioun kënne mer nach eng Kéier kucken, well do hate mer aus reng ekologesche Grënn jo viru Joren d'Haushalter gefrot, wien et gäre wëllt geschéckt kréien a wien net, respektiv wien et och gäre wëllt per Mail geschéckt kréien. An ech mengen, déi Ziffere kënne mer nach eng Kéier nokucken, wie wierklech de Verbatim heemgeschéckt kritt, also an d'Boîte, a wien och dat per E-Mail geschéckt kritt. Ech mengen, do hate mer jo de Bierger dat oppe gelooss. Voilà, dat par rapport zu der genereller Ausriichtung. Bon, mir maachen hei zu Diddeleng jo keng Politik vun den eidele Still, mee wann een déi eidel Still betruecht hei zu Diddeleng, mengen ech, dat ass an anere Gemengen net anescht. Do muss ee wëssen, dass mat deenen Auerzäiten, wou Gemengeréit sinn, aacht Auer mueres, respektiv deelweis och mol owes a verschidde Gemengen, do kommen net vill Leit sech heihinner sët-

zen, ausser si hu gutt Zäit oder keng aner Vakatiounen ze maachen. Voilà, dat par rapport zu der genereller Ausriichtung.

Dofir wollt ech hei awer nach, wat d'Motioun ugeet, e bëssen déi nach e iwwerschaffen, do géif ech de Patrick Bausch vläicht bieden, déi anzeblenden, wou mer e puer Adaptatioune vläicht och e bësse méi grouss maachen, also et ass bei de Consideranten e bësse Kosmeetik, wou mer schreiwen "vu dass den Artikel 13 vum ëmgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 virschreift". Dann "Vu dass d'Convocatioun fir d'Sëtzunge souwuel am Reider wéi och um Internet publizéiert gëtt, mä ouni dass et méiglech ass, Dokumenter vun deene verschidden Dossieren ze konsultéieren. Wéi gesot, dat hu mer nach einfach ëmgeschriwwen. Dann hu mer awer bei „Invitéiert" de Buergermeeschter a Schäfferot, einfach den éischten Tiret ass fir eis absolut OK. Den zweeten Tiret "d'Sëtzunge vum Gemengerot nees wéi virun der Pandemie ze filmen an déi ganz Opnam, no der néideger technescher Opbereedung, zäitno um Internetsite vun der Gemeng ze publizéieren". Voilà, dat ass einfach, fir no der Opbereedung zäitno, wann déi fäerdeg ass, dat dropzesetzen. Dann den drëtten Tiret "ze préiwen a wéi wäit d'Filmen an d'Verschaffe vun de Sitzungen eng Méibelaaschtung fir d'Personal vun der Gemeng mat sech bréngt an déi eventuell néideg Personalupassunge virzehuelen". Voilà, dat hu mer nach bäigesat. "Néideg Personalupassungen", do weess een net, ob mer et elo ze préiwen, ob mer et elo intern maachen oder awer eng Firma vu baussen, déi jo och den techneschen Knowhow huet, fir dat opzeriichten, dat musse mer da kucken, well virdru war et jo ëmmer sou. An dann, de leschten Tiret "d'Opportunitéit vun engem Livestream vun de Reunioune vum Gemengerot ze préiwen a sech gegeebenenfalls déi néideg personell, infrastrukturell a finanziell Mëttelen ze ginn." Voilà, oder vu baussen. Dat sinn nach déi puer Adaptatiounen, déi mer maache wollte par rapport zu Ärer Motioun. Well dat och fir Iech esou OK ass, well dat ass nach eng Propos, déi mir Iech maachen, mee Dir sidd d'Autrice vun der Motioun.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Éier ech dorobber zeréckkommen an effektiv gräifen ech nach eng Kéier dat op, wat Dir mam Verbatim gesot hutt an ech ralliéiere mech do un d'CSV, fir da wierklech och dem Schäfferot ze felicitéieren, dass et nach ëmmer dee Verbatim gëtt. Dat ass effektiv, ganz wichteg. Dunn hunn ech mech gefrot dat ass wierklech scho laang hier, dass der eng Kéier déi Ëmfro do gemaach hutt, wien dee wéilt kréien. Ech war deemools nach kee Menage an esou geet et warscheinlech ville Leit, vläicht misst een dat nach eng Kéier, oder et muss vläicht och net per Post sinn, mee op Social Media kann een dat reegelméisseg relancéieren eng Kéier, well effektiv mech gouf et deemools dann net als Menage. A fir de Rescht sinn ech effektiv elo e bëssen iwwerrascht, dass eng Partei, déi mam Sproch "No bei Dir" an d'Chamberwale geet, also fir Är Info, Här Meyer, an der Chamber wäert Dir och gefilmt ginn. Dat heescht, dat huet mech elo e bëssen iwwerrascht, mee dat kann natierlech jiddereen sou maachen, wéi e wëll. Fir de Rescht sinn ech ganz frou, dass d'Motioun awer op groussen Zousproch stéisst an déi ganz Ännerungsvirschléi, dat ännert jo elo eigentlech näischt um Fong, also domadder hu mer guer kee Problem. Dat kënne mer dann esou zum Vott stellen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): D'Zil ass kloer.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert, ech wollt just eng Anekdot zielen aus der Geschicht. Et gëtt e ganz berüümte Radio-Interview, deemools war et den Nixon géint den Johnson, an d'Tëlee war grad am Kommen, an den Johnson war immens krank, also en hat d'Gripp an alles, en huet schäiss ausgesinn, wéi een esou seet. An déi, wou d'Tëlee gekuckt hunn, déi hunn den Johnson grausam fonnt. Déi hu gesot, esou ee wëlle mer net méi am hien huet sech och der Wal net méi gestallt. Déi, wou de Radio gelauschtert hunn, déi hunn den Johnson phenomenal fonnt an déi hunn den Nixon net gutt fonnt, well dat, wat e gesot huet, den Johnson, dräimol besser war, mee dat Visuellt, an dat ass eppes, wat mer grad an eiser haiteger Welt immens vill gesinn, grad dat Visuellt ass eppes, wou mer schrecklech jugéieren. Dat heescht, et muss een sech gutt iwwerleeën, well soss ginn ech elo allkéiers moies um siwe bei de Coiffer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer, effektiv, fir déi historesch Anekdot.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech just nach eng ganz kleng Remark, vergiess, well der och gesot hat, Här Buergermeeschter, fir e Livestream misst een sech vläicht Spillreegele ginn, do sinn ech natierlech ganz domadder averstanen, mee ech mengen, dass mir allgemeng hei souwisou eng relativ gutt a propper Debattekultur hunn an ech weess effektiv, dass et an anere Gemengeréit heiansdo anescht leeft, do gëtt et jo och Gemengerotssëtzunge, wou mol d'Police geruff gëtt an ech mengen, mir hu jo allgemeng hei eng ganz propper Debattekultur, an ech mengen, dat géing awer och esou bleiwen. Do hunn ech Vertrauen an eis alleguerten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech och, Madamm Thoma.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, dat wat den Här Buergermeeschter virdru gesot huet effektiv, dat mat deenen sech Spillreegele ginn, dat kéint een eventuell och mat deem Format, respektiv där Firma oder wéi een dat wëllt léisen, mat der Installatioun jo och klären, well et ass effektiv mat deem Va-et-vient, dee mol ass, wa mer sechs Stonnen hei sëtzen, ass et normal, dass ee mol eraus muss, op d'Toilette goen oder sech eppes siche goe fir ze drénken, dat wierkt net besonnesch professionell effektiv, mee dat kritt ee warscheinlech och technesch iergendwéi geléist an enger Nobereedung. E weidere Punkt, dee mir als Gréng och um Häerz haten, ech mengen, Dir hat et virdrun ugeschwat, et ass wichteg, dass alleguerten d'Informatiounen ongefiltert un d'Biergerinnen an d'Bierger ginn, an awer liewe mer an enger Zäit, wou et schwiereg ass, politesch Business no un d'Leit ze bréngen an enger verständlecher, kuerzer Versioun.

Well ech fäerte ganz, et läit net onbedéngt um Toun oder um Bild ob een sech sechs Stonnen Zäit hält fir e Gemengerot ze suivéieren oder ech weess net wéi vill Säite mer beim leschte Gemengerot kommen herno, wann en niddergeschriwwe gëtt, mee och vill. Ech weess net, ob een sech onbedéngt als een, dee méi bausse steet, sech dofir esou an der Déift intresséiert. D'Fro, déi mer eis dierften als Gemengerot stellen, ass, wéi mer dat an enger digester Form no u jidderee kréien. Dat gehéiert elo net zu der Motioun vun der Madamm Thoma, ech géing et einfach an de Raum geheien, fir dat awer och am Hannerkapp ze behalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech denken, wat do flott war, dat war jo, mir haten dat jo schonn, déi live Dénger, an do war dann den Ordre du jour an du konnts deen uklicken, dann hues de grad zu deem Punkt just déi Diskussioun, du muss net déi sechs Stonn hei iwwert dech ergoe loossen, wann s de d'Fro wëlls, wéi wat mam Forstplang. Da weist de Forstplang sech an da klicks de un an da fänkt et do un. Dat heescht, du muss net sechs Stonne laang kucken, fir eppes gewuer ze gi vun engem Punkt, deen dech interesséiert. An ech denken, dat war jo och machbar an dat wäert och weiderhi machbar sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Dat ass jo och beim Audio, mengen ech, aktuell esou, datt een drop ka klicken. D'Iddi, wou ech e wollt einfach an de Raum geheien, dat ass déi, fir esou e Gesamtiwwerbléck e bëssen ze hunn, ëm wat ass et da gaangen an deem Gemengerot. Well, wann ech elo de Leit soe voilà an der Diskussioun déi an déi ass, well et sot nawell interessant. ech hu jo einfach global gemengt, de Resumé ass warscheinlech dann net d'Format. Et ass einfach e Gedanken, deen ech wollt deelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also zwee Punkte. Bon, fir déi, wou de Verbatim kréien, ech mengen, dat ass awer och um Internetsite, mam franséische Resumé dobäi, deen ëmmer virum Verbatim ass, dee Partie intégrante jo och deementspriechend ass, dat gesitt Dir jo allkéiers wann der och de Verbatim gesitt, dee gëtt jo d'Méiglechkeet. Ech mengen awer net, dass mer elo zweegleiseg solle fueren, och nach méi e grousse Resumé sollte maachen. Ech mengen, de Verbatim gëtt dat erëm. Wat ech awer virdru vergiess hunn ze soen, dat mat de Spillreegelen sollte mer nach eng Kéier e bësse kucken, et ka jidderee seng Bedenken oder seng Ureegunge mat erabréngen. Och mat der Kameraféierung, ech mengen, dat ass een Deel, dat anert ass och e bëssen dann, wat ee seet, wéi een sech presentéiert, wat och wichteg ass, bon, et huet jiddereen natierlech eng gewësse Fräiheet, mee wann een op Video- respektiv op Livestream-Opname geet oder déi Videoen och herno notze kann, dass een se och am Kontext behält, well mir wëssen, grad eeben duerch déi sozial Medien, a verschidde Parteien dat méi notze wéi anerer an eng gewësse Richtung, dass dann och deelweis Saachen erausgeschnidde kënne ginn an och komplett aus dem Kontext erausgeholl kënne ginn, wat erëm eng aner Lektür, eng aner politesch Lektür op eng Thematik bréngt, wéi effektiv de generelle Kontext. Dat hu mer am Kader vun nationalen Debatte méi gesinn ewéi am Kader vläicht vu kommunalen, mee dee Risiko besteet, an ech mengen, dass mer awer och kéinte mir och vläicht zur Spillreegel maachen, dass d'Saachen ëmmer an hire Kontext, och wann se kontrovers diskutéiert ginn, awer ëmmer an hire Kontext solle gesat ginn an net een sech dat soll erausschneiden, wat dann deem dee Mënsch genehm ass, fir an déi eng oder déi aner Richtung ze goen. Dat wollt ech awer nach einfach soen, well ech hunn dat virdru vergiess well ech et net opgeschriwwen hat. Voilà.

Ech héieren hei eraus, dass mer mat der Ausriichtung vun der Motioun, mat deene puer Adaptatiounen averstane sinn, dass mer dat droen. Mir kucken emol op eiser Säit dee Gedanke weiderzeféieren respektiv, kucke wat dat vu Budget ass, fir och effektiv nach Devisen eranzehuelen, sief dat eng klassesch Fixatioun oder eng mobil Fixatioun an dann hale mer Iech do weider au courant, dass mer dat dann am Laf vum Joer 2024 och ëmsetzen iwwert Video, fir mol domat unzefänken. Dofir géif ech awer elo mol proposéieren, dass mer hei op de Vott vun der Motioun iwwerginn. Wien ass mat der Motioun, esou wéi se hei presentéiert gouf, diskutéiert gouf an och mat den eenzelen Adaptatiounen, déi mer gemaach hunn, averstanen. ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools. Merci.

## 8. RESOLUTIOUN IWWER D'SOLIDARITÉIT MAT DE SALARIÉË VUN DER SOCIETÉIT AMPACET LUXEMBOURG S.A.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Gutt, da gi mer vun der Motioun eriwwer op d'Resolutioun éier mer dann herno op d'Froen eriwwerginn. A mir hunn och hei eng Resolutioun vun déi Lénk iwwer Ampacet Lëtzebuerg. An och do géif ech der Madamm Thoma d'Wuert ginn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. An och villmools Merci dann un de gesamte Gemengerot, deen de Moien decidéiert huet, hei d'Urgence unzeerkennen. Merci villmools. Ech ginn och hei just ganz kuerz drop an. Fir déi Leit, déi et net kennen, Ampacet ass eng US-amerikanesch Entreprise, déi ass an der Zone d'activité Wolser direkt niewent der Entreprise Husky implantéiert an déi stellt, wann ech et richteg verstan hunn, virun allem faarwege Plastik hier, wou et net vill Betriber och an der Géigend hei gëtt, déi dat kënne maachen. Dat heescht, déi mécht schonn eng ganz spezifesch Aarbecht. Säit iwwert engem Joer goufen do Negociatioune gefouert fir de Kollektivvertrag ze verlängeren, respektiv fir deen neie Kollektivvertrag ze maachen. An d'Direktioun vun Ampacet war do, fir et fein auszedrécken, net immens konstruktiv. Si huet eng Salaireserhéijung vun 0,3% versprach, wou d'Salariéen verständlecherweis net immens frou doriwwer waren an dat als lächerlech bezeechent hunn.

Dobäi muss ee wëssen, dass Ampacet déi lescht véier Joer zéng Milliounen Euro Benefice gemaach huet an aleng am Joer 2022 dräi Komma siwe Milliounen Euro Benefice gemaach huet, dat heescht, et ass elo keng Entreprise, där et immens schlecht geet an déi wierklech keng aner Méiglechkeet huet, fir hire Salariéen anstänneg Aarbechtskonditiounen ze ginn. De Problem ass awer elo, dass d'Direktioun wärend de Verhandlungen decidéiert huet, den aktuelle Kollektivvertrag ze verwerfen, soudass déi Salariéen säit zwou Woche kee Kollektivvertrag méi hunn, dat heescht, déi sinn elo um absolutte legale Minimum eigentlech ukomm. Dat ass och esou wäit komm, dass se elo scho matgedeelt kruten, wat se dann alles géinge verléieren, dass se keng Prime de fin d'année géinge kréien, dass se keng Prime d'ancienneté géinge kréien an dass esouguer se keng Kaddoe vum Kleesche fir hir Kanner géinge kréien. Also op deem Niveau si mer ukomm.

Vu dass den Echec vun der Conciliatioun dekretéiert gouf, hunn d'Gewerkschafte respektiv d'Salariéen elo d'Méiglechkeet, ze streiken an si hu virun zwee Deeg och e Vott geholl, wou d'Salariéen sech zu aachtanachtzeg Prozent dofir ausgesprach hunn, fir ze streiken, an si hu gëschter op enger Pressekonferenz, dat war de Moment d'urgence och ugekënnegt, dass se dat an den nächste Stonnen oder Deeg wäerten ufänken an de Streik wäerte lancéieren. Ech weess, dass virun e puer Wochen eréischt de Streik war bei Cargolux, dowéinst kéint een elo scho bal mengen, bon, OK, schonn erëm e Streik, dowéinst wëll ech just kuerz erënneren, dat ass iwwerhaapt näischt Banales. viru Cargolux gouf et fënnef Joer laang hei am Land kee Streik méi. An dat ass och virun allem fir déi Salariéen, déi eeben an de Streik ginn, wierklech iwwerhaapt näischt Banales, hir Existenze stinn um Spill a finanziell an emotional huet dat wierklech e ganz grousse Impakt.

Dës Geschicht ass wierklech ganz speziell, well d'Direktioun eesäiteg decidéiert huet, dee Kollektivvertrag ze kippen. Dat gouf et an dësem Land nach net, dat ass e Jamais-vu, an dowéinst ass et och esou wichteg, well dat riskéiert e Prezedenzfall ze ginn, an dowéinst, mengen ech, ass et wierklech wichteg, dass d'Salariéen sech wieren, an dowéinst hu mer eeben déi Resolutioun hei d'urgence eraginn, well mer mengen, dass et e wichtegt Zeeche wier, dass mir als Gemeng Diddeleng, als Gemengerot, eeben zesummen de Salariéen, déi sech elo dogéint wieren, eis Solidaritéit ausschwätzen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, fir d'Presentatioun vun der Resolutioun. Sinn dozou nach aner Stellungnamen? Jo, Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech wollt ee Moment kucken, ob een an aner géif de Fanger weisen oder net. Eis huet déi Motioun, déi mer gëschter Owend erageschéckt kruten, e bëssen irritéiert, net well mer dat net gutt fannen, wat Carole Thoma Merci fir déi Motioun iwwregens. Mir ënnerstëtzen all Aarbechter, deen zu Diddeleng ass. Dat beweise mer allkéiers rëm, wann et ëm de Budget geet, wann et ëm Geschäftsleit geet, wann et ëm d'Situatioun geet, wéi mer wëlle liewen hei, mir




sollen Aarbechtsplazen hunn, no bei der Stad sinn, dass d'Leit kënnen hei wunnen oder do schaffe goen, dat si mer eis alles bewosst. Wann een awer de Rôle vun engem Conseil communal kuckt, do heescht et: "Le Conseil communal fait les règlements communaux et règle tout ce qui est d'intérêt communal." An do froen ech mech, ob mer hei net eis Kompetenzen awer e bësselchen iwwertriede wäerten, jee nodeem wéi eng Positioun dass mer huelen. Do maachen ech mer e bësselche Gedanken driwwer, well da misste mer am Fong och op villen anere Plazen intervenéieren a mir kennen hei effektiv just eng Säit vun der Medail säit gëschter Owend.
Mir wëssen d'Personal freet zwee Komma fënnef Prozent méi, d'Firma wëllt just null Komma dräi ginn, d'Firma huet vill Benefice gemeet.

Wat d'Hannergrënn vun der Firma sinn, déi kenne mir als CSV Diddeleng mol net, mee vläicht kennen aner Parteien se vill besser an déi kënnen eis da gär driwwer opklären. Awer vläicht huet d'Firma och déi Suen oder dee Budget wëlles ze halen, fir auszebauen an da méi Aarbechtsplazen ze schafen, dat weess ech net. Ech wëll och näischt weider a Fro stellen oder iergendwellech Theorien opstellen, déi wuel net justifiéiert sinn. Mir kenne just eng Säit vun der Medail an ech froe mech, wou d'Responsabilitéit vum Gemengerot ass, Ech denken, dass mer kënne fir e sozialen Dialog plädéieren. Dofir kënne mer plädéieren, awer fir eis elo hei reng op eng Säit ze stellen, ech weess net, ob dat net e bësselche ganz rengt Äis ass, op deem mer eis befannen, an et ginn och aner Firmaen, déi och a prekäre Situatioune sinn, an do hu mer och weider keng Positioun geholl, notamment d'Husky nach elo virun e puer Méint, wou och eng ganz Rei Aarbechtsplazen um Spill stinn, do hätt een och vläicht kéinten intervenéieren dann, an deem Fall.

Mee ech mengen, dass dat net de Rôle vum Gemengerot ass. An den Här Biancalana hat gesot, virun allem wou d'Madamm Andrich nach hei war, si huet ëmmer gesot, mir si keng Chamber bis hei an ech denken, dass mer och keng Gewerkschaft bis kënne ginn an ech fannen, dass dat de Punkt ass, wou ee gären eng Kéier e bëssen driwwer diskutéiere kann. Ech sinn och gespaant op dem Här Biancalana seng Interventioun vläicht, wéi hien dozou steet, awer ech gesinn dat hei e bësselche kritesch. Wéi gesot, mir sti ganz kloer fir de Sozialdialog an ech denken, dass een de Sozialdialog soll förderen a wa mer e Communiqué erausginn, da muss an deem Communiqué Sozialdialog stoen an dass mer eis net kënnen einfach just op eng Säit stellen, well mer d'Informatioun aus der Press hunn säit et emol 24 Stonnen, wat eis elo geet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Also, zu deem, wat den Här Martini elo gesot huet, et stoung effektiv de Moien am Tageblatt, wann ech dat richteg gelies hunn, dass se eng Verdueblung vun der Produktiounskapazitéit envisagéieren an doduerch méi Leit wéilten heihinner kréien, deenen se dann déi méi schlecht Konditioune kéinten als Ausgankspositioun dohinner ginn. Dat ass elo mol esou, wéi d'Tageblatt dat menges Wëssens dohinner geschriwwen huet. Well effektiv d'Delaien elo relativ knapps waren, hunn d'Madamm Ahmedova an ech eis natierlech och elo e bëssen déi Fro gestallt, déi den Här Martini sech och gestallt huet. Natierlech, aus deem soziale Point de vue ass et kloer, dat wat vun der Madamm Thoma gesot ginn ass a wat och am Tageblatt steet, ass dat natierlech, jo, et ass pertinent, sech do hannert d'Aarbechter ze stellen, well dat schaaft e Prezedenzfall. Et ass absolut net an der Form, wéi dat soll oflafen an et géing, jo, wann een dat doten duerchléisst, wat kënnt als nächst a wat sinn déi nächst, déi hannendru kommen a virun allem och en vue vun deem, dass déi Zuele richteg gutt sinn, an deenen se stinn, dass se op eng Verdueblung wëllen histeieren, dat weist ganz kloer, dass et hei awer ëm eng Urgence geet. Dat heescht, do sinn ech voll a ganz bei der Madamm Thoma. Just vun der Funktioun vum Gemengerot hier erschléisst et sech mer och net, ob mir do dat richtegt Organ sinn. Dat läit vläit drun, dass ech elo nach net esou laang derbäi sinn, dass ech déi lescht Streiken, wéi viru fënnef Joer, dann net matgemaach hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Steffen.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert, opbauend op deem, wat den Här Martini gesot huet, wollt ech och ervirsträichen, dass haut en FGFC-Protestpiquet ass vum TICE, an ech mengen, dann hätte mer deen och missten ervirsträichen. Deen huet d'Theema „Stoppt Gewalt" an et gëtt grad vun eis als Politik gefuerdert, dass eppes gemaach gëtt, fir dass manner Aggressivitéit am Transport ass. An ech mengen, dat ass éischter an eisem Kompetenzberäich, esou wéi den Här Martini scho gesot huet, wéi dann Ampacet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech hu just eng Fro, well ech et eeben net weess, wéi vill Leit sinn dann elo hei betraff? Ech weess elo net ganz genau, wéi vill Leit do schaffen, well, bon, mir baséieren eis elo – also, ech sinn absolut fir all Euro, dee jiddwereе méi kritt, ech mengen, ech freeë mech och iwwer en Euro, deen ech méi an der Pai hunn. Dat eenzegt wat, well een sech déi Fro muss stellen, hei steet déi dräi Komma siwe Millioune Euro Benefice am Mëttelpunkt, dat ass fir eng déck Firma Peanuts, dat kann d'nächst Joer fofzéng Millioune Euro Defizit sinn. Also, mir héiere vu Banken, déi maache Milliarden Euro Beneficer weltwäit ersetzen honnertdausend Aarbechtsplazen. Hei dräi Komma siwe Millioune, natierlech, wann ech déi als Geschäft ëmsetze géing, da wären déi Fuerderungen absolut berechtegt. Also, wéi gesot, ech sinn absolut dofir, datt jiddereen esou vill wéi méiglech kritt, well et schéisst jo schlussendlech erëm an eis Ekonomie zeréck, gell? Mee déi dräi Komma siwe Millioune Euro, dat ass net onbedéngt e Benefice, wou een sech kann zeréckleeën, zemools net wann ee wëll vergréisseren, well do ginn dann erëm honnert Millioune, fënnef honnert Millioune Euro investéiert, fir dat kënnen ze maachen, do ass dat doten eng Botterschmier, déi dräi Komma siwe Millioune Euro. Also, net fir eis privat Leit, dofir, ech kennen d'Situatioun elo net, fir mech elo dozou ze positionéieren, et misst ee wierklech verschidde Saachen nach wëssen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Clement.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, also ech hunn elo, dat do war ech net drop preparéiert, ech hunn elo schnell gegoogelt, ech mengen, et sinn nëmmen eng siechzeg Salariéen, souwäit ech dat erausfonnt hunn, ëm déi et sech handelt. An Ampacet huet awer effektiv, also an de leschte Joren, Beneficer gemaach, dat heescht, OK, mir sinn elo net um Niveau vun deene Beneficer, déi Arcelor mécht, mee mir sinn och net an engem Defizit, wou et elo drëm geet, awer d'Basis vun de soziale Rechter vun de Salariéen esou … et deet mer leed, an d'Poubelle ze geheien, wéi déi dote Boîte et elo wierklech gemaach huet. An ech sinn e bëssen irritéiert iwwer d'Irritatioun vun der CSV, well, zum engen ass dat heite keng Motioun, mee et ass eng Resolutioun, wou de Gemengerot matdeelt, seng Solidaritéit, dass en déi wëll expriméieren. An ech sinn elo nach net esou laang hei am Gemengerot. Ech mengen awer ze wëssen, dass viru menger Zäit schonn emol esou Resolutiounen hei gestëmmt goufen. Ech mengen, dass de Gemengerot sech scho géint de CETA ausgesprach huet opgrond vun enger Resolutioun vun der LSAP deemools, dat ass schonn e puer Joer hier, de Gemengerot huet expriméiert, dass en d'WM Katar boykottéiert. Bon, dat hat natierlech och reell Konsequenzen deemools, mee esou Resolutioune sinn natierlech awer och an engem Kompetenzberäich, mengen ech, vun engem Gemengerot.

A wann den Här Martini seet, dass mir sollen als Gemeng soen, mir géingen e Sozialdialog ënnerstëtzen, de Sozialdialog ass gescheitert hei. Déi hunn ee Joer, iwwert ee Joer verhandelt, an d'Direktioun huet eesäiteg de Kollektivvertrag gebrach, wat et nach ni hei am Land gouf. De Sozialdialog ass gescheitert. Dofir ass et elo ze spéit. An, bei allem Respekt, e Protestpiquet ass net dat selwecht wéi e Streik vu siechzeg Mataarbechter. Dat kann een net vergläichen. Dat heiten ass wierklech eng eemoleg Geschicht an ech géing et wierklech wichteg fannen, wa mir als Gemengerot an där Gemeng, wou dës Entreprise implantéiert ass, awer do géingen eist Zeeche vu Solidaritéit stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, da wéilt ech vläicht do weiderfueren, wou d'Madamm Thoma opgehalen huet. E Protestpiquet, dat ass net virun engem Betrib streiken. Ech mengen, dat wou d'Madamm Kemp ugeschwat huet, dat ass e Protest-

piquet vu Mataarbechter vum TICE zu Esch par rapport zu Problemer, déi zu Esch sinn, an da mussen natierlech déi Escher Gemengeresponsabel, respektiv den Escher Gemengerot kucken, vu dass déi Saachen sech zu Esch zougedroen hunn, wéi se dat do léisen. Do hu mer mat Leit ze dinn, déi am Statut si vun engem Gemengesyndikat, Fonctionnaire communal, do ass kee Kollektivvertrag gekënnegt ginn, respektiv keen neien an Aussiicht, déi hunn eng gewëssen Sécherheet als Gemengebeamten an och als Mataarbechter, respektiv als Buschauffere vum TICE. An de Protestpiquet ass fir op eppes opmierksam ze maachen an, wéi gesot, fënnt dat an deem Sënn net zu Diddeleng statt, mee zu Esch, well d'Problematiken effektiv och do zu Esch konzentréiert sinn, ech kann och net jugéieren, awéifern oder wéi wäit, mee op alle Fall, wann ech an der Zeitung liesen, huet et sech dorobber konzentréiert.

Wa mer dann eriwwerkommen op Diddeleng, déi Informatiounen, déi mer och an der Press konnte liesen, ech mengen, fir datt dat Ganzt zu engem Streik kënnt, do ass jo eng ganz Prozedur fir dass e bis zu engem Streik kënnt. Mir hunn do en Aarbechtsgesetz, wéi déi ganz Kollektivverträg, déi ganz Negociatiounen, déi ganz Schlichtung, déi net stattfonnt huet. Bon, de Kollektivvertrag gehéiert zum Sozialdialog, mee vu dass keen neien an Aussiicht ass, ass effektiv de Sozialdialog hei gescheitert a mir si virun engem Präzedenzfall, jee nodeems wéi dat doten duerchgeet, do si mir sécherlech net kompetent dofir, wéi dat duerchgeet, kann dat d'Schoul maachen och fir aner Betriber an och en Impakt hunn op de Sozialdialog, landeswäit. Ech mengen, et muss een sech där Portée och bewosst sinn. An ech mengen, dass et wa mer déi heite Resolutioun och stëmmen, do sti mer zu deene Leit, déi fir dee Betrib schaffen. Dat sinn Aarbechtsplazen um Territoire vun der Stad Diddeleng, dat si Leit, déi fir dee Betrib schaffen, dat si Leit, déi hei zu Diddeleng schaffen an déi an enger ganz kockeleger Situatioun sinn, well se kee Kollektivvertrag méi hunn.

Mir expriméiere jo eis Solidaritéit hei net vis-à-vis vun enger Gewerkschaft, déi an hirem Rôle ass, haut kann et déi eng Gewerkschaft betreffen, déi majoritär an engem Betrib ass, a muar kann et eng aner Gewerkschaft betreffen, déi majoritär an engem Betrib ass. Hei ass einfach esou déi moralesch Solidaritéit, déi de Gemengerot vis-à-vis vun de Leit, déi an deem Betrib schaffen, an deenen hir Zukunft awer, ech wëll net soen onsécher ass, mee déi op alle Fall net méi ofgeséchert ass iwwer de Kollektivvertrag, deen iwwer de sozialen Dialog am Fong stattfënnt. Et ass e moraleschen Appell vu Solidaritéit, dee mer hei ginn, net méi an net manner. Mir mëschen eis jo net hei an an d'Diskussiounen, well dat ass effektiv net eis Kompetenz, do sinn aner Acteuren, déi dat mussen nach maachen, sief et engersäits d'Gewerkschaft, sief et awer vläicht och um nationale Plang de Wirtschaftsministère oder den Aarbechtsministère, dat sinn och nach Moyenen, déi déi hunn, dat ass net an eise Kompetenzen, respektiv sécherlech dann och nach d'Direktioun vun Ampacet selwer. Hei ass einfach e moraleschen Appell oder e moraleschen Appui a puncto Solidaritéit, déi mer vun hei senden, an ech mengen, dass dat par rapport zu Aarbechtsplazen, déi am Territoire vun der Stad Diddeleng sinn, mengen ech, domadder maache mer absolut näischt falsch.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci, Här Biancalana, fir Är Stellungnam och dozou. Effektiv, e moraleschen Appell, mir ënnerstëtzen et och als moraleschen Appell. Ech denken awer, dass déi aner Saachen, déi mer gesot hunn, awer trotzdeem mussen e bësselchen am Hannerkapp ronderëm dréinen, fir ze kucken, bis wou eis Kompetenze ginn. Mee Äre Message ass ganz kloer a mir droen d'Resolutioun dann och mat.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): E wëll just nach ee Wuert soen, dat hei ass net eng eemoleg Saach. Mer hun an den 80er Joeren, wéi mer d'Schmelz nach hei zu Diddeleng haten, dunn hunn ech nach op der Schmelz selwer geschafft. De Gemengerot war unanime hannert der Belegschaft, de Gemengerot ass souguer unanime mat de Leit an d'Stad gepilgert, virun d'Chamber protestéieren, dat weess ech nach ganz gutt. Ech gesinn nach eise fréiere Buergermeeschter, de Louis Rech, deen deemools am mat war, do hunn se mat den Helmer virun der Chamber op de Buedem geklappt. Wéi gesot, dat heiten ass keng eemoleg Saach, et ass elo fir zweet, mee ech fannen et awer ganz wichteg an ech géif soen, léif Frënd vun der CSV an der Oppositioun, jiddweree soll déi Motioun hei esou matstëmmen, et ass wéi gesot virun allem eng moralesch Ënnerstëtzung an do si mir als Gemengerot gutt bestallt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci nach fir déi dote Prezisiounen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Resolutioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** An ech soe villmools Merci an da géife eriwwer op d'Froe goen.

## 9. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Déi éischt Fro, mengen ech, ass vun deene Gréngen. De Parking, ass dat déi éischt, de Parking am Duerf?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci. Jo, do koumen eng Partie Froe vun der grénger Fraktioun eran zu der Cyberattack op d'Barrièren, net op de Parking, mee op d'Barrièrë vum Parking Am Duerf. Enn Oktober gouf e Soustraitant, also net Indigo selwer, eise Gestionnaire vum Parking eeben Affer vun där Cyberkriminalitéit an hire Server gouf gehackt. Iwwer dee Server ginn alleguerten d'Barrièrë gesteiert. Mir sinn dann eeben hei zu Diddeleng och betraff duerch eeben eise Parking Am Duerf a säitdeem sinn d'Barrièren aus Sécherheetsgrënn och op. De Problem sollt mat engem Update vun der Software behuewe ginn an och erëm schnell operativ sinn. Dir hutt awer gesinn, datt dat bis elo nach ëmmer net de Fall ass.

Da froen se: "Quelle est la responsabilité financière de la commune suite au piratage du système de parking et à combien s'évalue précisément à l'heure actuelle le préjudice?" Bon, et sollt een éier een op de Fong elo

geet, vläicht mol op d'Form vun der Relatioun agoen, déi fir d'Exploitatioun vun eeben eisem Parking souterrain Am Duerf besteet. Den 3. Februar 2017 gouf e Kontrakt ënnerschriwwen. Dat ass e Contrat d'exploitation zwëschent der Societéit Indigo a siwe Partner anersäits iwwert eeben d'Exploitatioun vum Niveau minus eent vun eisem ënnerierdesche Parking Am Duerf. D'Gemeng huet do honnerteelef Plazen an déi aner Partner hunn der - wann ech elo richteg gerechent hunn - eenasiwwenzeg Stéck. De Kontrakt, dee gouf, wéi gesot, den 3. Februar vun eisem Gemengerot dann och guttgeheescht. D'Stad hält also honnerteelef Plaze vun honnertzweeanachtzeg, dat si bal eenasiechzeg Prozent vun där Proprietéit um Niveau minus eent an do niewendru si mer nach Proprietär vun Toiletten- an Technikräim. A mat deem Kontrakt gouf dann eeben Indigo chargéiert, dee Parking ze exploitéieren. Dee Kontrakt, deen hält och e Modus fest, wéi déi Frais d'exploitatioun ze decke sinn, natierlech mat der Remuneratioun vun Indigo eebe fir déi Prestatiounen, déi si da leeschten.

Wat d'Perte d'exploitation ugeet, steet kloer am Kontrakt, dass den Exploitant verantwortlech ass fir eeben d'Exploitatioun vum Parking zwielef Méint d'Joer a véieranzwanzeg op véieranzwanzeg Stonnen, ouni Ënnerbriechung, also eng Exploitatioun géint Bezuelung. Fir ze estiméieren elo, wat de Manque à gagner ass, do soll een sech d'Chifferen an d'Memoire ruffen, wat d'Exploitatioun allgemeng vum Parking eeben ubelaangt, deen Deel, deen d'Stad Diddeleng kontraktuell huet missen iwwerhuelen, dee war réckleefeg an et fënnt een all d'Donnéeën heizou och an de respektive Budgeten. D'Cyberattack kann estiméiert ginn op eng Perte d'exploitatioun, déi eleng fir d'Gemeng, also just eeben déi eenasechzeg Prozent, wou ech virdru genannt hunn, ronn 15 350 Euro pro Mount wäert kaschten. Wéi gesot, et ass eng Estimatioun.

Da koum d'Fro: "Comment prévoit-elle de couvrir les frais engendrés par cette cyberattack ? Bon, et läit kontraktuell un der Responsabilitéit vum Exploitant, fir déi Käschten ze iwwerhuelen oder d'Perte d'exploitation ze decken, déi eeben duerch de Piratage vun deem System elo zustane komm ass. De Proprietär, déi kënnen dofir net belaangt ginn. An de Bréif an deem Sënn, dee goung och scho vun eiser Säit un den Exploitant.

Dann eng weider Fro: "En temps normal, est-ce que la commune intervient pour compenser la disparité des frais en cas de non-couverture des coûts d'exploitation ?" Effektiv dréit d'Stad Diddeleng hir Part vun de Fraisen, déi eeben aus dem Compte d'exploitation an um Kontraktuellen op dee Schlëssel un eis zeréckfalen, esou wéi ech dat och virdru schonn erkläert hunn. Déi aner Proprietairen, déi droe selbstverständlech hir Part. "Quels sont les coûts engagés jusqu'octobre 2023 inclus et comment ont-ils évolué depuis la mise en service?", ass dann eng weider Fro. Bon, d'Zomm, déi d'Gemeng am Laf vun deene Joren huet missen opbréngen, belafen sech op follgend Montanten TTC: 2017: 65 500,00 Euro, do muss een awer wëssen, do war d'Ouverture vun deem Parking an et ass just néng Méint exploitéiert ginn. 2018: 54 850,00 Euro. 2019: 1 901,06 Euro. 2020: 34 040,57 Euro, dat war natierlech Corona. 2021: 28 028,93 Euro. 2022: 13 956,74 Euro. Deen Dekont gëtt eemol pro Joer bezuelt, nodeem dann och d'Exploitatiounsjoer natierlech ofgeschloss ass, also am éischten Trimester vum Joer drop an dee Kont iwwerhëlt dann och ëmmer den definitive Chiffer. D'Käschte ginn ëmmer iwwert den ordinäre Budget gedeckt. Dir hutt elo d'Chifferen héieren an 2019 ware mer op 1 901,06 Euro, also am drëtte Joer vun der Exploitatioun, do gouf et bal e Break even, an dono koum natierlech en Abroch duerch d'Pandemie, an elo rapprochéiere mer eis awer rëm lues a lues deem Break even an an noer Zukunft wäert de Parking dann och e klenge Gewënn generéieren, wann alles esou bleift, wéi et elo ass.

Nächst Fro: "La cyberattaque a-t-elle légalement autorisé l'exfiltration de données personnelles, telles que les plaques d'immatriculation, les informations personnelles des membres, les numéros de carte, les enregistrements de vidéosurveillance ou d'autres données similaires?" D'Cyberattack huet eisem Wëssensstand no keng privat Donnéeën detournéiert. Privat Donnéeën, där ginn der och praktesch - an ech mengen den Här Martini hat eng Kéier eng änlech Fro gestallt, dat kënnt der gären noliesen, do hat ech dat am Detail och erkläert, dat ass allerdéngs schonn e puer Joer hier - där privat Donnéeë gi praktesch keng gesammelt, d'Plackennummeren an d'Entréeskaarten, déi sti geschützt op anere Serveuren. D'Attack, déi ass och éischter op d'Gestioun viséiert. Dat wëll heeschen, d'Anzeig vun den disponibele Parkplazen, zum Beispill, wa keng méi fräi ass, da wësst Dir, da gëtt d'Barrière jo och net méi op. An aus deem Grond konnt Indigo och relativ séier reagéieren an déi Barrièren opmaachen, ouni dass elo den Utilisateur zu engem gréissere Schued koum, dee läit, wéi virdru schonns erwäänt, bei de Proprietairen.
Voilà. An ech mengen, dann hat ech op alles elo eng Äntwert hei ginn, wat gefrot war.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi dote Prezisiounen an och déi doten Äntwerten. Da gi mer op déi nächst Froen iwwer an da géife mer och bei Dir bleiwen. D'Fro vun déi Lénk, respektiv iwwer de Stade John F. Kennedy an d'Parkplazen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, d'Madamm Thoma vun déi Lénk huet dem Schäfferot eng Fro gestallt, betreffend déi véier Bigelen an der rue John F. Kennedy, no bei der Schoul Brill. Éischtens, firwat sinn dës Parkplaze gespaart ginn, an zweetens, wien huet Accès zu dëse Plazen? Dat ass esou, dat ass fir datt eist Schoulpersonal, wat vu Gebai zu Gebai muss sprangen, dat si Leit, déi halen an där enger Schoul eng Stonn an se halen an där anerer Schoul eng Stonn a fir datt déi eeben net ze spéit kommen, fir hir Coursen ze halen, huet de Schäfferot dann entscheet, eeben déi Plazen ze blockéieren. Ausserdeem mussen eis Psychologen, vun der Schouldirektioun, an och eis Schoulmedizin, dohinner kommen an dat relativ zügeg, falls eng Urgence bei engem Kand ass. Dat alles ass awer just wärend der Schoulzäit. An de Vakanze sinn déi Plazen disponibel fir de Public an och eis technescht Personal ka vun deene Plaze profitéieren, wann Urgencë-Repara-

turen ze erleedege sinn. An eise Portier, dee këmmert sech dann och drëms, dass se an der Vakanz dann och opgemaach ginn.

Dann d'Fro op Basis vu wéi enger Decisioun sinn dës Parkplaze fir d'Allgemengheet gespaart ginn? Am September 2023, do huet de Chantier vun der Renovatioun vun der Schoul Brill ugefaangen. Ech mengen, dat hat der matkritt, an um Parking, wou bis dato eeben déi Bigele waren, ass dunn déi Installation de chantier gemeet ginn an dat ass ganz gespaart gi fir de Public. Firwat? Aus Sécherheetsgrënn. Ech mengen, et kënnen net, wann do geschafft gëtt, Leit do ronderëm lafen. An aus deem Grond sinn déi Plazen eebe fir déi Zäit elo verréckelt ginn.

Déi nächst Fro: Handelt et sech elo ëm privat Parkplazen, falen se dann net méi ënner d'Parkingsreglement a muss och net méi bezuelt ginn op dëse Plazen? Neen, et handelt sech weiderhin ëm ëffentlech Parkplazen an se ënnerleien och weiderhin deem normale Parking- oder Verkéiersreglement, wéi een et wëll nennen, soubal déi Bigelen erof sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Äntwerten an da gi mer op eng nächst Thematik eriwwer. D'Taxe ronderëm eis Decheten, dat ass och eng Fro vun der Madamm Thoma. An do äntwert de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Déi Lénk stellt eis dann déi follgend Fro. Si stelle fest, dass mer da säit dem Januar 2023 en neit Taxereglement hunn, fir eisen Hausmüll. Et gëtt gesot, dass mer nieft dem Vidange dann och eng zweet Tax agefouert hunn, dat ass eng Taxe variable, déi sech baséiert op d'Gewiicht vum Hausmüll, an dat kascht dann 0,205 Euro par kilogramme facturé. An eiser Publikatioun ass dann nach dat alles matgedeelt ginn an den 11. November 2020 hunn déi Lénk dann och fir dat Reglement matgestëmmt, well se iwwerzeegt waren, wann d'Leit kënne nom Gewiicht facturéiert ginn, dass se da géife méi recycléieren a méi déi gréng Poubelle kéinte benotzen. Elo ass hinnen awer matgedeelt gi vu verschidde Leit, dass de Pesage vum Gewiicht, dee facturéiert ginn ass, eventuell net ëmmer ganz genee passt mam Gewiicht, wou se mussen effektiv bezuelen. Och wann d'Demande da vun 0,205 Euro pro Kilo net grad héich ass. Trotzdeem ginn et e puer Differenzen an dat wier net da kohärent mat dem Taxenelement.

Follgend Froen hunn se dann eis gestallt: Wéi vill Camionen sinn da mat esou engem System vum Pesage ekipéiert? Dat sinn der effektiv dräi, déi mer am Ëmlaf hunn. An da gëtt geschriwwen, de System vum Pesage ass dekalibréiert. A wéi ass dat dann och kontrolléiert ginn? Do kann ech Iech soen, dass dee leschte Calibrage am Ufank vum Joer 2023 war vun enger däitscher Firma, déi nennt sech Moba MWS Dynamik an déi ass effektiv och kontrolléiert ginn hei am Land vum Service de métrologie légale ILNAS den 23. Mee 2023. An do ass och de Zertifikat vun der Kontroll, dee läit och bäi hei, dat heescht, dee Pesage, dee mir erweien, dat ass effektiv och dee richtegen, deen d'Poubelle beinhalt.



An da kënnt d'Fro: Wéi ginn déi Pesagë facturéiert? Ginn se opgeronnt no uewen oder bis do ronn e Chiffer erauskënnt? Ma facturéiert gëtt Follgendes, et ass jo ganz kloer, dass mol fir d'éischt de Raccordement mensuel zielen, deen ass tëschent 10 an 137,5 Euro, dat ass op de Volume vun der Poubelle noire, an de Vidange ass 0,8 Euro bis 11 Euro, erëm eng Kéier nom Volume vun der Poubelle, an da kënnt d'Taxe variable dobäi an dat ass dann déi Tax, déi elo hei a Fro kënnt, dat ass d'Tax vum Pesage, déi ass wéi gesot 0,205 Euro an déi gëtt effektiv opgeronnt dann. Ech soen Iech e Beispill: Wann Dir elo eng Poubelle erausstellt an do ass 10,4 Kilo, da gëtt e facturéiert op zéng Kilo. A wann d'Poubelle 10,8 Kilo huet, da gëtt se facturéiert op 11 Kilo. Dat ass Usus, och esou opzeronnen, iwwerall, net nëmmen national, och international, an do fanne mir awer elo keng gréisser Problemer, dass mer dat awer esou géifen an Zukunft weiderfueren.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci an dann eebe just, Dir hutt elo gesot, et gëtt opgeronnt, mee dat heescht et gëtt op- an ofgeronnt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Prezisiounen oder Äntwerten. Da si mer zum Schluss vun der Séance publique a mir ginn eriwwer an de Huis clos. •

# LIKE A JAZZ MACHINE

12TH EDITION

## INTERNATIONAL JAZZ FESTIVAL DUDELANGE

## 8 - 12 MAY 2024



**AIRELLE BESSON QUARTET** – TRY
**BARBARA DENNERLEIN · LAURENT PIERRE**
**CÉLINE BONACINA** – JUMP
**CLAIRE PARSONS · ZIV RAVITZ · ERAN HAR EVEN**
**CLAUDE TCHAMITCHIAN** – POETIC POWER TRIO
**CURTIS STIGERS** – THIS LIFE
**DANIEL MIGLIOSI QUINTET**
**DOMINIC MILLER QUARTET** – VAGABOND
**GIOVANNI GUIDI QUARTET** FEAT. **ANDY SHEPPARD**
**JACQUES SCHWARZ-BART** – THE HARLEM SUITE
**JAMBAL**
**LINQ**
**MAXIME BENDER · NAPOLEON GOLD**
**MICHEL MEIS** – KOLIBRI
**NOVA QUINTET** FEAT. **JEFF BALLARD** & **AARON PARKS**
**REGIS MOLINA** – RUMBEKO FREE
**SCHUMACHER · LAMY · DEMUTH · HERR**
**SEBASTIAN ROCHFORD** – FINDING WAYS
**SUN-MI HONG QUINTET** – RESONANCE

WWW.JAZZMACHINE.LU

© Ben Wolf / layout by Bunker Palace

opderschmelz CENTRE CULTUREL RÉGIONAL DUDELANGE

Kultur | lx Arts Council Luxembourg · amarcord · KANTIN · BOFFERDING · DIDDELENG VILLE DE DUDELANGE · sacem Luxembourg · RTL LËTZEBUERG · JAZZ THETIK · jazzwise · ArcelorMittal